



GEMENGENINFO

RAPPORT DU CONSEIL COMMUNAL
DU 29.04.2022

maville

DUDELANGE,
ON DIRAIT
LE SUD

LIEWE WÉI AM SÜDEN



COMPOSITION DU CONSEIL COMMUNAL



Dan Biancalana,
bourgmestre LSAP



Loris Spina,
échevin LSAP



René Manderscheid,
échevin LSAP



Josiane Di Bartolomeo-Ries,
échevine LSAP



Claudia Dall'Agnol,
échevine LSAP



Martine Bodry-Kohn,
conseillère LSAP



Romain Zuang,
conseiller LSAP



Bob Claude,
conseiller LSAP



Alain Clement,
conseiller LSAP



Walter Berettini,
conseiller LSAP



Michèle Kayser-Wengler,
conseillère CSV



Sylvie Andrich-Duval,
conseillère CSV



Jean-Paul Gangler,
conseiller CSV



Jean-Paul Friedrich,
conseiller CSV



Claude Martini,
conseiller CSV



Monique Heinen,
conseillère Déi Gréng



Semiray Ahmedova,
conseillère Déi Gréng



Thessy Erpelding,
conseiller Déi Lénk



Victor Haas,
conseiller indépendant

SOMMAIRE

Rapport sommaire en français	4
1. CORRESPONDANCE	6
2. CIRCULATION	7
2.1. Extension de la vitesse 30 km/h dans la rue du Parc entre la rue Dominique Lang et la rue Pasteur	
2.2. Double sens rue de l'Étang et changement de direction de circulation dans la rue Jean Wolter	
3. FINANCES COMMUNALES	10
3.1. Modification à apporter au règlement communal du 1er octobre 2021 instituant un régime d'aides pour les personnes physiques en ce qui concerne la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables	
3.2. Modifications à apporter au chapitre XXI – Repas sur roues – du règlement-taxes général	
3.3. Approbation d'un contrat de bail commercial pour la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
3.4. Approbation d'actes de vente notariés pour la cession d'emprises à la Ville	
3.4.1. Époux Jeff Majerus-Germaine Weber et Guy Weydert-Nadia Venturini, Madame Michèle Majerus et Madame Liliane Weydert au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue Fany Schumacher	
3.4.2. Madame Anja Bemtgen au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue Laurent Menager	
3.4.3. Madame Trudy Reiff au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue Lentz	
3.4.4. Époux Alberto Manuel Da Costa Pires et Milena Gonçalves Simoes Pires au sujet d'un terrain dans la rue de la Fontaine	
3.4.5. Époux Claude Bemtgen et Anne Spanier au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue de la Paix	
3.5. Approbation d'un acte de vente avec les époux José Cancelinha Chaves et Cidalia Maria Martinho Gomes au sujet d'une parcelle de terrain dans la route de Luxembourg	
3.6. Approbation d'un acte de cession gratuite avec la société « LIDL BELGIUM GMBH & Co. KG. » au sujet d'une parcelle de terrain dans la route de Luxembourg	
3.7. Approbation d'un acte de vente avec les époux Hasib Selimovic et Muzafera Gegic au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue de l'Étang	
3.8. Approbation d'avenants aux contrats de bail avec la Croix-Rouge luxembourgeoise respectivement la société anonyme Munhowen, relatifs à l'exploitation d'un restaurant dans le bâtiment dit « ancien Casino de Dudelange »	
3.9. Approbation du contrat de bail commercial avec la société « Cattitude s.à r.l. » au sujet de la location et de l'exploitation d'un restaurant/brasserie et de l'installation et de l'exploitation d'une micro-brasserie sur l'ancien site industriel NeiSchmelz, Hall Ateliers Locomotives	
3.10. Approbation du devis estimatif relatif à l'installation d'un système d'éclairage LED sur les terrains de tennis	
3.11. Approbation du devis relatif à la mise en peinture de la façade du foyer Diddelfamill	
3.12. Approbation du devis estimatif relatif au réaménagement de la rue des Écoles et de la rue de l'Indépendance	
3.13. Réaménagement du hall vestiaires/wagonnage au site NeiSchmelz	
3.13.1. Approbation du devis remanié relatif aux travaux de réaménagement	
3.13.2. Approbation d'un crédit supplémentaire relatif aux travaux de réaménagement	
3.14. Subsidés extraordinaires à allouer	
4. DÉNOMINATION D'UNE NOUVELLE PLACE AU SITE NEISCHMELZ	32
5. AVIS RELATIF À L'AVANT-PROJET DE RÈGLEMENT GRAND-DUCAL DÉCLARANT ZONE PROTÉGÉE D'INTÉRÊT NATIONAL SOUS FORME DE RÉSERVE NATURELLE ET DE CORRIDOR ÉCOLOGIQUE, LA ZONE « DÄERBËSCH – WAAL – HELLÉNGERBËSCH » SISE SUR LES TERRITOIRES DES COMMUNES DE DUDELANGE, BETTEMBOURG ET ROESER	34
6. PERSONNEL	38
Création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de du groupe de traitement B1, administratif (école régionale de musique)	

RAPPORT SOMMAIRE

Présents : Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre ; Loris Spina, René Manderscheid ; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins. Madame Sylvie Andrich-Duval (à partir du point numéro 6 de l'ordre du jour) ; Monsieur Walter Berettini ; Madame Martine Bodry-Kohn ; Messieurs Bob Claude, Alain Clement ; Madame Thessy Erpelding ; Messieurs Jean-Paul Friedrich (à l'exception du point numéro 3.12 de l'ordre du jour), Jean-Paul Gangler, Vic Haas ; Mesdames Monique Heinen, Michèle Kayser-Wengler ; Messieurs Claude Martini et Romain Zuang, conseillers. Patrick Bausch, secrétaire communal.
Absents : Madame Semiray Ahmedova, conseillère, excusée

Début de la séance publique à 8.00 heures.

1 – CORRESPONDANCE

Il n'y a pas de correspondance à destination du conseil communal.

2 – CIRCULATION

Les décisions suivantes portant modification du règlement général de la circulation de la Ville de Dudelange sont approuvées à l'unanimité :

1. la limitation de la circulation à la vitesse de 30 km/h dans la rue du Parc entre la rue Dominique Lang et la rue Pasteur ;

2. la circulation à double sens dans la rue de l'Etang et le changement de direction de la circulation dans la rue Jean Wolter.

3 – FINANCES

Toutes les décisions ci-après sont avalisées unanimement par le conseil communal :

1. les modifications au règlement communal du 1er octobre 2021 instituant un régime d'aides pour les personnes physiques en ce qui concerne la promotion de l'utilisation rationnelle de l'énergie et la mise en valeur des énergies renouvelables.

Les changements essentiels sont les suivants :

- des aides financières peuvent être demandées à l'avenir pour des réfrigérateurs ou des congélateurs de classes d'efficacité énergétique A – C (anciennement uniquement A) ;

- le recours au service « Taxi-Recyclage », offert par l'administration communale contre paiement de la taxe respective n'est plus le seul moyen éligible pour documenter l'élimination agréée de l'appareil remplacé. Cette preuve pourra à l'avenir aussi émaner d'une entreprise de collecte agréée par l'administration de l'environnement, soit du fournisseur du nouvel appareil ;

2. les modifications au chapitre XXI – Repas sur roues – du règlement-taxes général. Comme suite à l'adaptation du prix du repas sur roues ainsi que le prix de livraison par la société Servior, le nouveau prix d'un repas sur roues livré aux personnes âgées et/ou invalides est fixé à 15,65- € ;

3. le contrat de bail commercial avec Madame Yara Kassouha pour la sous-location d'une partie de l'immeuble commercial, 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte en vue d'y installer un « pop-up store » ;

4. cinq actes de vente notariés pour la cession d'emprises à la Ville, passés avec : les époux Jeff Majerus-Germaine Weber et Guy Weydert-Nadia Venturini, Madame Michèle Majerus et Madame Liliane Weydert au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue Fany Schumacher ; Madame Anja Bemtgen au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue Laurent Menager ; Madame Trudy Reiff au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue Lentz ; les époux Alberto Manuel Da Costa Pires et Milena Gonçalves Simoes Pires au sujet d'un terrain dans la rue de la Fontaine, et les époux Claude Bemtgen et Anne Spanier au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue de la Paix ;

5. l'acte de vente avec les époux José Cancelinha Chaves et Cidalia Maria Martinho Gomes au sujet d'une parcelle de terrain dans la route de Luxembourg, place (occupée) bâtiment à habitation, faisant 5 ares et 73 centiares ;

6. l'acte de cession gratuite avec la société « LIDL BELGIUM GMBH & Co. KG. » au sujet d'une parcelle de terrain dans la route de Luxembourg ;

7. l'acte de vente avec les époux Hasib Selimovic et Muzafer Gagic au sujet d'une parcelle de terrain dans la rue de l'Etang ;

8. les avenants aux contrats de bail avec la Croix-Rouge luxembourgeoise respectivement la société anonyme Munhowen, relatifs à l'exploitation d'un restaurant dans le bâtiment dit « ancien Casino de Dudelange ». D'après les avenants, les contrats de bail sont prorogés jusqu'au 30 juin 2032 ;

9. le contrat de bail commercial avec la société « Cattitude s.à r.l. » au sujet de la location et de l'exploitation d'un restaurant/brasserie et de l'installation et de l'exploitation d'une micro-brasserie sur l'ancien site industriel NeiSchmelz, Hall Ateliers Locomotives ;

10. le devis estimatif, établi par le service communal des sports en date du 12 avril 2022, relatif à l'installation d'un système d'éclairage LED sur les terrains de tennis 1 et 2 pour un montant global de 40'000,- € TTC ;

11. le devis estimatif, établi par le service communal d'entretien des bâtiments en date du 7 avril 2022, relatif aux travaux de remise en peinture de la façade du Foyer Diddelfamill pour un montant global de 24'000,- € TTC ;

12. le devis du 15 avril 2022, établi par le service communal des travaux publics du service ges-

tion et maintien du patrimoine communal, pour un montant de 3'290'000,- €, toutes taxes comprises, pour la partie travaux, ainsi que pour un montant de 460'000,- €, toutes taxes comprises, pour la partie études, relatif au réaménagement de la rue des Ecoles et de la rue de l'Indépendance ;

13. le devis remanié d'un montant de 2'880'000,- € relatif au réaménagement du hall vestiaires / wagonnage au site NeiSchmelz et le crédit supplémentaire de 1'930'000,- € relatif au projet ;

14. les subsides extraordinaires suivants :
Fondation Lëtzebuerger Blannervereenegung / La Canne blanche a.s.b.l. en tant que soutien des activités pour l'année 2022 65,- €; SOS-Détresse en tant que soutien des activités pour l'année 2022 300,- €; Cent Buttek en tant que participation aux frais de fonctionnement 2'500,- €.

4 – DÉNOMINATION D'UNE NOUVELLE PLACE AU SITE NEISCHMELZ

Le conseil communal est unanimement d'accord de donner le nom de « place Thierry van Werveke » à la nouvelle place sise sur le Plan d'Aménagement Particulier (PAP) Centre du site « NeiSchmelz ».

5 – CORRIDOR ÉCOLOGIQUE « DÄERBËSCH – WAAL – HELLÉNGERBËSCH »

Est avisé favorablement à l'unanimité, l'avant-projet de règlement grand-ducal déclarant zone protégée d'intérêt national sous forme de réserve naturelle et de corridor écologique, la zone « Däerbësch – Waal – Helléngerbësch » sise sur les territoires des communes de Dudelange, Bettembourg et Roeser. Par sa même décision, le conseil communal a invité Madame la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable, selon l'analyse de la Ville de Dudelange et comme le demandait déjà l'étude Bio-Monitor, d'étudier la possibilité d'inclure le site Neie Waal également dans le nouveau corridor écologique à créer.

6 – PERSONNEL

La création d'un poste de fonctionnaire communal à tâche complète, relevant de du groupe de traitement B1, administratif pour l'école régionale de musique est approuvée à l'unanimité.

7 – QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

Aucune question n'a été soumise au collège des bourgmestre et échevins.

La réunion se poursuit ensuite à huis clos.
Fin de la séance vers 11.45 heures.



GEMENGEROTSSÄTZUNG VUM 29.04.2022

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Ech proposéieren, dass mer ufänken. Ech géif lech all-eguerten ganz häerzlech hei begréissen an eisem Gemengerot vun haut. Och Verrieder vun der Press begréissen ech, awer och Verrieder vun eise Servicer, déi eis während dem Muere wäerte begleeden. Entschëllegt hunn sech fir haut de Mueren d'Madamm Semiray Ahmedova. Si ass entschëllegt, huet eis elo awer keng Procuratioun zougestallt. Entschëllegt ass och d'Madamm Sylvie Andrigh-Duval. Se huet awer och matgedeelt, dass se géint 11 Auer wäert an de Gemengerot zoustoussen. Dat zu de Formalien.

I. KORRESPONDENZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech proposéieren, dass mer op den éischte Punkt iwwerginn. Do hunn ech mol vu menger Säit aus zwou Informatiounen dem Gemengerot ze ginn. Déi éischt ass, dass de Mobilitéitsminister en Tour duerch d'Land mécht fir de Plan National de Mobilité virzestellen an am Kader vu sengem Tour mécht hien dann och Halt zu Diddeleng. Dat ass jo dann den 20. Juni, ëm 19 Auer owes am Lycée Nic-Biwer. Mir wäerten dann och déi Circulaire, déi mir kritt hu via den Intérieur och un de Gemengerot weiderschécken. Mir wollten awer och déi heiten Informatioun, déi jo awer och schonn an der Press war, awer och nach eng Kéier hei dem Gemengerot matdeelen. Dat mol déi éischt Informatioun.

Dann déi zweet Informatioun. Dir wësst, dass mer net onbedéngt iwwert Themen, déi an der Chamber diskutéiert ginn, hei eng Bis-Diskussioun féieren hei am Gemengerot. Ech wollt awer net virethalen, dass gëschter e Gesetz gestëmmt gouf, dat och d'Stad Diddeleng betrëfft. An ech mengen Dir huet jo matkritt, dass am Kader vun der Hausse vun de Gaspräisser d'Regierung jo d'Decisioun geholl huet, respektiv och d'Chamber gëschter d'Gesetz gestëmmt huet, fir d'Durchlaufgebühr en charge ze huelen. Et ass jo sou, dass et hei zu Lëtzebuerg jo am Fong dräi Fournisseure vu Gas ginn. Dat ass jo Creos, SUDenergie an eben d'Stad Diddeleng, well mir jo Proprietär vum Reseau sinn. Dir wësst jo och, dass mer hei am Gemengerot jo all Joers d'Durchlaufgebühr stëmmen, déi mir da weider verrechnen un Enovos, déi jo dee kommerziellen Deel huet. An de Staat iwwerhëllt, wéi gesot, déi doten Durchlaufge-

bühr. Déi gesamt Enveloppe, déi de Stat hei iwwerhëllt, dat sinn am Fong – also déi gestëmmt gouf gëschter an der Chamber – dat si 35 Milliounen Euro. An et ass eng Estimatioun gemaach ginn. Dat hei ass jo eng Prise en charge vun 8 Méint, vu ronn 1,3 Milliounen Euro, wat d'Stad Diddeleng betrëfft an dat ass haaptsächlech fir d'Kategorie 1. Dat ass de G4 bis de G16. Dat sinn haaptsächlech dann d'Haushalter, d'Menagen. An d'Kategorie 2, G25, G40.

Am Fong déi doten Durchlaufgebühren, déi also dann integral vum Staat iwwerholl ginn a wou deementsprechend net un den Endclient facturéiert wäerte ginn. Wéi gesot, vu dass dat awer gëschter eng Aktualitéit war an eis als Bedreier, respektiv och Proprietär vum Gasreseau direkt concernéiert als Stad Diddeleng, wollt ech awer och hei de Kollegen a Kolleginnen aus dem Gemengerot déi Informatioun matdeelen. Dëst gesot kucken ech hei op d'Kollegen aus dem Schäfferot ob si nach eng Kommunikatioun hunn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP): Ech wollt just dem Gemengerot matdeelen: Dir wësst jo alleguerten, dass mir eng Fairtrade-Gemeng sinn. Mee dee Label muss ee sech all zwee Joer erëm nei erschaffen. An elo dës Kéier hate mer am Mäerz erëm eng Kéier eisen „Audit“ vun der Fairtrade a.s.b.l. a mir hunn och dës Kéier erëm eng Kéier de Certificat kritt, dass mer eng Fairtrade-Gemeng kënnen bleiwen. Dat gëllt vum 31. Mäerz 2022 da bis Enn Joer 2023 an ech zitëiere wat am Certificat steet: „Diddeleng erfëllt d'Critère vun enger Fairtrade Gemeng a konkretiséiert domat sein Engagement fir de fairen Handel. Diddeleng dréit esou zu enger nohalterger Wirtschaft bäi, déi de Mënsch an d'Ëmwelt an Afrika, Asien a Latäinamerika respektéiert.

Mir gratuléieren a soe Merci fir Ären Asaz.“ Wéi gesot, dat muss ee sech alles erëm nei erkämpfen an dat hu mer elo erëm ronn bruecht. An da wëll ech nach drop opmierksam maachen – dat gesitt Dir an Ärer neier Feuille d'annonce – och d'Gemeng Diddeleng wäert erëm dëst Joer hir Semaine Fairtrade organiséieren, vum 1. bis de 15. Mee. An Dir gesitt, wéi gesot, un deem Bliedchen dann och all déi Partner, déi matmaachen an da géif ech proposéieren – Avis aux amateurs – fir do och matzemaachen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci och dem René fir déi dote Kommunikatioun. Dann wiere bei deem dote Punkt fäerdeg.

2. CIRCULATIOUN

2.1. Extensioun vun der Vitesse 30 km/h an der Rue du Parc tëschent der Rue Dominique Lang an der Rue Pasteur

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Mir hunn zwee Circulationsreglementer haut um Ordre du jour. Dat éischt, dat ass, wéi am leschte Gemengerot vum 25. Mäerz versprach, fannt Der haut um Ordre du jour den Avenant zum generelle Verkehrsreglement fir d'Rue du Parc vun der Rue Dominique Lang, Eck Jugendhaus, ebe bis bei d'Rue Pasteur mat Tempo 30 ze reglementéieren. Firwat elo grad op deem Stéck? Ech mengen eigentlech bréicht ech dat elo hei net méi ze widderhuelen, well Dir kennt d'Äntwert genau sou gutt wéi ech. Et ass esou, datt mer do ebe ganz vill Gebäilechkeeten hunn mat Foussgängertrafick, d'Jugendhaus, ech hat et genannt, de Lycée, d'Sporthal, d'oppe Schwämm, d'Maison Relais Schwämm... Do ginn ebe ganz vill Leit zu Fouss an zousätzlech hu mer hei den offizielle Vëloswee tëschent dem Brill an och dem Quartier Wolkeschdall, deen hei verleeft, tëschent der Bierchemstrooss an der Entrée vum Lycée. An ech menge wann dat elo net genuch Argumenter wäerte si fir datt mer vun deene staatlechen Instanzen den OK kréien, da wees ech ganz éierlech och net méi, wat mer nach sollen uféieren.

Eis Servicer kucken iwwregens och nach zousätzlech zur Vitesse, d'Entrée konform ze maachen eben duerch Marquage an och sporadesch Anenkungen, fir datt d'Attraktivitéit fir duerch deen Deel vun der Parkstrooss ze fueren och vill méi kleng gëtt. Falls mer den Accord elo awer net kriteren vum Minister Bausch, da kënne mer e jo op seng Aussoe verweisen, déi en am Kader vu senger öffentlecher Versammlung hei den 23. Mäerz am Centre Culturel gemeet hat zum Quartier Neischmelz, wou e gemengt huet – an ech zitieren – d'Gemengen hätten eng „autonomie totale“ an dese Froen. Mir kënnen e natierlech och den 20. Juni, wann en erfokënnt, wa mer bis dohinner da schonn eng Äntwert hätten, wat ech zwar bezweifelen, dorun erënneren. Mee fir datt mer iwwerhaupt iergendee kënnen drun erënneren, musse mer et fir d'éischt emol hei stëmmen, mir mussen et da mol aschécken an da musse mer mol kucken, wat se eis dann des Kéier dorobber äntweren. An domat géif ech lech bieden, dat heiten ze stëmmen, fir datt mer et kënnen aschécken an op eng Äntwert – positiv - waarden.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Claudia. Froen dozou? Den Här Martini an d'Madamm Heinen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Muss den Här Bausch dann an den [net verständlech] fir dass en duerch déi betreffen Zon eng Kéier ka fueren mat dem Auto?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): D'kéint een et suggeréieren.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Mir stellen deen Dag d'Police dohin a kucke mat wéifill en do fiert.



MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo mir sinn eis jo hei op alle Bänken eens, datt deen Deel tëscht Dominique Lang a Pasteursstrooss op 30 soll erfogesat ginn. Dëst ass jo den zweete Verusch, well et jo vun der staatlecher Verkéierskommissioun verworf gouf. D'Madamm Dall'Agnol huet jo elo och all déi Argumenter opgefouert. Ech wollt just eng Kéier nofroen, wann een dat sou raschéckt, gëtt dann och do en Argumentaire dobäi geluecht? A wa mer dat dann elo geneemegt kréien – wat mer jo hoffen – dat heescht jo dann awer net, dass d'Leit och all mat 30 fueren. Dir huet jo och elo gesot, dass do Verengunge gemaach ginn. Mir haten och nach geduecht, oder och wann et elo net géif geneemegt ginn, dass ee vläicht och kéint op de Wee goen do mat de Säitestroosse Rietsvirfaarten ze maachen. Dat wier jo och nach eng Méiglechkeet fir do d'Vitesse erfokze kréien. An dann eppes, wat mer och scho gefrot hunn a wat och schonn oft Eltere gefrot hunn, well dat ass déi Kräizung Rue Pasteur, well jo do vill Kanner eriwwer vum Wolkeschdall an de Brill ginn, fir do awer vläicht eng Kéier ze kucken, ob een net do kann eng Luucht maachen fir ze drécken. Dat wier awer méi sécher, och wa Kanner mam Vélo vum Wolkeschdall do eriwwer mussen. Dat ass net ganz ongeféierlech, déi Kräizung. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Merci. Ech hale mech och kuerz, well ech mengen et ass scho villes gesot. Et muss ee net nach eng Kéier alles widderhuelen. Ech hu mer ebe just d'Fro gestallt: also mir hunn effektiv Argumenter, an ech huelen un dass dat dann vläicht och bäigeluecht gëtt, well den Här Bausch sech och ëmmer drop behaupt huet, et misst net nëmmen 30, mee et misst och e Konzept dobäi sinn. D'Argumenter sinn do. Ech hoffen, dass elo net dowéinst dee Projet do verworf gëtt, well eben elo nach kee konkrete Plang do ass. Bon, d'Madamm Dall'Agnol huet gesot, et gëtt un esou Saache geschafft, wéi ee nach kann verschidden Zougäng an sou anescht maachen. Also et wier einfach schued, wa mer dat elo net ausgeschafft hätten a mir kréichten et doduerch verworf. Mir kënnen et probéieren an en Argumentaire, wéi gesot, dobäi leeën. D'Iddi mat de Rietsvirfaarten ass eigentlech eng gutt Iddi fir dat nach e bëssche méi ze berouegen. Voilà, mir sinn op all Fall fir d'30er Zon. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, ech ginn nach eng Kéier kuerz op verschide Saachen an, an da kann de Pit Demuth, eise Chef de Service vläicht nach eng Kéier op déi aner Saachen agoen. Also et ass esou:

Dir sot richtig, mir kënnen d'Zon 30 reglementéieren, mir kënnen d'Zon 50 reglementéieren, d'Zon 90, alles wat et sou gétt. Wann den Autofuerer sech net drun hält, dann ass just d'Police zoustänneg, an déi meescht Leit, déi bekäppen et och eréischt wann et och eng Kéier am Portmonni wéi deet. Wa se bis eng Kéier bezuelt hunn, dann hu se et verstanen. Och do, wa mer dat doten elo erlaabt kréien a geännert kréien, da muss een och vläicht nach eng Kéier der Police soen, se solle verstärkt do Kontrolle maachen. En Argumentaire muss u sech net dobäi leien. Et ass awer esou, datt d'staatelech Verkéierskommissioun ganz dacks och emol Visite mécht, respektiv sech och Fotoen ufreet. Ech mengen, de Pit Demuth kann do vläicht am Detail drop agoen. Voilà, ech mengen, Pit, dann kanns du op déi aner Saachen agoen.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Merci Claudia fir d'Wuert. Jo, wéi et mam Argumentaire scho gesot ginn ass, normalerweis leit keen dobäi. Mee normalerweis, wann nach Froe sinn, da mellst sech d'staatelech Verkéierskommissioun bei ons fir dann déi lescht Onstëmmegkeeten ze klären. Entweder gi mer nach eng Kéier sur place oder mir schécken hinne Fotoe no oder och eventuell Pläng. Mat der Verengung, also do hu mer och schonn e puer Iddien. Noutfalls kënne mer déi och bei der staatelecher Verkéierskommissioun nach eng Kéier noreeche, wa se déi froen. Jo, Kontroll, dat ass bei der Police. Mee mir hoffen, dass mir duerch déi Mesuren, duerch d'Angengungen, d'Attraktivitéit esou rofgesat kréien an och d'Loscht erofgesat kréien, fir net méi mat 50 mussen duerch ze fueren, mee mat 30. Et geet jo em d'Sécherheet vun onse Kanner a vu kleng, bis, soe mer mol, grouss, also déi bis an de Lycée ginn.

D'Rietsvirfaarten ass eng Léisung, mee bis elo war ëmmer d'Parkstrooss eng quasi, „Hauptstrooss“ ënner Guillemets, wou am Fong sollt de Flux direkt op eng Staatsstrooss kommen, mee ech mengen, wa mer eng 30er Zon do maachen, da kënne mer eng Kéier driwwer kucken, ob een do d'Rietsvirfaarte mécht. Well an deene meeschten 30er Zonen ass jo ëmmer Rietsvirfaart, da kann een dat do och hei sou uwenden. A wa mer dann déi 30er Zon do geneemegt kréien, da wäerte mer och eng Kéier d'Kräizung Pasteur-/Parkstrooss upaken an da wäert och dee Stroum Richtung Zentrum och e bësschen ugepaakt ginn. Dass dat och net méi sou attraktiv ass. An dann ass och den Zebrasträif erëm méi sécher, wou d'Kanner herno kënnen iwwer d'Strooss ze goen. Dat wier et da vu menger Säit.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Demuth och fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem heite Verkéiersreglement averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmoools merci an da gi mer op dat zweet iwwer.

2.2. Double sens an der Rue de l'Étang an d'Ëmdréie vum Verkéiersfloss an der Rue Jean Wolter

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Dann kéime mer op dat zweet a lescht Verkéiersreglement fir haut. Dir wësst jo, dass mer aktuell amgang sinn an der Rue de l'Étang eng Drockleitung ze verleeën fir d'Schmütz-

waasser vum neie Quartier Neischmelz bis hannert de Réckhaltebecken an der Rue du Nord ze pompelen. Well dëse Chantier dann awer och Afloss op de Fonctionnement vun der Police huet, hunn eis Servicer sech mat der Police getraff gehat fir hinnen och de Chantier ze erklären. An no der Reunioen krute mer vu Säiten vun der Police eng Demande fir de Verkéiersfloss vun der Rue Jean Wolter permanent ëmzedréien a net nëmmen während dem Chantier.

Firwat? Dat géing hir Asätz vereinfachen an hinnen och e besseren Zougang a Richtung Norden vun Diddeleng, dat heescht Biereng, Brill, Ribeschpont, Soibelkaul, Parkstrooss ginn. Wa se ebe vun der Rue Jean Wolter direkt an d'Niddeschgaass abéie kéinten. Well da si se ebe net méi sou ofhängeg vun de Schléisszäiten vun der Barrière. En plus wëlle mer och den Accès aus dem Parking an d'Duerf a Richtung Norden jo och vereinfachen a profitéieren vum Chantier fir an der Rue de l'Étang tëschtent der Rue Jean Wolter a der Plaz am Duerf en Double Sens dran ze kréien. Mir hunn déi zwou Proposen duerch eise Verkéiersexpert a Beroder, de Romain Molitor, préiwe gelooss gehat. An der Verkéierskommissioun vum 21. Mäerz goufen déi Resultater och presentéiert an d'Iddi fir gutt geheescht an aus deem Grond géif ech lech dann och elo haut, wa keng Froe méi sinn, bidden, d'Verkéiersreglement ze stëmmen, wou mer dann eben déi Faartrichtung an der Rue Jean Wolter ëmdréien an en Double Sens an d'Rue de l'Étang maachen.

Ech ginn nach eng Kéier kuerz op d'Reglement an a soen lech vläicht och, wat par rapport zu wéi et elo ass géing änneren. Wéi ech scho sot, de Sens Unique an der Rue Jean Wolter, dee gétt ëmgedréint an d'Vëlofuerer dierfen och géint de Sens Unique fueren. Dowéinst kënnt en Ofbéiverbuet an d'Avenue Grande-Duchesse Charlotte fir eben an d'Rue Jean Wolter. Deen Dräieck an der Wolterstrooss kënnt vun der Rue de l'Étang bei d'Niddeggaass, eben déi nei Sortie. De Sens Unique an der Rue de l'Étang tëschtent der Plaz am Duerf an der Rue Jean Wolter gétt opgehuewen. D'Policespuer verschwënnt a gétt duerch e Chemin Mixte fir Foussgänger a Vëloen ersat. D'Leit, déi vun der Gare komme, kréie Prioritéit par rapport vun deenen, déi vun der Plaz am Duerf kommen. D'Ofbéiverbuet no riets op der Plaz am Duerf gétt opgehuewen. Voilà, dat war elo ganz ganz vill technesches, a fir d'Froen vun deem ganzen techneschen, mengen ech, ass den Här Demuth jo och hei.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Claudia fir déi doten Erklärung, wou awer effektiv gréisser Chagementer, mee awer och par rapport zur Fluiditéit sécher eng Verbesserung duerstellen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech muss elo leider soen, ech hunn do net ganz vill verstanen, wat d'Motivatioun vun der Police ass. Also wann ech elo richtig verstan hunn, fir de Moment ass et jo sou: si fueren géint de Sens Unique an der Rue de l'Étang a kommen hannen bei d'Barrière a fueren da Richtung Norden – huele mer mol un, se mussen op Butschebuerg fueren – an da sot der, dann hu se do d'Barrière. Elo wëilten se gär duerch d'Rue Jean Wolter, dan komme s'ënnen am Shared Space er-

aus, wou schon e puer Richtunge vun Autoen openee kommen, wou vill Leit lafen, an da fueren se do bis bei d'Barrière an da fueren se do op Butschebuerg. Wou ass do den Ënnerscheid? Ech hunn dat elo net richtig matkritt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler. Nach weider...? Dat ass net de Fall.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Ech mengen och, Butschebuerg, do fuere se souwisou net iwver d'Barrière, do fuere se duerch d'Bierenger Strooss an d'Rue Jean Simon, fir einfach dem Risiko net ausgesat ze sinn, d'Barrière ze treffen. Mee haaptsächlech, et ass Richtung Süden geduecht, wa se misste Richtung Quartier Italien fueren. Well do sinn se dann, wann se an der Rue de l'Étang sti bei der Barrière, komme se hanne bei der Rue Jean Jaurès eraus, da komme se net méi duerch. Och wa se do mat de bloe Luuchte kommen, et ass net genuch Plaz do fir dass d'Autoe lénks a riets eng Rettungsspuer maachen. Ech mengen, Richtung Norden, do komme se amfong och d'selwescht wéi haut, mee et ass haaptsächlech och, wa se wëlle Richtung Brill fueren, oder Boujel, Wolkeschdall, do komme se elo besser hin. Richtung Butschebuerg wäert sech net vill ännere fir d'Police. Déi mussen ëmmer do iergendwéi iwver déi Barrière kommen an ech mengen, déi maachen et d'selwescht wéi d'Pompjeeën. Déi fueren och gréisstendeels ënnert der Rue Jean Simon, ënnert der Eisebunn duerch.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Do ass jo awer an der Rue de l'Étang eng honnert Meter virun der Barrière schon eng Stoppspuer fir déi Leit, déi an déi Richtung fueren, déi sollen do stoe bleiwen. An do kënnt souguer de Bus nach laanscht, fir hanne beim Kerzmann ëmzebéien. Do wees ech net, wisou si do lo net laanscht kommen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Also erfahrungsgeméiss, also all Kéiers wann ech eng Kéier probéieren do ze fueren Richtung Gemengeplaz an ech wëll eng Kéier Richtung Gemeng ofbéien, et sinn ëmmer Leit déi d'Stoppschëld do net gesinn an déi bleiwen dann einfach vir stoen a wëllen da riets fueren an déi blockéieren de ganze Verkéier. Also, och wann et schéi markéiert ass, ech mengen, d'Stoppschëld ass jo wierklech wäit ewech, dass een da kéint lénks laanschtfuere, mee an der Realitéit ass et oft net de Fall.

CLAUDE MARTINI (CSV): Ech verteidegen alleguerten déi Leit, déi nom Stoppschëld stoe bleiwen, well du fiers nämlech bei d'Stoppschëld, an da muss de nach 200 Meter weider fueren, an da muss de kucken, ob keen Auto kënnt an dann déi, déi vu vis-à-vis kommen... oder déi vu lénks kommen, déi hunn dann Virfaart, an da geet d'Barrière zou an da stinn zwee Autoen do, an da kanns de net méi réckelen. An dofir stinn déi Leit do. Well ech hu mech am Ufank och iwver d'Leit opgereegt, bis ech selwer eng Kéier do stoung. Et geet guer net aneschters.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Pit. Merci, Här Martini.

PIT DEMUTH (SERVICE CIRCULATION): Jo, also mee dann sti se awer nach ëmmer do vir bei der Barrière, wann awer elo eng Kéier d'Police géif hanne kommen.

CLAUDE MARTINI (CSV): Et ass just d'Erklärung gewiescht.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Also ech mengen du hues Recht. Et ass jidderengem schon eng Kéier sou gaangen. Ech probéieren dann ëmmer, wann ech do vir stinn, dann maachen ech eben nach eng Kéier den Tour, fir net ze blockéieren, fir datt déi aner rauskommen. Ech mengen, iwver deen Eck do hu mer schon honnert Mol hei diskutéiert. Den Eck ass wéi en ass. Do feelt eis e gutt Stéck Terrain fir et besser ze maachen a mir mussen ebe mat deene Gegebenheeten a mat deem Gabarit momentan liewen wéi et ass. Ech menge schon, dass d'Police doduerch vill méi schnell ka sinn, well si hunn dat jo och gepréift. Dofir hu se eis jo och geschriwwen, nodeem de Service Circulation dat erkläre war. An de Romain Molitor, fir déi Leit, déi an der Verkéierskommissioun dobäi waren, deen hat jo och e puer Variante gepréift, an hien huet och erausfonnt, datt dat dote bei wäitem déi beschte Variant wär, sou dass ech géif proposéieren, datt mer dat elo géife stëmmen. A wéi gesot, wann dat senger Liewen wierklech net vill besser wär, da kënne mer gäre jo nach eng Kéier hei driwwer diskutéieren, mee ech mengen, datt mer hinne wierklech géifen domadder en Déngscht leeschten.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Also mir kruten dat jo an der Verkéierskommissioun presentéiert an do war jo awer och d'Argument, dass wann een aus dem Parkhaus erausfiert, dass een dann elo kann no riets fueren. Soss war jo ëmmer nëmme d'Méiglechkeet no lénks ze fueren. A fir eis ass dat wierklech eng gutt Léision, well soss hunn d'Leit ëmmer misste no lénks an dann e ganzen Tour do maachen an dat do verkierzt de Wee. Also fir Déi Gréng fanne mer dat da gutt. Mir stëmmen dat op jiddwer Fall mat.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Genau, dat hat ech jo ernimmt an dat steet jo och esou dran.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): A wa wierklech d'Asätz vun der Police géifen drënner leiden, ech mengen, da sinn si déi éischt, déi eis dat matdeelen, wat d'Rapiditéit vum Asaz ugeet, wa se mussen erausfueren.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): An da verweise mer drop, datt et hire Wonsch war.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et geet jo hei dann ëm d'Sécherheet vun eis alleguerten. Da géif ech proposéieren, dass mer iwwert dëst Verkéiersreglement ofstëmmen. Wien ass domat averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.



3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Modifikatioun vum Gemengereglement vum 1. Oktober 2021 fir d'Afféiere vu Bähëllef fir physeche Persounen bei der Fërderung fir d'rationell Notzung vun Energie a vun erneierbaren Energien

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Hei hu mer eng Modifikatioun par rapport zum Gemengereglement vum éischten Oktober, wat am Fong d'Hëllef ugeet, déi mer ginn, wat d'Énergies renouvelables ugeet. An da ginn ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN): Merci. Firwat déi Modifikatiounen? Ma bon, opgrond vu Ureegung vun eise Bierger a weidere Recherchë vun eisem Ëmweltamt, kënn et elo zu dräi Upassungen an dësem Reglement fir Energiesubventiounen, déi alleguerten den Artikel 2.5. „Déficiences énergétiques des appareils électroménagers“ betreffen. Déi éischt Upassung betrëfft d'Energieeffizienzklasse vun den Tifkilltruhen. Déi solle vun der Gemeng subventionéiert ginn, wann eng al Tifkilltruh duerch eng nei ersat gëtt. Um europäesche Marché ginn et den Ament keng Tifkilltruhen mat den Energieeffizienzklassen A a B. Déi effizientesten Energieklass ass um europäesche Marché am Moment Klass C. Um Lëtzebuurger Marché gëtt et de Moment zwee Geräter vun dëser Energieklass.

Dofir proposéiere mer, d'Energieeffizienzklasse vun Tifkilltruhen, déi solle vun der Gemeng subventionéiert ginn, vun A op A bis C ze erweideren. Bei de Frigoen ass d'Situatioun änlech. Et ginn um europäesche Marché zwar Frigoe mat den Energieeffizienzklassen A a B, awer déi ginn et nach net um Lëtzebuurger Marché. Déi Energieeffizienzklasse um Lëtzebuurger Marché ass C. Hei am Land ginn et de Moment 9 Geräter vun dëser Energieklass: et si sechs fräistoend Frigoen an dräi Abaufrieger. Dofir proposéiere mer hei och d'Energieeffizienzklasse vun de Frigoen, déi solle vun der Gemeng subventionéiert ginn, vun A op A bis C ze erweideren. Mir behale natierlech d'Entwécklung vum Marché am A, a wa méi effizient Geräter vun de Klassen A a B op de Marché komme sollen, wäerte erëm eng Käier dëst Reglement upassen.

Déi drëtt Ännerung, oder vill méi Ergänzung, betrëfft d'Ofhuele vun den aneren Elektro-Haushaltsgeräter, déi duerch neier sollen ersat ginn. Mir erweideren de Passus am Reglement esou, dass déi al Geräter net onbedéngt musse vun eisem Recycling-Taxi ofgeholl ginn, mee och kënnen vun der betreffender Persoun selwer entsuergt

ginn, wa se de schrëftleche Noweis erbréngt, dass se d'Gerät bei engem vun der Ëmweltverwaltung agreéierten Entsuerger ofginn huet, zum Beispill de STEP oder Ecotrel. Déi al Geräter kënnen dann och vum Fournisseur vum neie Gerät ofgeholl ginn, wann deen noweis, dass hien d'Gerät bei engem vun der Ëmweltverwaltung agreéierten Entsuerger ofgëtt. Déi heite Betreiber sinn am Normalfall Member bei Ecotrel a kënnen dat einfach op eng Rechnung hin noweisen. Ech géif da proposéiere, wann Der domat d'accord wiert, déi dräi Upassungen am Reglement virzehuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci dem Ren fir déi dote Präzisiounen. Den Här Gangler an dann d'Madamm Heinen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Ech gesinn do just an deem Passus vun deenen Ofhuelservicer eng Kontradiktioun am Text. Dat heescht, deen éischten Abschnitt schreiw mer: „muss vum Service Taxi Recyclage ewechgeholl ginn“. An dann kënn deen zweeten Abschnitt, an do schreiw mer all déi Entreprises, déi et nach dierfen ewechhuelen. Ech fannen, dass déi zwee Abschnitter sech widdergesprechen, well deen een exklusiv de Service Taxi Recyclage ugëtt, an deen anere gëtt déi aner Servicer un, déi dat och kënnen maachen. Kéint een net deen een Abschnitt „Demandeurs d'aides financières“ mam Service Taxi Recyclage ewechloossen, well e steet jo souwisou an deem Passus hannendrun, an do stinn och all déi aner dran. Ech fannen, dass do e Widdergesprach ass an deenen zwee Texter.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Merci fir d'Wuert. Virgëschter sinn an der Chamber déi nei Offallgesetzter gestëmmt ginn an d'Betribler sollen déi al Apparater zeréckhuele wann een e neie keeft an Zukunft. Dofir ass déi Ergänzung, déi mir haut presentéiert kruten gutt a néideg. Mir haten dat Reglement jo am Gemengrot vum 1. Oktober. Do hat ech eng Interventioun gemaach an drop opmierksam gemaach, datt den Delai fir d'Uschafung vum Electroménager mat 5 Joer zimmlech kuerz ass, datt déi Apparater normalerweis méi laang halen. An ech hat proposéiert fir et erop ze setzen op 10 Joer. Alternativ oder complémentaire hate mer proposéiert, d'Reparatur vun engem futtissen Apparat ze ënnersëtzen mat enger Subventioun. Mir haten eis beim Réidener Kanton inspiréiert. Et war versprach ginn, dat nozekucken a mat an d'Ëmweltkommissioun ze huelen a gegebenefalls bäizefügen. Mir stellen haut fest, dass et net geschitt ass, a mir haten awer am Service Écologique nogefrot, firwat d'Iddi vun der Reparatur fale gelooss ginn ass. D'Ursaach wier, well et praktesch keng Demande géif ginn.

Mir starten elo en zweete Versuch, well mir iwwerzeegt sinn, datt déi Prime awer de richtege Wee ass, en Ureiz ze schafe fir d'Konsumenten an esou eng Demande ze schafen um fräie Marché, no méi Méiglechkeet fir Reparatur no Elektriker, déi dat dann och ubidden. Och wann den Här Martini deemools gemengt huet, et fënnt ee kee méi fir ze reparéieren. Sou hunn ech perséinlech eng aner Erfahrung gemaach mat enger Wäschschinn, déi no enger Reparatur nach e puer Joer gutt gelaf ass. Et geet jo och drëms de lokalen Handel ze ën-

nerstätzen, bei klenger Betriber ze kafen, am plaz an de grouse Chaînen. Déi kleng Betriber bidde meeschtens en onkomplizierten a schnelle Service Après-Vente un. Déi Gréng proposéieren dofir nach eng Ergänzung, déi ech dem Här Bausch gemailt hat, wann hee sou léif wier, déi ze projézieren, mat der Prime fir d'Reparatur. Dir gesitt do zwee Beispiller. Dat éischt ass vum Réidener Kanton, wéi si dat geschriwwen hunn an d'Reglement an dat zweet ass vun Esch. Déi proposéieren och eng Prime fir Reparatur.

An ech hunn elo einfach mol eng Propos gemaach fir Diddeleng. Déi ass ënndrënner. Do hunn ech e bëschen déi zwou kombinéiert. An Dir gesitt, do ass zum Beispill och d'Spullmaschinn dobäi. An d'Subventioun, déi wier all 5 Joer, „à hauteur de 50% du montant des frais de réparation, plafonnée à 100€“. Also dat wäert elo net d'Welt retten, mee et ass awer vläicht e Symbol, wou d'Gemeng ka ginn a vläicht awer fir dat ze promovéieren, och d'Reparatioun. Ech wier frou, wann dat esou nach géint ergänzt ginn am Règlement.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen fir d'Erklärungen an och d'Propos, dat nach ze komplettéieren. Madamm Erpelding an dann den Här Gangler.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo Merci fir d'Wuert. Ech wollt eigentlech op dat änlecht agoen. Also déi Saachen, déi Ännerungen, déi Dir proposéiert, déi sinn natierlech OK, déi kann een esou mat droen. An dat mat dem Recycling Taxi hate mer och souguer ugeschwat den 1. Oktober. Et ass also gutt, dass deen Text geännert gëtt. Ech wollt ebe grad och soen, dass déi Gréng deemools dat geschwat hate vun de Reparaturen, dofir ginn ech elo net an den Detail an. Ech hat och elo net esou en Text preparéiert. Super, dass elo direkt e Modell virläit, well ech wollt eigentlech proposéieren, dass mer et op de nächste Gemengerot verleeën an eis do informéieren.

Ech wollt just e klengen Zousaz ginn, dass säit dem 26. Abrëll, also elo ganz rezent, a ganz Éisträich elo sou e Reparaturbonus agefouert ginn ass, an dee gëtt vun der EU finanzéiert. Ech hu mech elo net ganz am Detail informiert. Also ech hu schonn dat e bësselche nogelies, vläicht kann een dat och eng Kéier kucken, ob een do souguer eng Subventioun kéint kréien, well et einfach eben och drëm geet, fir déi Wegwerfgesellschaft do net ze ënnerstätzen. A jo, et stëmmt, dass vill Saache net reparéiert ginn, mee dat aleng kann jo keng Ursaach sinn fir net esou eppes mat an d'Reglement ze stëmmen. Dofir fannen ech dat eng gutt Propos. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci, just ganz kuerz, wou mer scho bei den Ännerunge sinn. An deem Passus vum Véhicule Léger, do steet „véhicule léger neuf 100% électrique neuf“. Deen ass zwee mol nei; ech mengen eng Kéier géif duergoen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da ginn ech hei d'Wuert weider un de René Manderscheid.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP -SCHÄFFEN): Gutt, da fänken ech mam Här Gangler un. Effektiv, mir sinn eis jo eens, dass mer de Recycling-Taxi dra loossen, respektiv, dass mer och dann deene Profien d'Geleeënheet ginn, wa se den Apparat liwweren, dass se kënne beweisen, dass mer dat dann technesch och esou an deem Règlement upassen. Wann Dir do dee klengen Hick kritt am Text, wäerte mer dat esou upassen, dass dat awer besser ze verstoen ass, dass een déi zwou Méiglechkeeten huet fir kënne säi Gerät ze entsuergen. An da ginn ech bei d'Madamm Heinen iwuer. Dir huet lech scho selwer d'Äntwert ginn, mee ech soen et awer nach eng Kéier op meng Aart a Weis.

Ech si net domat d'accord, dass Der gesot huet, mer hunn dat net gekuckt. Dir huet jo selwer gesot, mir hunn et awer gekuckt. Dat Eenzezt, wat mer net gemeet hunn, mer hu net d'Ëmweltkommissioun geholl, wat a mengen Aen net néideg ass. Hei ass jo am Fong geholl eng technesch Nofro, do musse mer net den administrativen Opwand bedreiwe fir dann och nach d'Ëmweltkommissioun domat ze befaassen. Wat mer versprach hunn, hu mer gemeet. Mir hunn zu Réiden nogefrot a mir si gewuer ginn, effektiv, mer hunn et scho gesot, dass do absolut keng Nofro no sou eppes besteet. Respektiv, et kann ee sech ëmmer nach op de Repair Café nach eng Kéier bezéien, dass déi eventuell do Nofro hunn. Dir huet eis eng Léisung proposéiert, Amalgammen do gemeet mat deenen zwee anere Règlementer. An ech sinn d'accord, dass mir dat esou wéi Dir proposéiert huet hei fir Diddeleng, sinn ech d'accord, dass mer dat kënne sou unisono an eist Règlement iwuerhuelen. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci och nach fir déi doten Äntwert a Präzisiounen. Da géif ech dem Gemengerot proposéieren, ob mer dat doten Règlement mat deelen. Adaptatiounen, déi de Schafferot hei proposéiert, respektiv och d'Ajouten hei, déi d'Kollegen aus dem Gemengerot elo Séance tenate gemeet hunn, ob mer dat esou kéinten unhuelen. Wien ass domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.2. Modifikatiounen um Kapitel XXI – Repas sur roues – vum allgemengen Taxereglement

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op de nächste Punkt iwuer. Dat ass de Repas sur Roues, eng Adaptatioun vun de Präisser an och do gin ech dem René Manderscheid d'Wuert.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, ech ka mech do ganz kuerz faassen. Dir huet et jo an ärem Dossier leien. Et ass wéi all Joers, bei all Indextranche, mécht Servior integral déi circa 2,5% Indextranche, schloe si dann 2,5% op hire Präis drop. A mir als Gemengerot mussen deen Taxereglement hei guttheeschen, respektiv stëmmen, vu dass mir dat jo de Leit dohausse weiderverkafen. An deem Sënn géif ech dann proposéieren, dass mer dann deen heite Montant sou unhuele wéi en hei proposéiert gëtt.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci dem Här Manderscheid. Ass de Gemengerot mat där Adaptatioun averstanen? **Dat ass unanime.** Villmools merci.

3.3. Approbatioun vun engem Contrat de bail commercial fir d'Sous-locatioun vun engem Deel vum Geschäftslokal, 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech op de nächste Punkt iwwergoen. Dat ass de Contrat de bail fir eng Sous-locatioun op 77, Avenue Grande-Duchesse Charlotte. Dat reit sech e bësschen an an d'Kontinuitéit vun eiser Geschäftswelt. Dir wësst, dass mer hei virun e puer Wochen jo leider déi Diskussioun hu misse féiere ronderëm d'Resilatioun vun der Musek Box, déi leider huet jo missen ophale an, effektiv, mer hinne jo och do Rechnung gedroen hunn, well se eben hire Commerce net konnten hale, wéinst der Konkurrenz, déi se am Museksgeschäft hunn, notament op Internet. Dat ass natierlech eng Decisioun, déi mer alleguerten hei am Schäfferot bedauert hunn an doropshin ass awer och eise City-Manager weider aktiv gi fir deen dote Volet ze kucken.

Mir hate jo och schon am Gemengerot gesot, dass mer déi Vitriinn, dass mer dat lokal net wëilten eidel halen, dass een och kéint a Richtung Pop-up goen. Do war och eise City-Manager aktiv nom Depart vun der Musek Box an ass och fënneg ginn. Dofir huet Dir elo och de Contrat de Bail hei virleien tëschent der Stad Diddeleng a Madamm Yara Kassouha, déi e Pop-up huet an och schon am Kader vun der Fréijoersbraderie e bësschen de Commerce genotzt huet an och scho ganz vill Succès hat. Dat hei ass am Fong dann e Contrat de Bail, dee mer mat hir hu fir dräi Méint, wou mer hir dat zur Verfügung stellen. Et muss ee soen, dass se och scho Pop-upen op aner Plazen hat hei am Land, notament och schon zu Déiferdeng. An et sollt am Fong den 1. Mee 2022 ulafen, bis den 31. Juli 2022. An dass mer hei dann, vu dass et e Pop-up ass, e Loyer vun 350€ froen. A si muss natierlech dann och kucken, dass se déi néideg Assurance vu Risque Locatif deementspreechend och hält.

An déi, wou och schon d'Méiglechkeet haten, während der Fréijoersbraderie ze kucken hu gesinn, dass se do ganz flott Produiten hat. D'Madamm ass amgaangen hire Commerce opzebauen, si kënnt aus Syrien an huet och ganz flott Produiten par rapport zu hirem Pays d'origine. Si ass awer, mengen ech, och selwer ganz aktiv. An och déi ganz Konschtwierker, an op där anerer Säit alles wat ronderëm Kichen, ronderëm Vaisselle ass, wat Bijouen ugeet, awer och Kleeder, Poschen, alles ganz flott, ganz faarweg. Dat ass och en zousätzlechen Attrait op där doter Plaz. An och d'Madamm, déi ganz sympathesch ass am Kontakt. Ech mengen och, dass et eng flott Plus-value ass op där doter Plaz fir d'Diddelenger Geschäftswelt. An ech géif dann och de Gemengerot bidden, deemem Contrat de bail zouzestëmme fir déi nächst dräi Méint. Dat sinn Erklärungen, wat dese Commerce ugeet, an d'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Här Buegermeeschter. Selbstverständlech si mer frou, wann eis Lokaler, déi mer ugelount hunn, net eidel stinn. Dat ass ganz kloer. A mer hate jo mat Bedauere festgestallt, dass d'Musek Box huet missen hir Dieren zoumaachen. An dat hei ass eng ganz flott Saach. Dass déi Iddi iwwerhaupt vun de Pop-up Storen gräift, ech mengen, dat bescht Beispill ass d'Firma Blossom, déi mer haten an engem Pop-up Store, déi elo e Lokal hei fest gelount hunn hei zu Diddeleng. Do gesäit een, dass dat awer flott ass, wann jonk Betriber kënnen heihinner schnuppere kommen a sech da froen: „Ass Diddeleng e Marché? Ass dat interessant fir eis?“ Dofir, wéi gesot, fanne mer dat hei ganz gutt.

Mir wollten awer och nofroen, wéi et dann elo ass mat dem Pop-up Store, oder mam Geschäftslokal an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte 31-35? Do hu mer ab 1. November e Kontrakt mat enger Firma, Album S.A., Société CV Invest an déi sollten theoretesch – ab 1. Dezember kruten déi de Contrat de sous-locatioun an do huet et geheescht „imminemment“ géifen se opmaachen. An elo sinn awer scho 5 Méint eriwwer a gesäit et nach ëmmer aus, wéi wann do guer näischt géif stoen. Do ass meng Fro: wéi wäit si mer do? An dann natierlech och: wéi leeft et do? Mir hunn de Loyer elo ab 1. November jo 2200 Euro bezuelt. Et war u sech geduecht, dass mer deen da géifen un d'Firma weiderginn. Huet d'Firma awer och elo dee Loyer dann ab 1. Dezember, wéi et virgesi war, bezuelt? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Ech wäert herno deelweis drop äntwere, well do ass elo net direkte Bestanddeel vun deem Punkt, de mer hei um Ordre du Jour hunn, Detailfroen. Mee ech ginn op verschidde Punkten awer an. Madamm Erpelding.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK):

Jo, merci. Jo, ech wollt och soen, et ass einfach flott, dass sou séier konnt e neie Locataire an dëst Lokal kommen. Ech mengen, do ass gutt geschafft ginn a mer hoffe, dass d'Madamm Kassouha mat hirem Pop-up Buttek Erfolleg huet. Mir hunn déi fréizäiteg Kënnegung vum Kontrakt vum leschte Locataire jo ënner anerem och ugeholl, fir dass ebe séier konnt e neie Locataire gesicht ginn a fonnt ginn. An dass d'Lokal net ze laang eidel steet an dat huet geklappt. Dat ass wierklech flott. Jo, ech wollt e bësschen dat soen, wat d'Madamm Kayser och gesot huet an deem Kontext an och kuerz op déi aner Geschicht agoen. Dass dat Lokal eben ëmmer nach eidel steet. Déi Lenk haten deemools sech enthale bei deem Kontrakt, well mer do scho net esou iwwerzeegt waren vum Locataire, well mer net gemengt hunn, dass déi Ënnerstëtzung vun der Gemeng néideg hätten. Dese Kontrakt leeft effektiv säit dem 1. Dezember. Bon, ech widderhuele lo net alles, mee och mir froen eis natierlech: Wësst Dir firwat de Buttek nach net op ass? Wësst

Fir wéini e soll opgoen? Gëtt de Loyer säit Dezember reegelméisseg bezuelt? Wann neen, wat gedenkt der ze maachen? Wa jo, ma da bestätegt dat d'Positioun vun Déi Lenk, dass des Locataire d'Ënnerstëtzung net wierklech néideg hate vun der Gemeng, wa se kënne 5 Méint Loyer bezuelen ouni eppes ze verdéngen. Voilà,

dee neie Contrat de Bail stëmme mir natierlech mat a kucken da wat mer geäntwert kréien. Merci.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Léif Frënn a Kolleegeen aus dem Gemengerot, ech wëll dann kuerz e Statement vu menger Säit ofginn, vun der LSAP Fraktioun. Ech mengen an der leschter Gemengerotssitzung hu mer alleguerten heibannen der Resiliatioun vum Contrat de Bail zwëschent der Gemeng an der Musek Box, ech géing gär soe, missten zoustëmmen. Mir hate jo an deem Fall keen aner Wal. Mir hunn dat all mat engem gewësse Bedauere gemeet, well mer woussten, dass de Bedreiwler sech wuel gefillt huet hei zu Diddeleng an dass se sech wierklech engagéiert hu fir hire Commerce op laang Siicht hei kënnen ze etabléieren. Dëst ass hinne leider net gelongen a si hu missten opginn. Mee wéi et jo am Volleksmond heescht ass et jo „Des einen Leid, des anderen Freud“, an an dësem Fall huet dat ganz eng Damm d'Dier opgemaach hei zu Diddeleng fir sech hei a Form vun engem Pop-up fir dräi Méint an d'Geschäftsbild ze integréieren. Dass dëst sou schnell méiglech war, kann ee roueg dorop zeréckféieren, dass hei an der Gemeng eng gutt Aarbecht gelescht gëtt fir dass sou mann wéi méiglech a sou kuerz wéi méiglech e Lokal eidel steet. Mir hunn eis politesch de Stempel opgesat, dass mer eis Geschäftszentren wëllen attraktiv halen a maachen a mir brauchen eis an deem Kontext och net no baussen ze schummen.

Wien duerch déi eng oder aner Stad hei am Land trëpelt, stellt gare fest, dass déi Saach mat Wäert op wéineg Leerstand nach laang net iwwerall vun der Lokalpolitik sou wichteg geholl gëtt wéi hei zu Diddeleng. Wie Leerstand wëll vermeiden, muss sech trauen e gewëssene Budget an d'Hand ze huelen a muss sech och e City-Manager wéi mir wëlle leeschten, bei deem mir dann och nach d'Chance hunn, dass e permanent an deem Dossier um Ball bleift. An dësem Fall géing ech och gare behaupten, dass mer hei net nëmmen mat eisem politesche Wëllen engem Chance gi fir e Pop-up dräi Méint hei kënnen ze bedreiwlen, mee mir kënnen souguer vun engem klengen Akt vun Integratiounspolitik schwätzen.

D'Madamm Kassouha ass eng syresch Wittfra, déi säit Joer mat hiren zwee Kanner, déi ewell studéieren, zu Lëtzebuerg wunnt. A wéi ech d'Madamm Kassouha an hirem Lokal besicht hunn, huet se mer e bësschen hir perséinlech Geschicht erzielt an huet mer och hir Produite virgestallt. Si huet dat op franséisch gemeet an op eemol huet se probéiert Lëtzebuergesch ze schwätzen. An ech muss soen, ech hunn alles verstan, wat se mer an eiser Sprooch wollt verzielen. Domat weist och si, wéi staark hire Wëllen ass, sech hei zu Lëtzebuerg an der Gesellschaft ze integréieren. A wéi ech dat interpretéieren, gëtt hire Wëllen zur Integratioun och staark vun den Diddelenger appreciéiert. „Ech konnt souguer scho kleng Frëndschafte knüpfen“, sot se mer, „an et komme vill méi Leit eran, wéi ech mer dat erwaart hat a wat flott ass, meng Kreatiounen gefalen.“

D'Madamm Kassouha ass begeeschtert vun der Chance, déi se hei vun der Gemeng gebuede kritt. „Ech ka net genuch Merci soen“, sot se. „Ech hätt mer ni erdreeme kënnen, dass ech eng Kéier hei zu Diddeleng

d'Chance kritt, fir sou e Loyer kënnen eng Zäit meng Produiten ze verkafen, déi ech selwer herstellen. Mat deene Loyerer, déi haut zu Lëtzebuerg mussen bezuelt ginn, wier dat fir mech ni méiglech ginn.“ Hei schafe mir net nëmmen engem Mënsch d'Méiglechkeet, fir dräi Méint e Pop-up ze bedreiwlen, hei hu mer engem Mënsch d'Chance ginn, weider u sech an un dat, wat se wëll herstellen a schafen, ze gleewen. Si mécht wierklech eng Rei flott Saachen an huet ganz léif Iddien. Hiert Schafen ass eng Konscht aus aler Zäit mat eiser moderner ze verschmelzen. Dat geet vu selwer gebitzte Biller, Cousine, Mappen, iwwer Kierf an Deko fir an d'Buedzëmmer bis zu Ketten a Seefen an an... Seefen, och ganz interessant, déi ginn zu Aleppo a Syrien vun Hand produziéiert aus Naturprodukten an ouni Géiftstoffen op Basis vun Oliven- a Lorbeerueleg no engem Verfaren, wat no hir anscheinend säit 3500 Joer sou praktizéiert gëtt. An hiren eegene Produktiounen verschafft se natierlech Produiten an och deels recycléiert Materialien, deene si en zweet Liewe wëllt ginn, och e ganz nohaltegt Konzept also. Vun der LSAP Fraktioun aus kënnen mer einfach net anescht wéi eisen Accord zu deem Contrat de bail ginn. Ech soen Iech Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Clement fir Är Stellungnam. Nach weider Stellungnamen? Dat schéngt net de Fall ze sinn. Da géif ech op déi verschidde Punkten agoen, mol den Ordre du Jour betreffend. Et ass awer, mengen ech, ëmmer wichteg zum Ordre du Jour ze schwätzen, well soss kënnen mer d'Diskussioun opmaachen an iwwer vill Saachen diskutéieren an da komme mer, nawell net an där Zäit, déi eis zoustee, virun, mee bon. Wéi gesot, generell begréissen ech dann déi Stellungnam, déi hei gemeet gouf, wat de Pop-up Store deementspriedend och ugeet, mengen ech. Et ass vu puer Säite gesot ginn, dass dat heiten e flotte Pop-up ass an dass en awer och eng Beräicherung ass fir d'Stad Diddeleng. Do si mer eis alleguerten dementspriedend hei eens.

Par rapport dann zu der Fro, déi hei gestallt gouf, déi net reng den Ordre du Jour betrëfft. De City-Manager huet mer gesot, dass wat dat anert Geschäftslokal ugeet, dass déi am Laf vum Mount Mee wäerten opmaachen, dass bannendran d'Aarbechten amgaange sinn op Héichtouren ze lafen. Ech hat scho bei enger Fro, déi hei gestallt gouf, gesot firwat dass e Retard wier. Ech widderhuelen et dann hei nach eng Kéier, well och déi dote Geschäftsleit, wat hier Materialien ugeet, gelidden hunn ënner der momentaner ekonomescher Situatioun. Dann ënnersträichen ech dat also nach eng Kéier hei op e neits. An ech hu weder vun eisem City-Manager, nach vun eiser Comptabilitéit eng Réckmeldung kritt, dass se de Loyer net géife bezuelen. Voilà, dat kuerz a knapp dozou. Also och dat leeft. A wann dann d'Ouverture demnächst gemeet gëtt, gesäit ee jo och wéieen Attrait dat dote Geschäftslokal fir Diddeleng huet. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, ech denken, dass et awer den Ordre du Jour betrëfft, well meng Fro war am Fong déi, ob mer dann net sollen an de Kontrakt vläicht e Passus da solle mat erabrëngen, wann zum Beispill een de Buttek net opmécht, gell. Well dat verhënnert jo och, dass aner Leit kéinten an dee Pop-

up goen. Ob een do net soll en Delai ginn, dass wa mer lech dat ginn, wéi elo zum Beispill – bon, d'Madamm ass jo elo hei dran, gell. Mir hunn e Kontrakt fir dräi Méint, mee dass, wa se no annerhalwem Mount zum Beispill nach ëmmer net opmécht, dass dann de Kontrakt null und nichtig wär. Dat ass meng Fro och gewiescht hannendrun: Wéi séchere mer eis of, dass mer net eis Lokaler eben – mir musse jo och 2200 Euro Loyer bezuelen. An do wäere vläit anerer – do ginn d'Leit laanscht a soe: „Ma dee Buttek ass zou, dee gehéiert der Gemeng.“ Ob mer do net sollen an de Kontrakt esou eng Klausel ginn. Vlächicht kann ee sech dat awer mol duerch de Kapp goe loossen. Et muss jo elo net hei sinn, mee awer allgemeng, dass mer eis do awer ofsécheren. Net dass mer méi oft sou Situatiounen hunn, dass een eppes ulount an da geschitt net vill. Well et sinn elo awer scho 5 Méint hier. Dofir war d'Fro. Also ech denke schonn, dass et e bësschen awer an den Thema hei eragepasst huet.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci. Ech wollt vlächicht och äntweren, dass jo hei keng Absicht war, spéit opzemaachen. Et ass jo net eng Absicht vun enger Geschäftsfra, vun engem Geschäftsmann sou spéit wéi méiglech opzemaachen wa se sech gäre wëll lancéieren. Ausser et si Grënn do, an hei ware jo plausibel Grënn, déi mer als Gemeng matgedeelt hunn, déi ech och dem Gemengerot matgedeelt hunn. An heikann ee jo draus d'Konklusioun zéien, dass se dru schaffe fir dass de Commerce opgemeet gëtt. Mir hu jo ëmmer d'Fakultéit hei als Gemengerot e Contrat de bail ze stëmmen a mir nach ëmmer d'Fakultéit e Contrat de bail deementspriechend esou ze stëmmen, dass en opgehewe gëtt. Et ass jo hei dat Gremium, dat déi Fakultéit huet, wann ee mierkt, dass Saache net sou lafe, wéi se solle lafen. Ech mengen déi Libertéit hu mer jo. Déi Autonomie hu mer als Gemeng.

ALAIN CLEMENT (LSAP): Ech wëll och eppes dozou bemierken. Ech hu selwer elo mäi Lokal frësch gemaach an ech muss soen, ech si säit annerhallwem Joer amgaangen gewiescht, éischstens, een ze fannen an dësen Zäiten, dee konnt kommen. Bis dat alles gestanen huet och mat de Banken, och an der Krisenzäit muss ee soen, dat sinn alles Saachen, déi huelen extrem Zäit ewech a wann ech dann higinn, ech kréien déi Chance, ech kréien iergendwou déi Chance eppes opzemaachen an och nach elo an der Envergure hei. D'Madamm Erpelding, mengen ech, huet éischerter ënne vun, wou fréier de Schlecker dra war, geschwat. Dir hutt lech elo op de Pop-Up bezunn. Dat seet sech selwer, sou e Riselokal, do komme Verzögerungen, dat kann heiansdo an d'Méint goen, ouni dass iergend do een d'Schold trëfft. An ech mengen an der jëtzege Situatioun emsou méi. Also ech hunn annerhallet Joer gebraucht bis ech een hat, dee mer dat konnt maachen, wéi ech et gâr gehat hätt an och dass deen d'Materialien erbäikrut. An ech muss wierklech soen, dat hei geet an der Gréisstenenvergure nach komescherweis relativ schnell, wann ech et elo op mech bezéien.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci Här Clement, dass Dir nach eng Kéier ënnersträicht wéi d'Realitéit um Terrain ass. Et schéngt vlächicht net iwwerall ukomm ze sinn, mee mat Äre Wiederder,

mengen ech, ass et elo ukomm. Villmools merci. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat dësem Contrat de Bail fir de Pop-up Store averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.4 Approbatioun vun Actes de vente notariés fir Emprisë vun der Stad

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann géife mer op eng Rei Akten iwwergoen. Ech géif lech vlächicht proposéieren, dass ech vum Akt 1 bis den Akt 5 zesumme géif huelen, well et jo am Fong all Kéiers Emprisen deementspriechend sinn, dass ech déi an engem Block géif presentéieren.

3.4.1 Epoux Jeff Majerus-Germaine Weber a Guy Weydert-Nadia Venturini, Madamm Michèle Majerus a Madamm Liliane Weydert wéinst enger Terrainsparzell an der Rue Fany Schumacher

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Wéi gesot, den éischten Akt, dee mer hei hunn ass tëschent dem Här Majerus an d'Madamm Weber an och Madamm Majerus an och Madamm Venturini an d'Madamm Weydert, hei vertraueden duerch d'Madamm Simon, vis-à-vis vun der Stad Diddeleng. Dat ass am Fong de ganze Stroosseraum, deen a privater Hand ass. Dat ass d'Rue Fany Schumacher, d'Rue Emile Ludwig an An Hauwenpaerchen. Dee ganze Stroosseraum ass a privater Hand a kënnt elo natierlech a Gemengenhand iwwer. Dofir regulariséiere mer dat. An dat kascht d'Gemeng dann 46.312 Euro fir dass dann deen dote Stroosseraum an d'ëffentlech Hand deementspriechend iwwergeet. Dat ass par rapport zum éischten Akt.

3.4.2 Madamm Anja Bemtgen wéinst enger Terrainsparzell an der Rue Laurent Ménager

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da par rapport zum zweeten Akt. Dat ass d'Madamm Anja Bemtgen, déi der Gemeng Diddeleng op Rue Laurent Ménager op Nummer 4 0,07 Ar verkeeft an dat sinn dann 49 Euro an och dat ass d'Integratioun an d'Voirie Publique.

3.4.3 Madamm Trudy Reiff wéinst enger Terrainsparzell an der Rue Lentz

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann ass deen drëtten Akt, dat ass d'Madamm Trudy Reiff, déi der Gemeng an der Rue Lentz eng Plaz vu 0,39 Ar verkeeft. Och hei ass, wéi gesot, e Stéck Trottoir an e Stéck Strooss. Dat sinn 273 Euro. Och dat ass jo hei d'Utilité publique.

3.4.4 Epoux Alberto Manuel Da Costa Pires a Milena Gonçalves Simoes Pires wéinst engem Terrain an der Rue de la Fontaine

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Dann dee véierten Akt. Dat ass den Här Pires an d'Madamm Simoes, déi hei an der Rue Fontaine och en Terrain verkafen. Dat sinn am Fong 12 Zentiar. Och dat an d'Integratioun an d'Voirie publique. Dat war och en Akt,

dee mer am leschte Gemengerot haten, dee mer rofge-
holl hunn. Dir huet gesinn, well do eng Erreur matérielle
war säitens vum Notaire, dee jo do geschriwwen hat,
dass d'Origine vun der Propriété d' Stad Diddeleng wär.
Or ass et jo den Här Pires an d'Madamm Simoes, déi
Proprietär sinn vun där Parzell an der Gemeng verkafen.
An do ass amfong déi Erreur matérielle redresséiert
ginn. Dofir hate mir et deemools vum Orde du jour er-
ofgeholl a setzen et haut drop mam Rectificatif vum
Notaire.

3.4.5. *Epoux Claude Bemtgen et Anne Spanier wéinst
enger Terrainsparzell an der Rue de la Paix*

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

An dann hu mer den Akt tèschent dem Här Bemtgen an
der Madamm Spanier mat der Gemeng Diddeleng. Dat
ass an der Rue de la Paix op Nummer 76 – dat si 0,33
Ar, dat sinn 231 Euro. Och Integratioun an d'Voirie pu-
blique. An da kommen ech op d'Nummer 5. Neen, ech
bleiwen hei elo mol stoe bei deene 5 Akten an da fueren
ech herno weider. Voilà, dat sinn dann d'Présentatiou-
nen dozou. Si Froen dozou?

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Jo, merci. Ech hu just
eng kleng Fro, well ech war nämlech iwwerrascht, dass
déi Stroossen nach alleguer a privater Hand sinn an ech
mengen et ass gutt, dass dat bei d'Gemeng iwwergeet.
An ech wollt einfach froen: ginn et där Stroossen nach
méi zu Diddeleng? Wéi ass et elo dozou komm, dass dat
elo geschitt. Huet d'Gemeng, war d'Demande vun der
Gemeng do, oder vun de Propriétaires a jo, wéi gesot,
ginn et nach méi sou Stroossen, wou d'Gemeng vläicht
kéint kafen? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir déi dote Fro. Nach weider Froen? Dat ass net
de Fall. Jo, et ass esou, dass eise Service Technique,
respektiv dass mer Mataarbechter hunn, déi ganz um
hardi eng Kéier eng Opléschung gemaach hunn. Et
sinn eng ganz Rei Stroossen, historesch bedéngt, déi
a privater Hand sinn. Stroosse, respektiv Trottoiren,
also en Deel vum Stroosseraum. A mer am Fong elo
systematesch dat doten opschaffen, mee och system-
atesch am Gemengerot eben halt Akten hunn, well mer
wierklech ganz geziilt dorobber wëlle schaffen, dass déi
dote Parzellen an d'ëffentlech Hand deementspriechend
gehéieren, well natierlech dann och – wann d'Leit Prop-
rietär bleiwen – si och d'Responsabilitéit hunn. Si sinn
dann Gardien de la chose laut dem Code civil.

Souwisou mengen ech, datt dat doten an d'ëffentlech
Hand soll gehéieren. Dat heescht, datt mer dat dote
systematesch amgang sinn opzeschaffen. Sou dass
och an deene nächste Gemengeréit dat heite wäert
ëmmer feste Bestanddeel ginn. Mee mir hunn eis awer
wierklech dediéiert dat ze maachen. Soss hu mer et
méi systematesch gemeet, wa mer zum Beispill eng
Strooss frësch gemeet hunn, wou eis dann opgefall
ass, dass do Emprisen nach ënner privater Hand sinn
an dann am Fong réischt d'Demarche gemaach hunn
fir deementspriechend dann och en Akt ze maachen fir
Emprisen ze kréien. Hei soe mer, mer waarde net onbe-
déngt drop, dass e Projet entsteet. Hei wëlle mer ein-
fach proaktiv drugoen a kucke wat generell an Diddeleng

nach a privater Hand ass an dann deementspriechend
och jo dann hei och déi 700 Euro den Ar ebe froen, eis
do uleenen jo och un deene Präisser, déi de Stat jo och
bezillt, respektiv aner Gemengen. Voilà, dat ass dann
och dee kleng finanziellen Incentive, dee mer da ginn.

Dëst gesot, kéinte mer vläicht och en bloc déi doten
Akten ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder aver-
stanen? **Dat ass unanime.** Da soe mer lech villmools
merci.

**3.5. Approbatioun vun engem Acte de vente mat den
Epoux José Cancelinha Chaves et Cidalia Maria Mar-
tinho Gomes wéinst enger Terrainsparzell an der Rou-
te de Luxembourg**

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da kommen ech op deen nächste Punkt iwwer. Dat ass
och en Acte de vente tèschent dem Här Chaves an der
Madamm Gomes mat der Stad Diddeleng. An dat hei
ass den Acte de Vente – Dir kënnt lech erënneren, dass
mer den 12. November d'lescht Joer d'Virkaftsrecht
spille gelooss hunn - hei befanne mer eis am Kader vum
PAP Acomé. An den Developpeur vum PAP Acomé huet
do en Terrain kaaft. Dat ass natierlech och, esou wéi
de Pacte Logement dat virgesäit, der Gemeng signali-
séiert ginn, an do hu mer jo och decidéiert, dass mer
d'Virkaftsrecht spille loosse fir mat do Co-lotisseur ze
ginn. An deementspriechend hu mer jo och hei d'Vir-
kaftsrecht als Gemengerot gezunn, dat matgedeelt. An
d'Suite logique ass jo dann, dass dann en Akt préparé-
iert gëtt, wou mer dann och Proprietär ginn en bonne et
due forme vun där doter Parzell.

Dofir hutt Der hei den Akt vum Maître Hellinckx, wou ef-
fektiv den Här Chaves an d'Madamm Gomes der Gemeng
2 Ar a 14 Zentiar verkafen. An dat zum Präis dann vun
107.000 Euro. Ech mengen dat sinn d'Konditiounen vun
der Stee, déi et och am Kader vum Virkaftsrecht waren
a natierlech ass et eng Utilité publique. Dat gëtt dann
integréiert an de PAP Acomé, wou mer dann als Gemeng
mat Co-lotisseur sinn. An Dir gesitt natierlech och dat
Stéck am Dokument vum Gemengerot wéi eng Parzell et
och deementspriechend ass. Dat ass am Fong d'Suite
logique vun der Decisioun vum 12. November d'lescht
Joer. Dat zu den Erklärungen, wat dësen Akt ugeet.
Froen, Remarken dozou?

Ass de Gemengerot dann och mat dësem Akt aversta-
nen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do vill-
mools merci.

3.6. Approbatioun vun engem Acte de Cession gratuite mat der Sociéité « LIDL BELGIUM GMBH & Co. KG. » wéinst enger Terrainsparzell an der Route de Luxembourg

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer op deen nächste Akt. Dat ass éischter eng Cession gratuite. Och dat ass Bestanddeel vum PAP, mee awer vum PAP LIDL, wou och natierlech de ganze Stroosseraum der Stad Diddeleng cedéiert gëtt. Mir hate jo och hei am Gemengerot deem Stroosseraum en Numm ginn. Dat sollt jo d'Rue Arnoldy-Loos sinn. Dat ass jo de Numm, deen déi Strooss huet. An am Kader vun der Convention d'exécution an am Kader vun Travaux d'infrastructure war jo festgehale ginn, wéi gesot, wann de Stroosseraum fäerdeg ass, dass mer deen och kréien. An dat gëtt och hei deementspreechend gemeet. Dofir kann am Fong dee ganzen Deel, dat sinn hei 24 Ar a 57 Zentiar gratis der Gemeng cedéiert ginn. Dat ass am Fong d'Suite logique vum PAP LIDL, wéi gesot, dass de Stroosseraum dann an d'Gemeng iwwergeet. An ech menge wann een all Dag do laanscht fiert, gesäit ee jo, datt d'Aarbechten do op Héichtouren lafen. An ech kann lech hei och schonn d'Informatioun ginn, dass d'Sociétéit LIDL plangt am Laf vum Februar, Mäerz 2023 seng Dieren opzemaachen. Dat ass einfach als kleng Info, wat si eis mol matgedeelt hunn, wat de Chantier ugeet. D'Aarbechte géife gutt virukomme, soe se eis. Mee hei ass dann d'Cessiou vum Stroosseraum, deen d'Gemeng Diddeleng kritt.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Just eng Fro. Wann ech dat do elo sou kucken, mir hu jo och awer och am PAG do eng Zon HAB1 hannendru virgesinn. A fueren dann déi Autoen och duerch déi dote Strooss? Déi déi do bauen, déi Haiser grenzen dann un déi dote Strooss? Ass dat esou?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): De Patrick ka vläicht mol eng Kéier at aspillen. Hu mer e Plang? Dass een dat e bësse visualiséiert? Ech wees net ob dat dobäi elo war. An der Hypothese wou mer deen Deel weiderbauen, da ka natierlech do e weideren Accès effektiv gemeet ginn. Dat heescht am Fong, wann ee vun der Lëtzebuurger Strooss erafiert, do kann e Prolongement stattfannen, bei der zukünftiger Entwécklung vum Areal. Bon, dat ass jo de Moment nach net de Fall. Dofir, hu mer hei déi al Form vum Stroosseraum. Mee effektiv ass d'Iwwerleeung, dass dat eng Kéier ka weidergefouert ginn.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Mee wann déi Strooss ka viru gefouert ginn, déi Parzellen hu mir nach net fir déi Strooss virunzeféieren?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ma neen, do si jo nach aner Propriétaires. Dat ass am Developpement vun deem doten Areal, wou dann déi dote Fro aneschtens effektiv muss gekläert ginn. Jo, absolut. Ass de Gemengerot domadder averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.7. Approbatioun vun engem Acte de vente mat den Epoux Hasib Selimovic et Muzafera Gegic wéinst enger Terrainsparzell an der Rue de l'Étang

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da komme mer och zu engem zousätzlechen Acte de vente, wou Dealer an d'ëffentlech Hand kommen. Bon, dat spillt och eis an d'Kaarten par rapport zu der vireschter Decisioun, déi mer geholl hunn, dass ee vun der Plaz am Duerf, wann een aus dem Parking erausfiert och wëll no riets ofbéien. Dofir hu mer hei deen Akt tëschent dem Här Selimovic an der Madamm Gegic, mat der Madamm Selimovic an och der Stad Diddeleng. Dat ass an der Rue de l'Étang. Dat sinn am Fong 10 Zentiar, wou d'Vente ass fir 5000 Euro, wou natierlech och en Deel vum Trottoir a Gemengenhand kënnt. An dee kënne mer och deementspreechend notze wa mer och beim Ofbéie no riets dat och kënne besser erméiglechen. Mir hu jo haut d'Verkéisreglement ugeholl an deem dote Sënn a sou, mengen ech, kënnt dat heiten eis och deementspreechend zegutt. Dat och zu den Erklärunge wat deen doten Akt ugeet.

Ass de Gemengerot och mat deem averstanen? Jo?

Dat ass unanime. Da soen ech lech villmools merci.

3.8. Approbatioun vun Avenante vun de Contrats de bail mat der Lëtzebuurger Croix-Rouge respektiv der Société anonyme Munhowen, fir d'Exploitatioun vun engem Restaurant am Gebai vum sougenannte „fréiere Casino vun Diddeleng“

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géif ech iwwergoen op den nächste Punkt. Dat ass d'Approbatioun vun engem Avenant vum Contrat de Bail mat der Croix-Rouge, an awer och mat der Sociéité Munhowen. Do ass d'Gemeng direkt betraff. Awer och tëscht der Sociéité Munhowen an dem fréiere Casino vun Diddeleng. Hei geet et ëm de Restaurant, de Loxalis dee jo feste Bestanddeel ass hei, net nëmme vun der Diddelenger, mee och vun der Lëtzebuurger Gastronomie. Dir hutt et hei virleien, dass mer hei Adaptatiounen gemeet hunn. Just als Informatioun: firwat gëtt de Contrat de bail hei verlängert? Well jo do d'Croix-Rouge der Stad Diddeleng normalerweis bis 2028, also fir 15 Joer laang, sollt dee Contrat de Bail sinn. Mir verlängere dee bis 2032. An als Stad Diddeleng verlängere mer och dann de Kontrakt mat der Brauerei. Déi war initial bis Juli 2022, dee sollt also dëst Joer och verlängert ginn. An och déi verlängere mer op 2032. A wat eis elo manner concernéiert, awer indirekt, dat ass, dass och d'Brauerei mat der Sociéité, also mat dem Bedreier vum Loxalis och déi Adaptatiounen gemeet hu bis 2032.

Et ass also eng Suite logique. Et ass, wéi gesot, net Bestanddeel vun den Dokumenter vum Gemengerot hei, mee et ass awer eng Informatioun, déi ech wëll ginn, well et jo awer e bësschen en charade ass vun deene verschidde Contrats de bailen. An dat ass am Fong verlängert ginn. Quitte, dass dat do natierlech an drëschene Dicher war bis 2028, respektiv et sollt verlängert ginn, well jo och eng Rei – wat d'Associéien ugeet vum Loxalis, wou och eng Rei Ännerunge waren an och bei Demarchen, déi se hu misse maachen vis-à-vis vu Kreditinstituter, se jo och deementspreechend eng Rei

Garantië gebraucht hunn, wat de Contrat de Bail ugeet. Eng gewëssen Assurance, eng gewësse Securitëit, wat d'Notzung kann ugoen. An ech mengen, dass dat hei ganz am Interêt ass, net nëmme vun der Croix-Rouge an der Stad Diddeleng an der Brauerei Munhowen, mee och am Interêt ass vum Loxalis. Dat als Erklärung fir wat dass mer dat hei virhuelen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Här Buergermeeschter. Dir hutt schon d'Äntwert ginn op meng Fro, ob d'Brauerei och de Kontrakt mam Bedriewer vum Loxalis och verlängert. Et ass einfach wichteg, wa mer schon en extrem gudden Locataire hunn, oder Sous-locataire am Fong hunn, dee wierklech zur vollster Zefriddenheet vu villen Diddelenger eng ganz gutt Aarbecht mécht, e flotte Restaurant bedreift, dass deen och eng gewësse Planungssécherheet huet och fir d'Zukunft. An Dir hutt d'Explicatioun ginn a mir begrëissen dat heiten explizit a wäerten dat heiten och selbstverständlech matstëmme. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen?

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci, Här Buergermeeschter. Mir schwätzen haut hei iwwer de Contrat de bail, dee vun eisen Awunner vun der Gemeng Diddeleng mat der Croix-Rouge, respektiv der Firma Munhowen ofgeschloss gouf. Dat am Kader vun der Exploitioun vum Restaurant am Gebai vum sougenannten ale Casino zu Diddeleng. Mir schwätzen awer haut och hei iwwer eng Success Story. Den 11.10.2012 gouf nach ënner dem deemolege Schäfferot ënnert dem Buergermeeschter Alex Bodry de Kontrakt mat der Croix-Rouge ënnerschrëwen, déi Proprietär vum Gebai, vum alen Arbedscasino gi war. No verschiddene Projeten, déi dann erëm verworf goufe, gouf zeréckbehalen, datt deen ënneschten Dell, de Rez-de-jardin, also als Restaurant sollt funktionéieren. E Contrat de bail ass deemno ënnerschrëwe gi mat enger Lafzäit vu 15 Joer. Ausserdem gouf als Locataire d'Firma Munhowen fonnt, déi sech dann ëm de Restaurateur sollt këmmere. Esou waren esou wuel d'Croix-Rouge, wéi och d'Gemeng Diddeleng vun där Charge entbonnen. Och hei ass e Kontrakt ënnerschrëwe ginn mat där selweschter Lafzäit.

De Site, de Restaurateur Loxalis mat hirer sympathescher an engagierter Leedung ass net méi ewechzedenken aus Diddeleng. Si sinn e Schmuckstéck an e feste Bestanddeel, wéi schon hei gesot ginn ass, vun der Horeca Offer, déi mir hei zu Diddeleng ze bidden hunn. Hir Clientèle geet weit iwwer d'Grenz vun eiser Stad eraus. A wéi och scho gesot, de Kontrakt, deen elo do ass, leeft bis 2028 – dat ass iwwermer. Fir eng Firma, fir e Restaurateur, deen an dëse schwéieren Zäiten investiert a sech abréngt, ass Planungssécherheet immens wichteg. Et muss ee wëssen, ob a wéi et weidergeet. Et brauch een e verlässleche Partner. An dee Partner wëll dës Majoritéit sinn. Dofir ginn hei elo d'Lafzäite vun de Kontrakter verlängert op 2032, wat weist, wéi gutt d'Zesummenaarbecht an d'Vertrauen hei ass. Mir als LSAP stëmme op alle Fall déi zwee Avenante mat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Madamm Kohn och fir déi dote Bestätegung, wat d'Verlängerung vum Kontrakt ugeet. Nach weider

Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech hei de Gemengerot froen, ob e mat der Verlängerung vun dëse Contrats de bail averstanen ass. **Dat ass unanime.** Villmools merci.

3.9. Approbatioun vum Contrat de bail commercial mat der Societéit « Cattitude s.à.r.l. » fir d'Locatioun an d'Exploitioun vum engem Restaurant/Brasserie an d'Installatioun vum engem Micro-Brasserie op dem fréieren Industriesite NeiSchmelz

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Wa mer vun engem Success Story schwätze kënnen, vun engem Restaurateur, dee scho gutt 10 Joer hei zu Diddeleng ass, hoffen ech, dass mer mat deem nächste Contrat de bail an en neie Gastronom, dee sech zu Diddeleng niderléisst an deen och scho Success Story geschriwwen huet ausserhalb vun Diddeleng, an och Success Story schreift an Diddeleng. Well hei geet et jo drëms dat Gebai, dat de Moment renovéiert gëtt, de Lokomotivatelier – Dir wësst jo, de Moment ass engersäits de Vestiaire Wagonnage an der Renovatioun, wou de Kënschtlerkollektiv DKollektiv jo deemnächst, elo Mëtt Mee, wäert anzéien. An och de fréiere Lokomotivatelier ass an der Renovatioun. Dat si jo am Fong déi zwee éischt Gebaier, déi definitiv Aktivitéiten op d'NeiSchmelz wäerten deementspreechend kréien, nieft all deene méi provisoreschen Aktivitéiten, déi mer bis elo haten an och déi wäerte weiderféieren. De Lokomotivatelier: d'Ausriichtung ass jo déi, dass mer hei e Restaurant kréien an awer och eng Micro-Brasserie. Et ass e bëssen e neit Konzept, dat mer hei an der gastronomescher Landschaft zu Diddeleng wëlle kréien. An dat kann natierlech och e komplett neien Unzéiungspunkt ginn an Diddeleng an och ausserhalb vun Diddeleng. Ech géif och scho mengen hei am Süden an awer och hei an eise kleng Ländchen.

Dir wësst, dass mer – an do ware mer och ganz transparent – an dat muss mer och maachen fir dat dote Gebai, dat an der Renovatioun ass, hu mer missen och fir Bedriewer ze sichen, do hu mer eng Ausschreiwung gemeet, en Appel gemeet. Dat war den 20. November d'lescht Joer. A wou mer dat jo och kombinéiert hate mat Visitten op der Plaz fir dass d'Gastronomen, oder déi interesséiert sinn, sech dat kënnen ukucken. A mir haten eng hallef Dosend Interessenten, déi och op déi Visitte komm sinn, sech dat Ganzt ugekuckt hunn. Mir haten awer just een, deen eng Offer ofginn huet. An dat ass d'Societéit Cattitude, mat där mir hei haut de Contrat de bail wëlle maachen. Cattitude, déi ënner anere och an der Stad aner Restauranten exploitéieren, wéi ënner anere den Urban, de Bazar, de Paname an awer och Béier kommerzialiséieren, notamment Twisted Cat. Dat sinn also Gastronomen, déi wierklech gutt ënnerwee sinn an déi sech natierlech och da fir Diddeleng interesséiert hunn.

Mir haten awer och an der ganzer Ausschreiwung, déi mer gemeet hunn, och kloer de Kader gesat, wat mer vu Konzept plus/minus wëllen oder wat fir eis wierklech en absolute Minimum ass. A wou sech awer an de Lieu integréiert an awer och de Lien ze maachen mat der industrieller Vergaangenheet vun Diddeleng. Den historresche Kader vu NeiSchmelz, dee kennt der. Mee et war

eis awer och wichteg erëm do unzedocken, wat mer fréier hei zu Diddeleng haten. Mir haten eng Brauerei. Mir haten dat Gebai – et gött eng Méiglechkeet eng Brauerei do ze kréien, eng Micro-Brasserie. Mir hunn dat mol ausgeschriwwen. Mir wussten awer net ob ee géing äntweren, mee mir hunn et op alle Fall mol sou ausgeschriwwen, well mer jo och eng Brauerei haten hei zu Diddeleng an der Rue de la Brasserie. Déi heescht jo net fir näischt esou. De Johannisbräu wou mer och hatten, wou bis Métt 70er Joeren jo och aktiv war an och geréiert ginn ass vun der Societéit Funck-Bricher an do jo effektiv d'Dieren zougemeet goufen.

Ech ginn elo net op de ganzen Historique vun der Diddelenger Brauerei an, mee op alle Fall och dat war en Element, dat eis wichteg war mat eranzehuelen. Et war eis awer och wichteg, wann dee Lieu deementspriedend och dohinner kënnt, dass een och ka kulturell Aktivitéiten do maachen an och eng Zesummenaarbecht soll kënne stattfanne mat eisem Service Culturel. An et war eis awer och wichteg, dass ee vläicht och e bëschen e Clin d'Oeil um Niveau vun deem wat ugebuede gött fir ze iessen, mengen ech, nieft enger classescher Kaart, déi ee kann hunn, awer och vläicht dee Lien mécht mat där flotter Publikatioun, déi den DKollektiv gemeet huet iwwer d'Aart a Weis, wéi se op der Schmelz mol giess hunn. Also och déi doten Iwwerleeunge vun deem dote Buch mol mat era kann huelen an d'Kaart. An ech muss soen, dass een an der Diskussioun mat de Bedreier op en oppent Ouer gestouss ass. An dass si sech och ganz kloer doranner gesinn hunn. Sou wéi se och gesot hunn, dass se nieft dem classesche Béier, wou se brauen – ech mengen och dat sinn awer nach ëmmer Geschäftsleit – awer och e Béier wëlle brauen, dee, wéi gesot, och e gewëssenen Numm vun der Stad Diddeleng dréit, respektiv dat ass da Béier, deen hei zu Diddeleng, wéi gesot, ka gebraut ginn.

Wat jo och hei flott ass, dass och herno d'Lokomotiv, déi mer amgang sinn ze restauréieren, d'ADU 6, dass déi jo och natierlech herno an dat dote Lokal gesat gött. Dir kënnt lech och drun erënneren, dass mir jo nach hei am Gemengerot virun e puer Méint och en zousätzleche Kredit gestëmmt hu fir och eng definitiv Renovatioun vun ale Lokomotivatelier ze maachen. Dat ebe fir ze verhënneren, dass wann déi Gastronomen sech do nidderleeën, dass mer an zwou Phasen déi Renovatioun maachen an och de Betrib stéieren. Dofir war dat wichteg an enger Kéier hei déi Aarbechten ze maachen. Also mengen ech hei eng ganz ganz flott Location, déi mer hunn, e ganz flott industriell Gebai, dat valoriséiert gött. A mir hu jo ëmmer gesot, wat d'NeiSchmelz betrëfft, dass déi industriell Gebaier eng Mixitéit vu Funktiounen kréien an hei hu mer nieft engem Gebai wou eng kulturell Funktioun kritt, hei dann e Gebai, wat eng gastronomesch Funktioun kritt. An dofir hate mer jo och, fir deenen Aarbechte kënne gerecht ze ginn, nach eng Kéier hei en Devis remanié nostëmme gelooss den 10. Dezember 2021 vun 3,2 Milliounen Euro fir eng komplett Renovatioun vun Gebai ze maachen.

Also ech ginn op de Contrat de Bail och deementspriedend an. Mir hunn hei e Contrat de bail tèschent der Stad Diddeleng an der Societéit Cattitude, déi hei vertrueden ass duerch déi zwou Gebridder Hickey, déi Ge-

ranten sinn, Gerant administratif a Gerant technique vun der Societéit. Et ass jo och esou – do gi mer och hei am Contrat de Bail nach eng Kéier drop an – et ass jo virgesinn, dass am Laf vum Joer 2023, dass mir jo als Gemeng Proprietär gi vum Lokomotivatelier. Mometan ass jo nach de Fond du Logement Proprietär, mee dat war jo och an deem Kontrakt, dee mer tèscht dem Fond haten, dat hu mer och nach eng Kéier hei dran och gesat. An, am Fong ass dat heite Gebai awer zimmlech grouss. Wann een hält Länge mal Breite, dat si 640m² an dovunner gi 418m² genotzt fir de Restaurant. De Rescht, den Ènnerscheid, 418 a 640, deen Deel gött genotzt fir d'Mikro-Brauerei, also och fir d'Behälter, déi dohinner gestallt gi fir de Béier ze brauen.

An de Restaurant, dat ass eng Kichen, Produktiounskichen, 55m², déi mir als Gemeng stellen – dat war jo och am Devis dran d'lescht Joer, dee mer gestëmmt hunn. Natierlech den néidege sanitäre Beräich an natierlech awer och eng Terrass, déi kënnt, well och am Gebai selwer et och an d'Héicht geet. Vu datt et och en héicht Gebai ass, ginn och Containeren opgesat. Och dat hate mer jo hei visualiséiert, wéi mer d'lescht Joer den Devis hei gestëmmt hunn. Dat par Rapport zum Interieur: Natierlech och en Deel, wou déi Micro-Brasserie hikënnt an natierlech awer och den Deel baussen, dee wäert kënne genotzt ginn och als Terrass an dat sinn och plus/minus 300m². Natierlech, dës Notioun vun der Plaz, dat heescht fir d'Restauratioun an eng Micro-Brasserie an dat Ganzt huet eng Kapazitéit vun 150 Plazen. Also mengen ech, do ass e ganz flotte Potential.

De Contrat de bail, dee mer hei maachen, dat ass 6 Joer, deen zwee mol verlängert ka ginn, also plus dräi, plus dräi, also op 12 Joer. Mir hunn natierlech och hei dragesat an dese Contrat de bail, dass d'Dénonciatioun, wann eng gemeet gött, dass déi 6 Méint virdu muss gemeet ginn, par Lettre recommandée. A wann d'Gemeng géif resiliéieren, dann effektiv och Méint virdrun mat kloere Motiver, dass mer selwer wélten d'Gebai notzen, dass mer d'Locatioun och géifen abandonnéieren, respektiv wann Aarbechten och missten deementspriedend gemeet ginn oder Transformatiounen. Dat war par rapport zum Loyer.

Mir hunn awer och draschreiwte gelooss, dass no dem Terme vu 9 oder 12 Joer, dat ass Terme complet, dass een do keng Justifikatioun deementspriedend brauch. An do war awer och d'Diskussioun par rapport zum Invest, dee getätegt gouf, dass en do 6 Méint Loyer hinne géif och zoukomme loossen als Somme forfaitaire, par rapport zum Investissement an och par Rapport zu deene ganze Froe, wat den Amortissement ugeet. An Expiratioun : no 12 Joer géif eng tacite Reconductioun gemeet ginn, de façon indéterminée. De Loyer, dee mer hei hunn, deen ass natierlech indexéiert, dee wäert den 1. Mee ufänken. Natierlech hu mer hei dragesat, dass de Loyer réischt ab dem 1. September ze bezuelen ass, well mer de Moment jo nach Aarbechte maachen an och d'Gebai nach net kann exploitéiert ginn, quitte dass mer scho kucken déi eng oder aner Tèschenotzung ze kucken, och wa se ganz sommaire ass vun Aktivitéit, och am Kader vun 2022.

Mee, wéi gesot, mir si jo nach mat den Aarbechten amgaangen a mir hunn awer och drageschriwwen – ech menge sou korrekt muss ee sinn – dass tëschent dem 1. September an dem 31. Dezember kee Loyer ze bezuele wär, wa mir als Gemeng an eise Renovatiounsarbechte net géife virukommen, wat mer natierlech net hoffen. Mee ech mengen, do musse mer korrekt si vis-à-vis vu Cattitude s.à.r.l. Wat de Loyer ugeet, deen huet zwee Voleten. Engersäits ass dat de Volet vum Restaurant. Do hu mer gesot, dass dat 4% vum Chiffe d'affaire ass, mee awer mat engem Minimum Loyer vun 3000 Euro de Mount. Dat war e bësschen eng Diskussioun, well si selwer net wossten, zitt dëse Commerce, grad ebe well och Aarbechte nach sinn. 4% ass dat, wat effektiv gang und gäbe ass. Mee mir bezuelen dann awer gären en Deel Loyer, mee komm mir eenegen eis op e Minimum vun 3000 Euro. Dat ass, wéi gesot, fir de Restaurant fir ze kucken wéi deen dréit.

An op där anerer Säit awer fir d'Mikro-Brauerei. Ech mengen, déi ass jo en aneren Aspekt. Do gétt jo och fir d'ganzt Land de Béier gebraut, nieft dem Diddelenger Béier, deen do gemeet gétt mat der Diddelenger Etikett. An do sinn och 3000 Euro, awer fix, déi bezuelt ginn, sou dass mer summa summarum all Mount dann e Loyer hu vu 6000 Euro, deen natierlech dann och indexéiert ass. A mir hunn natierlech och hei eng Klausel dragesat, wat d'Previsioun vum Loyer ugeet, no 6 Joer, respektiv no 9 Joer. Dat heescht zwee Mol am Joer wou reevaluéiert gétt mam Depot vum Bilan a mat der Date anniversaire. Dann hu mer hei natierlech och drageschriwwen, dass mir awer als Gemeng natierlech och de Kontrakt kënnen opléisen avec Effet immédiat, wann de Gestionnaire oder hei de Locataire seng Obligatiounen, déi am Kontrakt sinn, net géif assuméieren. Dann kënne mir natierlech avec Effet immédiat... Da musse mer an de Gemengerot kommen an de Contrat de bail opléisen an do brauche mer natierlech näischt dann ze bezuelen. Natierlech, wann eng Résiliation Judiciaire ass, dann hu mer effektiv hei dräi Méint Loyer. Si mussen och eng Garantie locative ginn, sous forme vun enger Garantie bancaire. Dat par rapport zum finanziellen Deel.

Dann natierlech classesch Proprietär-Locataire. Si bezuelen natierlech de Gas, Waasser, Elektresch, de Chauffage, d'Kanaltaxen, natierlech och déi ganz Poubellen. Dat ass um Locataire dat ze droen. Mer wëssen awer, dass mer hei e Risegebai hunn. Ech hat lech gesot, 640m², dat och an d'Héicht geet. Do hu mer natierlech och gekuckt, wéi mer dat kënnen och nieft der Renovatioun awer och heiztechnesch iergendwéi besser opwäerten. Do hu mer och natierlech eng aktiv Dalle aféieren gelooss a mir hunn amfong an der heiten Diskussioun mat hinne gesot, dass mir provisoresch déi Fraise wat de Chauffage ugeet ronërem d'Dalle active, dass mer dee géifen en Charge huele vum 1. September dëst Joer bis den 31. August 2023, awer dat à titre d'essai. Well mer och guer kee Wäert hunn, wéi vill consomméiert gétt generell. Och si net, also d'Bedreiwer, well et awer méi e grousst Gebai ass wéi déi classesch Gebai, wou mer mol Locataire sinn oder Sous-locataire sinn a wou e Restaurant dran ass. Dat hei ass wierklech e bësschen eng Inconnue, well et ass en industriellt Gebai, dat zwar renovéiert gétt, mee dat elo net classesch isoléiert ka ginn. Ech mengen do feelen eis elo

nach d'Erfahrungswäerter on do hu mer einfach gesot, mer ginn eis do eng Period d'essai, wou mer deen doten Système de chauffage ronderëm d'Dalle active, dat ass plus/minus 20%, wou mir als Gemeng géifen en Charge huelen. De Rescht musse si en Charge huelen a mir géifen dann duerno dat Ganzt deementspriechend reevaluéieren nom 31. August 2023.

Wéi gesot, mir bringe jo eppes mat eran. Dat sinn d'professionell Kichen, de sanitäre Beräich, och d'Vestiairen, respektiv d'Ventilatioun. Dat hu mer an deem Devis am Dezember d'lescht Joer gestëmmt. Un hinnen ass et natierlech dann déi ganz Vaisselle, de ganze Mobilier mat eranzebréngen, sou wéi dat classesch de Fall ass. An d'Gemeng stellt hei am Fong eng Concessioun fir de Cabarettage zur Verfügung. Mir si jo hei e bësschen an enger anerer Situatioun, wéi an eisen anere Restaurante, déi mer exploitéieren, wou jo d'Brauereri de Vermëttler ass. Hei hu mer jo den direkte Kontakt mat de Restaurateuren, an hei stellt dann d'Gemeng de Cabarettage, also d'Concessioun zur Verfügung. De Locataire muss dat hei natierlech en bon Père de famille geréieren. Hie muss och d'Reparation locative en Charge huelen an d'grosse Réparatiounen sinn dann à Charge du Propriétaire. Dat si jo deementspriechend och mir: Wann iergendwellech Modifikatiounen gemeet sollte ginn, déi struktureller Natur oder technescher Natur sinn, da muss dat natierlech mam Accord vum Proprietär gemeet ginn, mam Accord vun der Stad Diddeleng. An all Form vu Sous-locatioun ass natierlech hei expressement verbueden. Och dat steet hei ganz kloer am Kontrakt.

Dann, wat de Concept d'exploitatioun ugeet, ech si vir-drun e bësschen drop agaangen, déi Eckwäerter, déi eis wichteg waren, wat och d'Identitéit vun der Plaz ugeet, par rapport zum ganze Site. A mir hu mat hinnen ausgemeet, dass op d'mannst 5 Deeg an der Woch deen dote Site, also deen dote Restaurant dann och op ass. Un hinnen dann ze kucken, wéi d'Éffnungszäite sinn. Dat kann och méi sinn, mee op mannst, wéi gesot, 5 Deeg. An natierlech eng Präferenz, dass e gudden Deel och scho virum 1. Juni kann amenagéiert ginn. Mir hu jo e puer Rendez-vousen ab Mee bis an de Juni eran, a si hu sech och bereet erkläert fir déi Momenter, déi mer dann och do hunn am Kader vun 2022, och eng Tëscheléisung unzebidden, wou se um Site präsent sinn an eppes deementspriechend och ubidden. Och do ass d'Approche do, fir matzeschaffen, sou wéi d'Approche och do ass, lokal Produiten ze verkafen, regional Produiten awer och Fairtrade Produiten. Dat ass souwisou an hirer DNA als Restaurateuren fir dat och sou ze maachen, nieft de méi typesche Platen, déi se och probéieren unzebidden, wat eben aus dem Buch "Gudden Appetit!" vum Ferro-Forum, deen 2021 editéiert gouf a vum DKollektiv och deementspriechend kënne mat eran ze huelen.

Och d'Iwwerleeung, dass si awer och emol deen een oder anere kulturellen Event kënne maachen an och dat mat der Stad Diddeleng ofstëmme an och do eise Service culturel als Conseiller zu Säit steet fir se och do kënnen ze begleeden. Sou mengen ech, dass wa mer deem heite Kontrakt zoustëmme, mer eng ganz flott, ganz dynamesch Plaz kréien, wou d'Leit sech kënne begéinen hei an Diddeleng a wou e komplett neie Point

d'attract gëtt fir Diddeleng, ausserhalb vum Diddeleng, fir d'Land. An awer an engem Gebai, dat awer e ganz spezielle Charakter huet an also, new „place to be“, géif ech emol hei soen. Wou ee flott Momenter ka verbréngen, mat Frënn, mat der Famill a wou een et sech ka gutt goe lossen, wéi dat hei zu Diddeleng Traditioun ass. Dat zu den Erklärungen. Ech hunn e bësse méi wäit ausgeholl, well et awer méi e substantiell neie Moment ass, wat dës Plaz ugeet. Mir kommen souwiso nach eng Kéier op dës Plaz ze schwätzen zu engem spéideren Zäitpunkt haut de Mueren. Dofir hei d'Erklärung wat d'Unizitéit an d'Partikularitéit vum dëser Plaz ugeet. A voilà, d'Diskussioun ass op an ech hoffen, dass mer hei breet Zoustëmmung kréie fir dëse Projet zesumme matzedroen. Merci.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Also wéi Dir richteg gesot hutt, de Fonds de Logement ass jo momentan nach Besëtzer vum deene Gebailechkeeten an déi ginn herno an enger Cessioun un d'Gemeng iwuer. D'Gemeng mécht awer elo schonn d'Locatioun vum deenen heite Lokalitéiten. An ech hat mech gefrot, firwat hu mer da net och erëm eng Kéier Munhowen gefrot, wéi an deenen anere Restaurants. Mee ech mengen, d'Äntwert läit op der Hand: et hätt ee jo net kënnen eng Mikro-Brauerei maache mat hirem eegene Béier a se dann duerch Munhowen exploitéiere loossen. Sou dass just d'Léisung bliwwen ass, fir en eegenen Exploitant ze fannen. De Restaurant ass jo, wann ech dat richteg verstanen hunn, um Niveau 0 an um Niveau 1, well um Niveau 1 geet just eng Trap erop. Dat heescht mir hunn awer keng Barriären do fir Leit déi schlecht zu Fouss wieren. An et gëtt jo hei och elo net nëmmen Restaurant a Brauerei, mee et ass eis och wichtig – a mir begréissen dat - dass do och eng Vertschréckung mat kulturellen Aktivitéiten ass, mat Evenementer an Zesummenaarbecht mat dem DKollektiv a mat dem Kulturservice vum der Gemeng Diddeleng.

Ech hu mer nach just duerch de Kapp goe gelooss, mee et ass jo elo schonn am Fong ze spéit, well dat ass jo alles scho gestëmmt, wéinst der Notzung vum deene Lokalitéiten do. Déi Containerléisung ass natierlech eng, déi ganz séier an Zeeen ze setzen ass. Par contre, déi Containeren ginn elo net direkt de Patrimoine industriel vum der Diddelenger Schmelz erëm, well do ass et ni Containeren ginn. Wann een elo d'Zäit gehat hätt, wier et net vläicht méi flott gewiescht, wann een d'Opdeelung vum de Räum mat deene rouden Zillen gemaach hätt, aus deenen all déi Gebaier bestinn? Dann déi Bodenkernaktivierung, do wollt ech froen, bei wee kann ech mech wenne fir do nach eng Kéier Detailer ze kréien, well ech hunn net richteg verstanen, wéi dat funktionéiert, an et ass elo hei vläicht net d'Plaz, fir doriwwer ze diskutéieren. Mee wann Dir mer just kënnt verweisen u ween ech mech ka wenne fir technesch Detailer der-vun... et schéngt eng Buedemheizung ze sinn an enger Dalle oder sou, mee ech ka mer näischt Richteges drënnen virstellen.

Da komme mer zu deem Deel, dee vläicht fir verschidde Leit dee wichtigsten ass, an dat ass d'Brauerei. Zu Diddeleng gëtt Béier scho gebraut zënter dem 16. Joerhonnert. Dat ass en interessante Fakt. Dat muss also hei iergendwéi am Buedem sinn. An zu Hagondange

an den Iwwerreschter vum der aler Siderurgie huet sech och esou eng Mikro-Brauerei installéiert, déi och ganz gutt funktionéiert. Dat ass an deem Sënn eng ganz interessant Notzung fir esou en aalt Gebai. Den Eierebuergermeeschter Alex Bodry huet a sengem Artikel am Buch „Centenaire Diddeleng“ geschriwwen: „Auf den Genuss eines schmackhaften Johannisbräu müssen wir heute aber leider verzichten“. A mat deem wat eis elo hei usteet, hu mer vläicht eng Chance, dass mer déi Ausso kënnen contrecarréieren. An dass och dat flott Lidd „Drénkt Diddelenger Béier“ vum Jäng Eifes a vum Willy Goergen vläicht erëm am NeiSchmelz kann erkléngen. Déi aner Fro ass awer just de Numm Johannisbräu. Et heescht jo do, et soll eppes gemaach ginn an Allusioun oder an Uleenung un de Johannisbräu. Lo wees ech net, ob een deen Numm Johannisbräu och ka weider verwenden, well et kéint jo gutt sinn, dass dee vläicht och geschützt wier. An ech wollt just froen, kënnt Dir mer soen, wou deen Twisted Cat, deen déi Leit do elo scho brauen, wou dee gebraut gëtt. Just als Informatioun. Dat ass vläicht interessant.

Ech hat dann de Patrick Bausch gefrot, fir nach e puer flott Ënnermolunge mat ale Kollektibelen ze maachen an ech kucken déi ganz Zäit scho ganz neidesch op der Madamm Heinen hir Fläsch vum der Diddelenger Brauerei dohannen. Do gëtt et da Leit, déi fannen esou eppes einfach an hirem Keller... Fir nach eng Kéier unzabannen un déi gutt al Zäit, do kann ee sech vläicht mat de Biller nach eng kleng Nues voll huelen, wat dat mat der Brasserie de Dudelage op sech hat. Fir de Rescht ass dat awer selbstverständlech: Dat hei ass e flotte Projet vu Gastronomie a Kultur, déi sech verstrécken an dat huet op alle Fall seng Plaz op der doter Plaz a mir kënnen dat heite nëmmen ënnerstëtzen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Här Gangler och fir déi doten Zoustëmmung. Ech géif proposéieren, wa mer dann den éischten Diddelenger Béier drénken, dass Dir dann dierft d'Lidd ustëmmen.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci fir d'Wuert. Am Cadre historique vum dësem Bail gëtt d'NeiSchmelz als Eco-Quartier bezeechent. An en Eco-Quartier kënnt ee jo am beschten zu Fouss, mam Vélo oder mam öffentliche Transport. D'Gare Usines ass och ganz no, mee fir vum Quartier Italien op NeiSchmelz ze kommen muss een nach ëmmer iwuer d'Bréck, en attendant dass iergendwann eng besser Léisung mat Luuchten iwuer d'Route de Thionville méi en direkten a schnellen Iwwergang erméiglecht. Dofir mol e konkrete Virschlag vum eis, de Wee besser ze kennzeechen. Wann ee mam Zuch op der Gare Usines ukënnt, an et ass ee guer net kënneg zu Diddeleng, da muss een dee Wee bei déi Trap fannen fir erop op d'Bréck ze goen. Dat ass net evident, quitte datt déi meescht Leit Google Maps hunn, wäer et awer vläicht net schlecht do dat eent oder anert Schëld opzestellen, och well mer jo elo am Stolwierk déi Ausstellung kréien. Also, mir hu jo elo awer kulturell Veranstatunge vum Esch 2022 op NeiSchmelz an et si jo awer och Leit, déi mam Zuch kommen.

Mir begréisse natierlech déi Iddi vum der Mikro-Brasserie. Dat erënnert un d'Geschicht an d'Brauerei, dat

leit awer och voll am Trend. Ech war kierzlech eréischt op enger Béier Degustatioun an engem Restaurant mat engem Béier Sommelier – ech woussst guer net, dass et dat géif ginn. Also dat ass am Moment ganz am Trend. Mir hunn awer eis e puer Froe gestallt. Nämlech eng ass emol eng ganz pertinent: wou gétt de Béier dann dra geféllt? Dat hu mer elo net direkt am Konzept vum Cadre historique erëmfonnt. Gétt e frësch vum Faass gezaapt an a Glieser servéiert? Oder gétt de Béier a Béchsen oder a Fläschen ageféllt? E gétt anscheinend am ganze Land jo och verkaaft. Eewee oder Méiwee? Fir en Eco-Quartier wier natierlech de Fläsche-Méiwee, wéi et dann och warscheinlech fréier war, déi besser Léiung. Dat bréngt awer mat sech, datt muss och dann eng lokal Spullgeleeënheet do sinn. Mir hunn am Bail erausgelies, datt e performante System vu Recyclage gefrot gétt an och d'SuperDreckskecht fir d'Betribler, mee mir mengen och erausgelies ze hunn, datt de Béier a Béchse geféllt gétt, also Eewee. Bon, Béchse kann ee recycléieren. D'Ecobilanz vu Recyclage tëschent Fläschen a Béchsen wier zimmlech änlech, krute mer op eis Nofro am OekoZenter gesot. Voilà, ginn et och Fässer? Wou kritt een de Béier ze kafen? kéint ee sech och e System virstellen wéi am Ouni, dass ee vläicht op der Plaz seng Fläsch matbréngt an da kann do ageféllt ginn? Dat wier natierlech optimal. An dann hu mer och néierens fonnt, datt Bio-Béier géif gebraut ginn. Dat géif eis natierlech och ganz gutt gefale wann een do kéint Bio-Béier och brauen.

Mir begréissen ausdrécklech, datt op regional a Fairtrade Produiten zeréckgegraff gétt fir an der Restauratioun och déi Iddi vun de Recetten aus dem Buch "Gudden Appetit" fanne mer sympathesch. De Lokomotivatelier wäert e konviviale Lieu de rencontre ginn fir Kulturveranstaltungen. Bon, natierlech ass elo schonn Esch 2022 voll amgang. A wann een elo do kuckt, dat Gebai ass jo awer nach guer net fäerdeg. De Bail leeft u sech dese Sonndeg un. Et brauch een elo kee Loyer ze bezuele bis September, a wann et da nach net fäerdeg ass bis den 1.1.2023. Eng Problematik, wou sech wäert stellen – dat huet den Här Buergermeeschter jo och schonn ugeschwat – dat ass d'Hëtze vun deem grouse Gebai, wat net kann isoléiert ginn. Do gétt da gehëtzt mat enger Dalle active, an d'Gemeng iwwehëlt da mol an éischer Zäit d'Käschten. Duerno gétt adaptéiert. Mir waarde jo och nach ëmmer op d'Geothermie. Do wollt ech mol nofroen: gétt et do schonn e Fortschrétt? Gétt et do eppes Neies? An dann eng lescht Fro: ass scho gewosst, wéi dat Ganzt soll heeschen? Ech hunn iergendwou gelies "Blue Pub". Ass dat elo de Numm vun där Mikro-Brasserie oder net? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci, Madamm Heinen. Nach weider Stellungnamen?

WALTER BERETTINI (LSAP): Här Buergermeeschter, Merci fir d'Wuert. Léiwe Schäfferot, léif Gemengeconseillere, dat wat ech schonn an der Gemengerotssetzung vum 11. Dezember 2021 erwänt hat, an zwar, dass d'Gemeng en Opruff mécht fir op dem ale Site nei Industrie, NeiSchmelz an der Lokomotivhal, eng kleng Restauration an eng Mikro-Brauerei anzubauen, gétt mat deser Approbatioun vun engem Contrat de bail mat der Societéit Cattitude realiséiert. Wat mer och den

11. Dezember festgehalten haten an net onwichtig ass ze widderhuelen ass, dass des Majoritéit och de Wee gaang ass, fir d'Renovatiounsaarbechten an d'Restauration an enger Kéier ze maachen a net, wéi ursprüngelech, an zwou Etappen. Dëst virun allem fir dem Exploitant vum Restaurant a vun der Mikro-Brauerei, deen des an Zukunft soll féieren, entgéint ze kommen. Indeed, bei zwou Phasen hätt den Exploitant misse seng Aktivitéiten ënnerbriechen, an dat ass fir e Commercant definitiv guer net gutt.

Fir desen innovativen a nohaltege Projet, welche mir am Dezember 2021 parteiwwergräifend gedroen hunn, schlussendlech kënne mat Erfolleg ofzeschléissen, hu mir am Budget fir dëst Joer eng Zomm vun 3.250.000 Euro gestëmmt a virgesinn. Dir Dammen an Dir Hären, mir schwätzen hei net vun engem kleng Bistrot, sondern vun engem Restaurant mat 400m² Fläch intern an enger Terrass vun net manner wéi 300m². Dozou gesellt sech eng ekipéiert Kichen an eben déi ugeschwate Mikro-Brauerei.

Zur Brauerei sief et mer erlaabt ze soen, dass mir Mëtt 30er eng Brauerei zu Diddeleng haten. Mir hate schonn driwwer geschwat. Mom Sproch „Onse Béier, deen ass gutt“, dee kënnt am Fong geholl vun do. Wat mir haut nach hunn, ass ebe just nach déi Strooss mat dem Numm „Brasserie“. Du gouf d'Brauerei 1942 temporär zougemaach, fir duerno 1964 nach eng Kéier 6 Joer laang ebe Béier ze produzéieren. Dat elo 50 Joer méi spéit gewënschent gastronomesch Konzept, dat mir hei ëmsetzen, huet ënner anerem och d'Ambitioun, d'lokal Béiergeschicht erëm opliewen ze doen. Dëst eben andeems nieft eben dem Restaurant-Brasserie an der Lokomotivhal um Site NeiSchmelz eben déi erwänte Mikro-Brauerei integréiert gétt. Zu der Societéit Cattitude sief folgendes gesot: et ass keng Societéit, déi onbekannt wier – ganz au Contraire. Et gouf och schonn erwänt, si bedreift ënner anerem eng ganz Partie Gesellschaften an der Stad an huet definitiv Erfahrungen an deem Beräich. Also kloer ass, an der Stad sinn hier Bistrotten a Restauranten op all Fall the place to be.

Ganz interessant fir Diddeleng gétt et dann, wann d'Clientèle, wat och gréisstendeels déi jonk Generatioun ass, sech dann an engem Lokal trëfft, wou fréier eis Schmelzaarbechter geschafft hunn. Sou dass och dese Lieu ee wäert ginn, wou ee sech wuel fülle kann, mee wou een och d'Geleeënheet sollt notzen fir de Jonken d'Geschicht vun der Schmelz méi no ze bréngen. Well mir hu schliisslech eise Wuelstand hei am Land och der Schmelz ze verdanken. Genau wéi all déi aner Lieuen um Site vun der Schmelz, wéi den Urban Garden, d'Innovation Group, de Streetball Terrain oder Teqball, voire Verkéiersgaart oder d'Piste cyclable fir nëmmen déi ze erwänen, fällt dese Lieu och an d'Konzept vum Erhale vun eisem räiche Patrimoine a mir maachen et mat deem Ervirgoen der aktueller Generatioun méi zougängelech. Op jidde Fall eng gutt Saach. Mir als LSAP Fraktioun droen d'Decisioun betreffend de Contrat de bail voll mat. Merci fir d'Nolauschteren.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci Här Berettini fir och déi doten Zoustëmmung.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNCK): Jo, merci fir d'Wuert. Et ass scho ganz vill gesot ginn, dofir wëll ech och net alles widderhuelen. De Contrat de bail, deen ass ganz detailléiert a mir fannen et ganz gutt, dass u villes geduecht ginn ass a villes och dodranner festgehale gëtt, ob dat elo zu de Wueren, Menüen, Öffnungszäiten, Zesummenaarbecht mam DKollektiv... Ech mengen, ech zielen elo net alles op. De Buergermeeschter huet dat ganz detailléiert gesot. Also t'ass wierklech ze begrëissen. Mat den Heizungskäschten do mat der Dalle, dat ass effektiv méi speziell. Dass do elo d'Gemeng d'Käschten iwwerhëlt dat éischt Joer, mee et liicht awer an, wann ee keng Erfahrungswärter huet, dass een op dee Wee geet an dat dann duerno evaluéiert gëtt. Et ass mer just eppes opgefall. Bon, dat ass elo net direkt fir dese Kontrakt. Et steet jo dran, et ass jo opgedeelt d'Restauratioun, also de Restaurant an d'Mikro-Brasserie, an d'Loyere sinn och gedeelt.

A gutt, fir dese Contrat de bail ass et kloer, mee mir hunn eis awer d'Fro gestallt, ob dat ëmmer e Package bleift oder ob dat eventuell virstellbar wier, wann zum Beispill e Locataire deen een Deel just wëll maachen an deen anere net, ob dat spéider kéinten zwee Locataire sinn. Wuelwëssend, dass alles an engem Gebai ass an dat wier, mengen ech, schwierig. Mee dat betrëfft elo net direkt dese Contrat de bail. Dann am Text, d'Madamm Heinen huet et gesot, hunn ech och de Numm „Brewpub“ gelies ënner Gänseféisercher an ech wollt eben och froen, ob dat just elo eng Benennung ass oder ob dat effektiv de Numm vun der Brasserie ass, einfach interessehalber. Ech mengen, déi grouss Fro, déi sech eis all stellt, dat ass, wéi séier d'Aarbechte kënne weidergoen, wéi séier se fäerdeg sinn an ob den Datum vum 1. September realistesch wäert sinn. Dat gesi mer dann. Loosse mer eis iwwerraschen. Also op all Fall wäert dat eng ganz flott Plaz ginn. Et ass e flotte Site an et wäert eng Beräicherung fir Diddeleng ginn. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Erpelding. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Dann virop emol, lech alleguerte merci, dass Der d'Ausrichtung hei vum Projet an och vum Kontrakt, dat wat alles am Kontrakt dran ass, dass Der dat och begrëisst. Ech wollt vläicht opgräifen, wat den Numm vum neie Restaurant ugeet. Ech mengen, dee léiert een eréischt kenne ganz zum Schluss. Ech mengen, dat ass och e bësschen eng Strategie... Dat ass de Suspens, deen dee bleift. Dat heescht, et ass e Blue Pub, dat ass e bësschen eng Terminologie, déi genotzt gëtt. Et ass net de Numm vum Restaurant an och vun der Brauerei. Ech mengen, de Restaurateur deen hält sech dee Suspens bäi an, effektiv, wéi dat oft jo dann ass, dat ass éischer déi kommerziell Strategie, dass een dee réischt da lancéiert wann et richtig opgeet.

An ech mengen et soll jo och e Numm sinn, deen och an de Kader passt. Dat selwescht och wat de Numm vum Béier ugeet. Ech menge, mir iwwerhuelen do elo net 1:1 Diddelenger Johannisbräu, mee ech mengen och do wäert awer eng Allusioun op Diddeleng gemeet gi mat deem Béier, wou do gebraut gëtt mat Diddelenger Waasser. Et muss ee soen, dass de Moment d'Produktioun vun Twisted Cat, deen een och an de Supermar-

chéie fënnt, d'ailleurs och an de Béchsen, dee gëtt zu Déiferdeng, an am Fong gëtt déi ganz Produktioun vun Déiferdeng op Diddeleng, wou och méi Kapazitéit, wou méi Méiglechkeeten och fir si sinn, wat och d'Produktioun vun Béier ugeet. Dat par rapport elo zu den Nimm.

Dann, generell déi Remarken, déi gemeet goufen zum Braue vum Béier selwer. Ech mengen, et ass um Gastronom, dee jo elo scho säit enger ganzer Rei Joren ënnerwee ass, wéi all Gastronom, ze kucken an ze préiwen, ob e wëll Bio-Béier brauen oder net. Do kënne mir net draschwätzen. Ech menge, mir hunn ëmmer nach eng Liberté de commerce. Dat ass emol dat eent. Dat anert ass, ech ka ganz gären d'Iwwerleeunge mat huelen, dass een do de Béier kann opfëllen. Ob dat eng Realitéit gëtt, ob dat machbar ass an ënner wéi enger Form dat machbar ass, och dat muss een nach préiwen. Et ass net alles machbar wat een hei vu Wënsch huet, sou schéin dat klänge mag. Mee mir hunn och hei Saache ronderëm eng gewëssen Hygiène, eng gewëssen Prozedur fir Béier ze brauen.

Ech mengen, dat muss gewäerleescht sinn. Ech huelen d'Iddi ganz gäre mat. Wann d'Méiglechkeet besteet, kann een dat ganz gäre mat hinnen zesummen ëmsetzen. Nach ass ze préiwen ob dat apunkto sanitäre Messuren och machbar ass. Dann, par rapport zu der Plaz selwer. D'Plaz kritt jo am Laf vun deem Gemengerot en Numm. Ech wëll deem elo net virgräifen, mee ech mengen och dat dréit dozou bäi herno an der Kommunikatioun, dass ee, wéi gesot, déi dote Plaz ouni Problem wäert fannen. An et misst lech awer opgefall sinn, dass mer generell, wa mer kulturell Veranstaltungen maachen hei an Diddeleng, dass mer d'office indiquieren, wat d'Weeër sinn fir op déi kulturell Veranstaltungen ze goe mam ëffentlechen Transport, an dat wäert och am Kader vun 2022 de Fall sinn, well dat Dir hei deementspriedend och ugeschwat huet.

Wat elo déi raimlech Opdeelung ugeet, ass dat hei am Fong e Wee, dee mer gaange sinn, engersäits mam Architekt, deen eis begleet huet, wat d'Amenagement an d'Renovatioun ugeet vum Lokomotiv Atelier an awer och d'Conceptioun vum Gastronom. Ech mengen, dat ass en Zesummespill tëschent deenen zwee. A mir hunn hei eng grouss Fläch vu 640m², déi genotzt gëtt, mee mir hunn awer och e grousst Gebai. Bon, firwat notze mer et och net an d'Héicht? Well mer effektiv do e gewëssent Potential hunn. Da komm mir notzen et och aus. An ech mengen, och dat bréngt eng gewëssen Partikularitéit och mat, wat déi dote Location ugeet. Wat méi déi technesch Informatiounen ugeet, déi ee ka kréien ronderëm déi Bodenaktivéierungsdalle, dat ass am Fong eise Mataarbechter, dee generell um Projet aktiv ass ronderëm de Lokomotiv Atelier, den Här Repusic, deen och do eng ganz Rei Donnéeë ka bréngen. Mir kënnen och dat ganz gären dem Gemengerot och noliwweren. Ech menge, mir huelen dat mat, a kënnen dat och deementspriedend dem Gemengerot zoukomme loossen.

Dann, par rapport zu dem Loyer, wou eng Fro war. Also d'Iddi ass schonn, datt hei de Loyer net gespléckt gëtt an zou Entitéiten, also déi dann och d'Gestioun maachen. Et soll schonn een Exploitant deementspriedend och sinn. Dat anert géif e bëssche méi schwierig

ginn, ausser et wäeren zwou Entitéiten, déi awer där selweschter Societéit gehéieren. Mee wann een zwee komplett verschidde Locataireen hätten, dat géif schwie-
reg ginn, och am Zesummespill. Da war nach eng Fro par rapport zu der Geothermie. Ech mengen, dat sinn am Fong d'Prozeduren, déi lafen um Niveau vum Energieministère, déi Geneemegunge musse ginn, fir dass déi nächst Phase kënnen an Ugrëff geholl ginn. Dat hat ech schonn eng Kéier hei virun e puer Méint gesot, fir déi zweet Phas vu Geothermie och kënnen ze maachen. Ech mengen, ech hat probéiert, op déi verschidde Froe, respektiv Remarken, déi gemeet goufen, anzegoen. Ech mengen, ech hat näischt vergiess.

Dëst gesot, géif ech da proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deem Contrat de bail, sou wéi mer en hei diskutéiert hunn, averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools merci. A mir freeën eis natierlech, déi dote Plaz zesumme kënnen opzemaachen.

3.10. Approbatioun vum Devis estimatif fir d'Installation vum enger LED-Belichtung op den Tennisterrainen

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann géif ech op de nächste Punkt iwwergoen. Dat ass en Devis fir eis Tennisterrainen. Da géif ech hei dem Loris Spina d'Wuert ginn.

LORIS SPINA (LSAP - SCHÄFFEN): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Léif Kollegen aus dem Schäfferot, léif Leit aus dem Gemengerot. E weidere Punkt, dee mer an der Budgetsdebatt ugekënnegt haten, beziehungsweise an eisem Dokument och do erëmfannen. Hei ass en Devis ze stëmme fir 40.000 Euro fir op eisem Tennisterrain fir zousätzlech Belichtung ze suergen. D'Iddi dohannert ass natierlech, ass, wann d'Wieder et erlaabt, och wann et da schonn e bëssche méi deischer ass, dass déi zwee éischt Terraine kënnen genotzt ginn. Den Tennisclub, dee wierklech an deene leschte Joere ganz vill Efforte gemaach huet a wou och deementspreechend Succès huet, sou dass et ëmmer méi flott ass, wann déi Terraine kënnen nach e bëssche méi laang genotzt gi wéi an der Vergaangenheet. An do ass déi Iddi eben opkomm vun deenen zousätzlechen LED-Luuchten hei ze installéieren. An et ass och sou, wéi hei am Dezember ugekënnegt, dass déi Luuchten herno kënnen mat deplacéiert ginn, wann den Tennis mat der ganzer Infrastruktur eriwwe op de Kennedy plënnert. Da kënnen mer déi heite deementspreechend mathuelen. An dat ass och zesumme mam Veräin erausgesicht ginn, sou wéi dat de Service des Sports üblecherweis och mécht. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci dem Här Spina fir déi doten Erklärungen. Froen zu deem Devis? Dat ass net de Fall. Da géif ech proposéieren, dass mer doriwwe ofstëmmen. Wien ass mat deem Devis an der Héicht vu 40.000 Euro averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.11. Approbatioun vum dem Devis fir d'Usträiche vun der Fassad vum Foyer Diddelfamill

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Dann hu mer en Devis virleien vu 24.000 Euro, an dat ass fir d'Fassad vum Foyer Diddelfamill frësch ze maachen. An deem Devis fannt der engersäits de ganzen Echafaudage, awer och déi ganz Preparatiounen, déi musse gemeet ginn an dann och d'Mise en peinture. Wéi gesot, 24.000 Euro hei den Devis. Dat ass e bësschen d'Exekutioun vum Budget, dee mer fir dëst Joer gestëmmt hunn. Ass d'Gemeng dann och mat deem Devis averstanen? Madamm Heinen, Dir huet eng Fro?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): E Statement. Also mir haten ugefrot beim Här Freitas, ob net och eng Isolatioun vun der Fassad méiglech wier, wa schonn nei ugestrach gëtt. Mir kruten awer du gesot, datt dat net méiglech wier, well et ze no bei der Voie publique ass. Et wier just eng Déckt vu 4 cm méiglech. En zweete Grond wieren déi kleng Fënsteren an eng Isolatioun géif ze vill Luucht ewechhuelen. Mir fannen et schued a, bon, et ass dann eben esou. Et huet eis awer och zu der Iwwerleeung bruecht, datt mer jo hei zu Diddeleng awer vill Heiser hunn, déi op der Voie publique sinn, an dann ass jo do iwwerall keng Isolatioun méiglech. A wann een elo d'Energiepräisser kuckt, déi esou an d'Luucht gaange sinn, da gëtt dat richteg deier, wann ee säin Haus da net kann isoléieren. Also dat ass jo och fir d'Gemengegebaier esou, an dofir menge mir, dass och wierklech eng gutt Energieberodung och fir eis Gemengegebaier wierklech an Zukunft ganz wichteg gëtt, fir datt kënnen och aner Piste fonnt fir d'Haiser dann awer méi energieeffizient ze renovéieren. Dat war de Statement.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci Madamm Heinen fir Äre Statement. Nach weider Stellungnamen? Jo, also wéi gesot, natierlech, do wou een eng Isolatioun ka maachen, do probéiert een dat. Ech verstopen lech awer net, datt mer och scho mol Diskussiounen haten an der Bautekommissioun – an ech mengen Dir huet jo och Verrieder an der Bautekommissioun - wou Leit schonn eng Demande gemeet hu fir kënnen hier Fassade ze isoléieren, mee wou effektiv duerch d'Déckt vun der Isolatioun dat eriwwe geet op d'Voie publique an dass mer effektiv dat net kënnen maachen. Et ass awer éischer eng Minoritéit, mee et sinn awer Situatiounen, déi mer sou haten. An dat ass och dat, wat dann och aner Problemer mat sech bréngt, wann een dat géif geneemegen. Mee et ass éischer eng Minoritéit, et ass éischer eng Ausnam, wéi d'Regel. Dat wollt ech elo hei awer nach eng Kéier preziséieren.

Ass de Gemengerot mat dësem Devis averstanen? 24.000 Euro? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.

3.12. Approbatioun vum Devis estimatif fir de Reamenagement vun der Rue des Écoles an der Rue de l'Indépendance

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Da géife mer iwergoen op den Devis, wat d'Reamenagement vun der Rue des Écoles an d'Rue de l'Indépendance ugeet. Dat schreift sech an an d'Kontinuitéit vun deenen Aarbechten, déi de Moment och gemeet ginn ronderëm de Komplex Strutzbiërg. Am Kader vun där Presentatioun vum Komplex Strutzbiërg hate mer jo scho kloer ugedeit a wéi eng Richtung ee an der Rue des Écoles an an der Rue de l'Indépendance ka goen. Haut läit den Devis vir, an dee géif lech dann och presentéiert ginn. Dofir begréissen ech awer och Leit, déi hei zougestouss si fir dësen Devis ze presentéieren. Engersäits d'Madamm Devetak vun MDL an den Här Peppe vun Luxplan, awer och den Här Da Silva vun eisem Service Travaux publics an den Här Demuth vun eisem Service Circulation. An ech géif dem Claudia d'Wuert ginn an dann hinne fir op d'Presentatioun anzegoen.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP – BUEGERMEESCHTER):

Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. De Buergermeeschter sot et, de Projet gëtt lech en Detail virgestallt vun eise Gäscht a vun eise Servicer, déi natierlech och do si fir all Är Froen ze beäntweren zum Projet an zum Devis. Vlächent eng ganz kuerz Einleitung ëm wat et geet. Bon, am Kader vum Neibau vum Centre Sportif Strutzbiërg an den Alentouren, do mussen d'Reseauen an der Rue des Écoles mat erneiert ginn an an engems gëtt déi Strooss an eng Zone de rencontre reamenagéiert. A well dëse Projet awer och en Impakt op d'Rue de l'Indépendance huet an och do d'Reseauen an engem ganz schlechten Zoustand sinn, do profitéiere mir dann och an der Rue de l'Indépendance dovunner, fir éischtens mol déi Reseauen ze erneieren an och d'Rue de l'Indépendance an eng Zone de rencontre ze reamenagéieren, sou datt och do laanscht d'Schoul alles méi sécher gestalt gëtt fir d'Kanner an allgemeng och d'Foussgängerer. A, wéi gesot, fir den Detail ginn ech eriwuer op eis Gäscht.

MAJA DEVETAK (MDL): Danke. Also wir sind Groupe-ment Luxplan, MDL und Christian Bauer Architectes und das Ziel von unserer Etüde ist die Neugestaltung von den ganzen Verbindungen entlang des Centre Scolaire Stutzbiërg und Verbindungen auf die anliegenden Straßen. Wie schon erwähnt, das Hauptziel ist eine sichere Zone für die Kinder zu gestalten aber auch Fußgängerverbindungen, neue grüne Verbindungen unter anderem und eine Aufenthaltszone für alle Bürger. Wie Sie sehen auf dem Plan, geht die Zone, die wir betrachtet haben, von Rue de Commerce bis fast zur Rue de l'Indépendance. Rue des Écoles ist eine komplexe Straße mit großer Neigung und vielen Anrainern, wie Sie sehen von der Situation. Die Situation bleibt eigentlich so prinzipiell wie es ist für die Anrainer, mit neuen Belägen. Wie Sie sehen, streben wir an, so ein Bild zu erreichen. Da sind die Fußgängerzonen. Der Verkehr wird kontrolliert, motorisierter Verkehr. Natürlich bleiben die Zufahrten für die Anrainer.

Es ist eine steile Situation, schon jetzt und so wird es auch bleiben. Das können wir nicht ändern. Was wir

aber ändern können, ist das Bild von dieser Straße. Deswegen werden wir es bepflanzen, so wie schon erwähnt, wie Sie sehen auf der linken Seite. So ungefähr wird es aussehen, die Fußgängerzone, nicht befahrbare Zone. Dafür benutzen wir Pflastersteine in Tönen, die gestalterisch zu der neuen Sporthalle passen, die dominant wird in diesem Bereich. Und unten sehen Sie dann ein Bild von dem Poller, der schildert: motorisierter Verkehr wird kontrolliert zugelassen. Auch die Beleuchtung wird erneuert. Die Studie zeigt es Ihnen, es wird alles beleuchtet. Das bedeutet, es wird sicher. Es ist aber auch ökologisch beleuchtet, kontrolliert mit minimalem Ansatz. Bepflanzung: wir greifen zurück auf die einheimischen Arten. Natürlich haben wir uns überlegt, was wird interessant. Wir sind ja nicht im Wald. Deswegen ist die Fauna manchmal auch mehrstimmig, aber keine Exoten. So soll diese Zone zur neuen Sporthalle aussehen. Von unten ist das der Blick. Wie Sie sehen, das ist angenehmer, begrünter als der alte Teil. Von der anderen Seite werden wir diesen Blick haben. Das ist von der Seite Rue de l'Indépendance, tiefer drin. Zwischen den Schulgebäuden und der neuen Sporthalle entsteht ein neuer Vorplatz. Eine Aufenthaltszone für alle. Hier ein Detail der gestalterischen Elemente. Bepflasterung haben wir schon angesprochen. Wir spielen mit verschiedenen Nuancen von Beigetönen, um ein interessantes Bild zu erreichen. Die urbane Möblierung ist auch im Einklang mit dem Rest der Gestaltung.

Vor dem Eingang in die neue Sporthalle entsteht ein Zugang. Da sind große topographische Höhenunterschiede. Deswegen haben wir das teilweise auch in Sitzstufen gelöst, die sich ergänzen in die richtigen Stufen. Und der Belag ist ökologisch wasserdurchlässig, das zeigt dieses Foto hier. Das ergibt ein total neues Bild von dem ganzen Areal. Diese Empfangszone zu der Rue de l'Indépendance, die entsteht als Verbindungsglied zwischen den Schulen und neuer Zufahrten für die Schulbusse. Denn das haben wir uns auch überlegt, wie wir das aus Sicherheitsgründen neu organisieren können. Und da entsteht ein neuer Quai für den Schulbus, wo der Schulbus andocken kann.

Und die Kinder können sicher, ohne motorisierten Verkehr zu den Schulgebäuden kommen. So wird es aussehen, von der Seite, Rue de l'Indépendance. Auf diesem Platz entstehen auch verschiedene Sitzplattformen, wo die Leute sich auch treffen können, verweilen. Auch die Eltern, wenn sie Kinder abholen kommen, was ja jeden Tag oben in Strutzbiërg der Fall ist. Ja, wie schon erwähnt, wir haben uns überlegt, Beruhigung der ganzen Verkehrsorganisation und der wird stark beruhigt, wie Sie sehen auf diesem Diagramm zu autofreien Zonen und beruhigtem Verkehr. Hier noch ein Blick auf die Situation, die entsteht am Übergang zur Rue de l'Indépendance. Wie sehen, die Straße hat nicht mehr Straßencharakter, aber sie hat schon den Charakter eines Areals, das mehr für Fußgänger geeignet ist. Dieses Bild wird mit der Zeit entstehen, von der Seite Rue de l'Indépendance, mit Blick zum Strutzbiërg Komplex. Ja, wir haben unterschiedliche Niveaus, deswegen hier kurz ein Blick auf die Schnitte. Die Neigungen werden auch für die PMR korrekt unter 6% sein.

In den ganzen Baumaßnahmen müssen wir verschiedene Bäume fällen, die jetzt da sind. Auch die Infrastrukturen werden erneuert, wie Sie schon gehört haben und mein Kollege Eddy Peppe wird das noch vertiefen. Und deswegen müssen wir 14 Bäume fällen, aber wir werden im Rahmen des Projektes 26 neue Bäume pflanzen. Ich habe schon erwähnt, es wird auch für PMR Zugänge geben. Also Barrierefreiheit haben wir auch untersucht. Und hier ist ein Schema, wie die geleiteten Wege für Barrierefreiheit verlaufen. So, und jetzt gebe ich weiter an Eddy.

EDDY PEPPE (LUXPLAN): Merci. Bonjour à tous. Concernant la partie réseaux, les concessionnaires, qui vont être refaits ou remis à neuf sur la rue des Écoles. C'est tous: on a l'eau, le gaz, l'éclairage public, Eltrona, Creos et Post. Sur la rue de l'Indépendance, on a exactement la même chose qui va se refaire le long du trottoir essentiellement, si ce n'est l'éclairage public le long des bordures de chaussé. En ce qui concerne la canalisation publique sur la rue des Écoles, nous passons en réseau séparatif, eaux usées, eaux pluviales. Sur la rue de l'Indépendance, vue l'état actuel des choses et le constat, qui a été fait dans le plan global d'aménagement des canalisations, on reste sur un réseau mixte, rue de l'Indépendance. Comme vous l'avez vu, le plan de phasage a déjà été affiché à l'écran, on a donc un début prévisionnel des travaux pour début 2023. On termine début 2024 pour la rue des Écoles et la rue de l'Indépendance démarrerait avril 2023 pour se terminer en même temps que la rue des Écoles au début 2024. Le budget global est affiché ici à l'écran. Il comprend les divers et imprévus. Et on a scindé ça en différents articles budgétaires pour arriver au total et au détail qui est affiché à l'écran et qui parle de lui-même. Voilà, je vous remercie.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir d'Presentatioun vum Projet. Wëllt d'Claudia op e Punkt agoen? Da géif ech soen, géife mer d'Diskussioun opmaachen. Wa Froen, Remarken do sinn un den Architektbüro, de Bureau d'études, respektiv eis Mataarbechter, zéckt net.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buegermeeschter. Dat do gesäit no engem ganz flotte Projet aus. Eng Saach ass mer duerch de Kapp gaangen. Et ass jo flott, de Schoulbus fiert elo uewen an d'Rue de l'Indépendance. Ech froe mech just, wéi kënnt dee Schoulbus do erop? Well ënne bei der Zoufftger Strooss, do ass esou eng kuerz, hefteg Steigung. Schléit deen net do op? Wéi maache mer dat? Wann e vun der anerer Säit kënnt, hannen an der Nosbaumstrooss, do ass et och net besser. Wéi kënnt dee Schoulbus do uewen op deen Hiwwel mat der Steigung, déi do vun der Zoufftger Strooss un erop geet?

MONIQUE HEINEN (DÉ GRÉNG): Jo Merci. Also mir hatten de Projet schonn an der Verkéierskommissioun graff virgestallt kritt an do konnte mer jo och scho Froe stellen. Et ass gutt, dass de motoriséierte Verkéier eloerausgeholl gëtt aus deem Schoulcampus. Also dat fanne mir wierklech tiptop. An ech war zwar elo kuerz eraus, mee wou d'Vëlosstänneren hin, wollt ech nach froen?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ech mengen, mer maachen den Tour vläicht nach fäerdeg vun deenen anereren Interventiounen an da kënnt Der ganz gären drop agoen. Merci Madamm Heinen. Soss nach aner Froen?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buegermeeschter. Ech wollt elo am Fong geholl e Statement dozou maachen an ech hunn elo weider keng Froen direkt. Et kënnt nach eng oder déi aner vläicht iwverdeems wou ech schwätzen, mee bon... Merci och fir d'Presentatioun an d'Erklärung vum de Bureauen an eisem Service zu dësem ganz flotte Projet, dee net nëmme ganz schéin, mee och sécherheetstechesch gutt duerchduecht ass. D'Rue des Écoles gëtt also op der Héicht vum Haus 39, Rue du Commerce mat hydraulische Pollere fir den Trafic zougemeet, a just nach d'Leit, déi do wunnen an d'Leit déi eng Garage hunn, respektiv lounen, d'Gemengendéngschter, d'Fournisseuren, déi eppes uliwweren, kréie mat engem Badge Zougang fir erop ze fueren. D'Pollere ginn ëmmer no enger gewässer Zäit automatesch erop. Eng 20er Zon wéi am Shared Space entsteet also ouni Trottoir, hei mat Paweeën an der – tëschent Gänseféissercher – „Stroos“ a mat engem Drainagebelag op der Säit, sou dass d'Kanner an d'Leit am allgemengen roueg zirkuléiere kënnen. Jo, mir kënnen hei vun engem richtege Schoulcampus schwätzen: zwee Schoulgebaier, eng super Sportinfrastruktur an eng Betreuungsstruktur.

D'Schoulhäff vun de Gebaier A a B bleiwen zou, an dach brauch ee sech net direkt Suergen ze maache wann e Kand emol an enn anert Gebai wiesselt, dass et dem Trafic, esou wéi mer en elo kennen, ausgesat ass. Niewent der grousser Zone de rencontre um Parvis virun der Schwämm kënnt eng Zone de rencontre uewen an der Verbindung vun der Rue des Écoles mat der Rue de l'Indépendance. D'Zones de rencontre sinn opgelaekert mat Beem a Sëtzméiglechkeeten fir Elteren, zum Beispill, déi op hir Kanner waarden. An der Rue de l'Indépendance vun der Route de Zoufftgen aus kënnt och eng 20er Zon bis erop, wou déi aktuell Parkplazen, déi queesch zur Strooss op dem Niveau vum Schoulgebaier B sinn.

De Belag ass vun der Zoufftger Strooss un net méi schwaarz-groen Tarmac, mee och am Pavé gehalen. En plus hu mer ab engem gewässene Niveau eng Rampenanhebung, wéi mer dat och an de Pläng vun der Butschebueger Strooss virun der Schoul gesinn hunn. Hei ginn d'Chauffeure nach eng Kéier drun erënnert, lues ze fueren. Et gëtt e Quai fir de Schoulbus gebaut, deen et erlaabt, riicht an de Bus ze klammen, respektiv mat engem Rollstull oder änlech esou eraus ze fueren. E bësche méi wäit vun dësem Quai sinn zwou handycapéiertegerecht Parkplazen. Kanner, respektiv Erwuessener, déi op de Rollstull ugewise sinn, kënnen just vun hei aus erof bei e Schoulgebaier oder bei d'Schwämm fueren, vu dass vun hei aus déi virgeschriwwene Pente vu 6% agehale ka ginn.

Ee Bemol vun dësen zwee Reamenagementer ass, dass Parkplaze verluer ginn, souwuel an der Rue des Écoles, wéi an der Rue de l'Indépendance, dat deen een oder anere warscheinlech net freeë wäert. Wannn een awer

un d'Avantagen denkt, spréich keen Trafic an der Rue des Écoles an un déi staark Veréiersberouegung an der Rue de l'Indépendance, mengen ech emol, dann hélt een d'Sich no enger Parkplaz a Kaf. Ze begréissen ass och, dass profitéiert gëtt fir eis Reseauen ze erneieren, déi an engem net ganz gudden Zoustand sinn. D'Fro ass just, ass mat de Leit vun der Schoul ass geschwat ginn wéinst dem Parking, dee verluer geet? Wéi ass dat do uegell ginn? Natierlech stëmme mir dësen Devis mat. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Ech mengen, dann kënne mer probéieren op déi verschidde méi technesch Froen anzegoen. Dir hutt d'Wuert.

MAJA DEVETAK (MDL): Vielleicht erst die Frage mit den Fahrradständern. Hier auf diesem Plan sehen Sie es. Ich glaube neben den Bänken, das ist auch ein Hauptplatz. Ja, es gibt aber noch andere Möglichkeiten. Das ist jetzt schon im Plan vorgesehen, weil ich nehme an, die meisten Fahrradfahrer kommen von der oberen Seite, von der Rue de l'Indépendance. Ist aber auch egal von wo sie kommen, da können sie parken.

CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Ech menge Vélosstänner kann ee jo och zu all Moment norüsten. Also dorunner soll de Projet jo elo wierklech net scheitern. Wa mir gesinn, wann e fäerdeg ass, se kommen elo vun enger aner Säit a mir müssen do norüsten. Also, dat bréngt mer nach fäerdeg.

MICHAEL DA SILVA (COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS): Also ech wollt nach eng Kéier op déi Fro vum Bus kommen. Et ass jo sou, d'lescht Joer am Juli hate mer eng Kéier d'Kräizung Rue de l'Indépendance an Zouftgen zou, fir do verschidde Niveausadaptatiounen ze maachen, sou dass de Bus haut schon an der Rue de l'Indépendance stoe bleift, well e jo net méi an der Rue des Écoles ka stoe bleiwen, wéinst deem ganze Chantier. Dat heescht, deen Niveau, wou mer haut do hunn, dat funktionéiert an deen Niveau bleift och an Zukunft esou. Mir müssen eis bewosst sinn, dass wann de Bus vun der Zouftgen aus an d'Indépendance fiert, da muss en och d'Nosbaum erof fuere fir erëm eraus a vice-versa och. Dat heescht et gëtt keng Méiglechkeet, dass de Bus iergendwou matzen an der Rue des Fleurs kann dréinen, sou dass dat gekuckt ginn ass. An dat funktionéiert haut scho sou an dat bleift och an Zukunft sou.

JOSIANE DI-BARTOLOMEO-RIES (LSAP - SCHÄFFIN): Jo, ech wëll einfach op dem Här Zuang seng Fro agoen. Also mir haten eng Reunion mat hinnen. Si wëssen och, datt déi Parkplazen dann uewen net méi do sinn. Si hunn awer selwer, huet de Präsidant vum Gebai gesot, datt mer se no ënnen bei d'Maison Relais verlagere, wou och elo schon de Moment Parkplaze sinn. Also si wësse Bescheid. A wann si Saache ran ze féieren hunn bei d'Gebai, da kënne si vum Portier de Poller rof gemaach kréien a bäifueren fir Saachen an d'Gebai ze bréngen. Also si wësse Bescheid.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci nach eng Kéier fir déi dote Kloerstellung. Soss nach Froen?

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Ech wollt just eng kuerz Stellungnam maachen. Also de Projet gesäit wierklech ganz flott aus. Et komme vill nei Beem dobäi. Et ass dru geduecht ginn, dat Ganzt och PMR-gerecht ze maachen, och um Busarrêt. Dat ass wierklech flott an et ass ze begréissen, dass Rue des Écoles ganz verkéiersberouegt gëtt. Ech mengen, dat war déck néideg do uewen. An och Rue de l'Indépendance ass méi foussgängerfrëndlech. Ech mengen, dat Ganzt gëtt wierklech eng flott Place de rencontre, wou den Haaptacteur net méi den Auto ass an dat ass wichteg ronderëm d'Schoul.

Dat Eenzegt, wat vläicht net esou flott ass, dat ass, dass déi Plaz ganz zougepflastert gëtt, mee wann ech richtig informéiert sinn, war dat och eng Demande vum CGDIS ënner anerem, fir do besser bäi ze kommen. Wat eis awer stéiert un deem Projet – dat ass zwar dann keng Ursach fir e net ze stëmme, ech wëll et trotzdem awer ernimmen – dat ass éischer administrativ. Dat hu mer hei scho méi wéi eng Kéier gesot bei anere Projeten. Dat ass, dass den Devis wierklech guer net detailléiert ass. Et geet ëm 3,8 Milliounen an do kann een dann net vill erausfannen, net vill dozou soe, wann dee wierklech beim gréisste Posten guer net opgedeelt ass. Mee wéi gesot, mir stëmme awer de Projet mat, well et wierklech e ganz flotte Projet ass. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo merci, Här Buergermeeschter. Ech wollt genee dat selwescht soe wéi d'Madam Erpelding gesot huet, wat elo de Präis ubelaangt. Ech mengen, mir hate, wéi mer geschwat hunn iwwer d'Präisser vum Amenagement vun der Le'h fir alles prett ze maache fir d'Renovatioun Déierensyl a Wëll-Déiere-Station. Do huet et geheescht, bei Creos, do ass och nach e Posten, deen een nach guer net ka richtig chiffrieren. Lo ass meng Fro: Éischtens hätte mer och gäre léiwer en Detail gehat an dann zum Beispill, ass mat der Creos geschwat ginn? Ass do eng Enveloppe fixe heimat dra gaangen? Et huet een elo deslescht ëmmer méi héieren, dass Devisen ëmmer de-passéiert ginn. 10% wäeren eppes wat ee kann toleréieren, wat normal wär. Bon, do hu mir jo ni eppes gesot. Mee meeschtens si mir ëmmer hei, dass mer dann iwwerrascht ginn mat engem Surplus, deen awer substantiell iwwer déi 10% kënnt. Dofir nach eng Kéier meng konkret Fro: sinn hei d'Präisser vun der Creos – déi jo och hei intervenéieren – sinn déi hei mat dran? Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Weider Stellungnamen? Nee. Vläch kann eis Mataarbechter drop äntweren.

MICHAEL DA SILVA (COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS): Jo also d'Creos ass an deem Projet hei consideréiert ginn. Dat heescht, dat gëtt an der Ausschreibung e separate Lous. Dee Budget, dee mer hei gesinn, dat ass elo reng e Budget, wou op d'Gemeng zoukënnt. De Creos Budget, dat ass à part. Also et gëtt och eng Bestellung vun der Creos gemaach an dee fällt elo net an deen do Budget mat dran.

Mee de Lous vun de Creos Aarbechten, dee kënnt mat an d'Submissioun.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Dat heescht do komme keng zousätzlech Fraisen op eis dann duer?

MICAEL DA SILVA (COORDINATEUR CHANTIERS TRAVAUX PUBLICS): Neen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Ok, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci. Ech mengen et ass probéiert ginn, op déi verschidde Froen ze äntweren. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn, wat dësen Devis ugeet, dass mer dann och déi néideg Demarche kënnen maachen, fir de Projet dann och ëmzesetzen. Voilà, wien ass mat deem Devis hei averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools Merci, an ech soen och lech Merci fir Ä Präsens an och Ä Erklärungen haut de Mueren.

3.13. Reamenagement vum Hall Vestiaires/wagonnage um Site NeiSchmelz

3.13.1 Approbatioun vum Devis fir d'Reamenagementsaarbechten

3.13.2 Approbatioun vun engem zousätzleche Kredit fir d'Reamenagementsaarbechten

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Komme mer op de nächsten Devis remanié, respektiv och e Crédit supplémentaire. Hei geet et och ëm en industriell Gebai, de Vestiaire/Wagonnage, dee mir jo och amgang sinn ze renovéieren, an deen ab Métt Mee eng nei Bestëmmung kritt, well jo dann den DKollektiv komplett wäert eriwuer plënnere, dee jo och schon amgang ass, eng Rei Aktivitéiten dran ze organiséieren, déi partizipativer Natur sinn. Hei mussen mer en zousätzleche Kredit stëmmen, respektiv en Devis remanié. Mir haten hei den 11. Dezember 2020 den Devis stëmmen gelooss vu 950.000 Euro wat d'Renovatioun ugeet. Bon, elo mussen mer en Devis Remanié vun 2.880.000 Euro stëmmen, also en Zousatzkredit vun 1,9 Milliounen Euro. Bon, dat huet virun allem domat ze dinn, wat am Kader vun der Instandsetzung war, an eise Mataarbechter, den Här Repusic, dee kann och herno op verschidde Punkten agoen.

Dir hutt och den Devis virleie mat deene verschiddene Positiounen, déi och méi deier kaschten. Dat huet och domadder ze dinn, dass mer par rapport zum Initialprojet och e Schratt méi wäit gaange sinn aus deene selweschten Iwwerleeunge par rapport herno zu der Mise-à-disposition vum Gebai, dass ee sécherlech och net an enger zweeter Phas mat den Aarbechte kann a soll ufänken. Respektiv, dass en cours de route sech awer rausgestallt huet, dass eng ganz Rei Elementer méi Renovatioun néideg hunn, wéi dat initialement bei sou engem industrielle Gebai, wou een och net ëmmer ganz genau wees a wéi engem Zoustand et ass, sech dat dann huet misse erausschelen. Dofir huet hei och missen den Devis, respektiv d'Aarbechten nach eng Kéier iwwerkuckt ginn, an dofir wollte mer och dann hei

dem Gemengerot de neien Devis zoukomme loossen an och doriwwer ofstëmmen an och doriwwer diskutéieren. Mee ech géif vläicht hei dem Ivica nach eng Kéier kuerz d'Wuert ginn - vu dass hien an der Ausféierung ass mat den Architekten a mat de Bureau d'études, souwuel wat de Lokomotiv Atelier ugeet, wéi och de Vestiaire/Wagonnage – fir op déi eng oder aner Differenz, déi gréisserer Natur ass, anzegoen. An och fir op déi verschidde Problematiken hinzewiesen, déi ee bei sou industrielle Gebaier och deementspreechend fënnt. Voilà, ech ginn d'Wuert ganz gäre weider.

IVICA REPUSIC (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Merci fir d'Wuert Här Buergermeeschter. Ech géif da ganz kuerz eng Kéier op de Projet zeréckkommen. Ech wees net, ob Der de Projet nach kennt, wéi e soll sinn. De Projet Vestiaire/Wagonnage, wéi de Numm jo scho bal seet, besteet aus zwee Deeler: den Deel Vestiaire an den Deel Wagonnage. Den Deel Vestiaire, dat ass do, wou den DKollektiv an och aner Associatiounen hire Bureau kréien – dat ass méi sou e Bureaustrakt. An den Deel Wagonnage gëtt méi den Atelierstrakt. Ufänglech sollte mer kleng Renovatiounen maachen, dass dat ass och fir Esch 2022 sollt fäerdeg sinn an dass mer do och e bëssche kënnen anzéien. Mee en cours de route hu mer wierklech gesinn, dass mer, wa mer Saachen upaken, datt mer se sollen och richteg upaken, well do hätte mer och Suen ausginn, déi mer an een, zwee Joer erëm frësch gemaach hätten. Sou gesinn, si mer hi gaangen a mir hunn alles e bëssche méi am Detail a méi genau gekuckt. Mir hu bei de Fënstere zum Beispill, wat e grouse Posten ass, do hu mer gesot, mir maachen déi direkt definitiv. War mer se definitiv maache, kréie mer och Subsiden. War mer se provisoersch maachen, kréie mer keng Subsiden. Mir hunn dann do d'Decisioun geholl, dass mer se definitiv maachen – dat war virdrun och nach net virgesinn.

Wat d'Gebai selwer betrëfft, do gesitt Der, wann ech dat weise kann, do deen ënneschten Deel. Do wollte mer e bësschen ofdichten. E bësschen ofdichten hate mer virgesinn, awer wou mer bis opgemaach haten, hu mer gemierkt, dass déi hallef Mauer gefeelt huet. Dunn hu mer missen eng nei Mauer bauen an dann eréischt ofdichten. Et si wierklech eng Rei Iwwerraschungen, déi mer do en cours de route krut hunn, sou dass dat ganzt méi grouss ginn ass. Wat dann den Hall selwer nach ugeet: do ass dann och gekuckt ginn – dat war jo fréier zesummen – an do ass gekuckt ginn, wéi gutt deen Daach ass. An do ass gesot ginn „Ok, en ass gutt. En ass relativ gutt.“ Si hunn en e bësschen ofgedicht, mee am Endeffekt stellt sech eraus, dass deen Daach awer geschwë muss frësch gemaach ginn, wat dann op eis zeréckfällt. Sou dass mer am normalen Devis och den Daach vum Hall Wagonnage matmaachen, wat e grouse Punkt am Devis ass. Insgesamt gëtt gebaut an och praktesch fäerdeg gemaach, sou dass net nëmme nëmme kleng, mee richteg Renovatiounen gemaach ginn. Fir dass herno d'Gebai fir den DKollektiv an all déi aner Associatiounen, déi do rakommen, dass mer do prett fir déi sinn. Dass mer hinnen do eppes iwwerginn, wat anständeg ass. Dat ass e bësschen den techneschen Deel.

Wat awer nach virleit bei deem Projet, wann ech nach d'äerf soen, ganz kuerz. Dat ass nämlech eng ganz flott Zesummenaarbecht mam DKollektiv, déi mat hire partizipativen Aarbechten, déi se do maachen, och do hëllef, dass mer virukommen. Et ass eng ganz flott Zesummenaarbecht. An, wat ech awer och onbedéngt wëll soen, et ass eng ganz flott Zesummenaarbecht mat eisem Atelier, mat eise Leit vun der Gemeng, sief et d'Schlässerei, sief et d'Usträicher, sief et d'Steemetzer, alleguerter pake se eng Hand mat un, dass mer do virukommen. Ech wollt dat och nach eng Kéier hei gesot hunn, dass si wierklech do gutt hëllef. Ech kann ëmmer op si zielen. Et ass do uewen e bësschen e komechen, e spezielle Chantier, mee wann ech awer uruffen, ech kann ëmmer op si zielen. Merci vu mir.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Villmools Merci och dem Här Repusic fir déi doten Erklärung wat déi substantiell Hausse ugeet, wat d'Renovatiounaarbechten ugeet, a mer natierlech hei als öffentlech Hand och anere Bestëmmungen, wat d'Sécherheet ugeet, ausgesat sinn. Wann elo do och e privaten Zweck géif notzen, muss een och Bestëmmungen vun der Fonction Publique, déi och deelweis dobäikommen, gerecht ginn, well jo och eng öffentlech Notzung deementspreechend kënnt. Alles dat sinn effektiv Elementer, déi och dozou bäiféieren, dass et méi deier ausfällt, wéi et virgesi war. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo Merci, Här Buergermeeschter. Selbstverständlech fanne mer et einfach wichteg, dass eise Patrimoine industriel erhale gëtt a gutt erhale gëtt. An et ass och absolut logesch, dass wann een ufänkt, dass een net a 6 Etappen dat mécht, dass een dat soll eng Kéier einmal für alles an ordentlech maachen. Ech froe mech just: mir haten am Budget, do war virgesinn, just zu der éischter Mise vun 950.000 Euro war u sech am Budget 2022, just eng Hausse vu 450.000 Euro virgesinn. Bon, elo si mer nach eng Kéier awer en Hoff driwwer, gell. Elo gëtt et awer 1,9 Milliounen. Dir hutt eis d'Erklärung ginn. Wat mer och opfällt, dat ass, dass mer virun allem och, wat elo d'Hëtzes ubelaangt, do gi mer an eng Richtung Pompe à chaleur, Panneaux solaires, Panneaux photovoltaïques an dat gëtt och schonn direkt déi 400.000 Euro, déi dat ausmécht. Dat ass jo och schonn impressionant. Mee wat war dunn nach de Knackpunkt, wou mer gesot hunn: „Hei lauschter, och déi 450.000 Euro plus déi mer fir 2022 virgesinn hunn, déi ginn net duer.“? War dat haaptsächlech d'Toiture an de Vitrage, wou elo an d'Wagschale geheet gi sinn? An och natierlech deen anere Wärmekonzept? Also wéi gesot, mir sinn absolut averstanen, dass mer dat hei elo ordentlech maachen, dass mer et richteg maachen, an ech sinn och ganz frou, wann der sot, dass Är Kollaboratioun mam DKollektiv an och mat eisen Atelieren flott ass.

Ech denken och fir Schlässer a fir Steemetzer ass et och mol en aneren Challenge, eng Renovatioun ze maache vun engem historesche Gebai. Ech mengen all déi Leit, oder vill Leit, déi och bei eis an de Servicer schaffen, déi hunn och sou bësschen e grousst Häerz fir eise Patrimoine industriel. Ech denken, dass dat och e bëssche matspillt, dass se dofir och sou engagéiert si fir do mat ze schaffen an dat begrëisse mer och explizitt,

an do si mer och ganz houfreg dodrobber, dass wéi Renovatioun an och déi Estimatioun a Valorisation vun eisem Patrimoine industriel och sou breet gedroe gëtt. A voilà, d'CSV dréit dat mat. Ech wollt just nach eng Kéier nofroen, wat en cours de route de Surplus vum virgesinne Montant ausgemaach huet. Merci. Ech wollt awer och soen, dass et awer flott ass, dass mer och deementspreechend méi Subside kréien. Dat ass jo och eppes, wat och vläicht awer eng ganz eng angeneem Begleiterscheinung ass. Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo Merci. Also am Dezember 2020 war en Devis vu 950.000 gestëmmt ginn. Elo sinn et 2,8 bal 2,9 Milliounen. Dat ass dräi mol méi. Bon, natierlech ass et besser, wann een et anstänneg mécht, wéi dass een herno nach eng Kéier muss dru fréckele goen. Trotzdeem, dat ass e groussen Ënnerschied. Mir hunn elo e puer Erklärungen kritt. An et sinn awer Froen, wou sou e bësschen opbleiwen. Bon, zu de Fënstere, dat liicht engem an, dass ee se anstänneg mécht an dann Subside kritt. Et sinn awer sou Saache wéi Pompe à chaleur, Panneaux solaires, wou ee sech awer ka froen, firwat ass deemools net schonn dorunner geduecht ginn? War dat net fir néideg empfongt ginn? Well et einfach sollt ebe vläicht mol méi einfach renovéiert ginn? Et sinn awer Froen, déi ee muss opwerfen.

Ech hunn awer eng konkret Fro zum Beispill zum Daach, wou deemools just 35.000 Euro virgesi waren an elo 445.000. Bon, mir hunn erkläert kritt, dass sech erausgestallt huet, e wär net esou gutt. Ech hunn awer mol nogekuckt, wat 2020 do gesot ginn ass beim Vott vum éischten Devis an do zitieren ech de Buergermeeschter, dee gesot huet, de Fonds de Logement wäert intervenéieren um Niveau vun der Struktur, um Niveau vun der Statik an och um Niveau vun den Diech, sou wéi dat och an der Konventioun festgehalten ass. An dofir meng Fro: bedeelegt sech de Fonds de Logement dann elo dodrunner oder hunn si do schonn Aarbechte gemaach? Oder ass dat elo net méi sou, dass si sech zum Beispill un de Käsche vum Daach bedeelegen oder dat souguer iwwehuelen? Well dat wier meng Fro. Soss allgemeng, mengen ech, ass et wichteg, dass een dat anstänneg mécht. Et ass u villes geduecht ginn an da kann een dat matdroen. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo Merci. Also Déi Gréng hu sech ëmmer agesat fir déi Industriegebaier z'erhalen op NeiSchmelz a besonneg mäi Virgänger huet sech do ëmmer ganz staark gemaach. A mir wäerten dat heiten och matstëmmen. Mir krute jo och elo hei deen Tableau. Do hu mer flott fonnt, dass een dann och gesäit, wou déi Differenz hirkënnt. A jo, wann een ufänkt al Gebaier – ech wunnen och an engem alen Haus – wann ee bis ufänkt, da gëtt ee net méi fäerdeg, da fënnt ee nach ëmmer eppes, wat ze renovéieren ass. Mee mir hunn eis awer d'Fro gestallt: beim éischten Devis, do war am Fong fir ze hëtze guer näischt virgesinn. War dat vläicht, well ee geduecht huet, et kéint een awer déi Geothermie schonn notzen? Also dat wollt ech elo mol nofroen. An dann mat der Photovoltaik: dat heescht den Daach kann awer elo sou statesch festgemaach ginn, dass een do Photovoltaik kann drop maachen? Well ech mengen, beim Lokomotiv Atelier war gesot ginn, datt dat

géif net goen. Also et ass jo gutt wann dat geet. Dat ware nach Froe wou ech hat.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Merci. Nach weider Stellungnamen? Neen. Merci. Dann géif ech d'Wuert weider ginn un den Här Repusic, fir op déi technesch Detailer anzegoen.

IVICA REPUSIC (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Also wat den Daach betrëfft, effektiv, et ass gesot ginn, dass de Fonds de Logement géif Saache maache. De Fonds de Logement huet och Saache gemaach. Si hunn den Daach ofgedicht. Fir si war dat Wichtegst, dass mir en dicht Gebai kréien. Si hunn den Daach ofgedicht, mee den Daach ass awer och net esou gutt, dass ee ka soen, en hält nach 5, 6, 7, 8 Joer. Well si hunn och nëmme mam Kärcher bannen d'Gebai propper gemaach. Dann hunn ech gefrot: „Da maacht och eng Kéier mam Kärcher den Daach propper.“ Si hu sech net getraut, well soss hätte se herno méi Lächer dra gehat, wéi si der zougemaach hunn. Du hu mer dat mol si gelooss. An dann huet sech awer erausgestallt, dass den Daach just e blechenen Daach ass. Ech mengen haut mat den Energiepräisser, den Energiekrisen, wier et vläicht wichteg, dass mer eng Klimatisatioun drop maachen. Och dat ass den Impakt, firwat solle mer den Daach elo maachen a net a 5 Joer oder vill méi spéit?

Wéi elo de Fonds sot: „Jo, mir maachen en zou.“ Si hunn en zou gemaach, mee bon, de Rescht ass bei eis. Dann ass de Punkt mat der Technik. Ufänglech hu mer gesot, mir maachen dat e bësschen. Et ass och dovu geschwat gi fir eng Gasheizung dran ze maachen. Mir hunn eng Gasheizung do leien. Solle mer net awer eng Gasheizung dramaachen? A do ware mer och mam DKollektiv zesummen, a well si awer éischer op den ökologesche Punkt ginn, an do hu se gesot: „Da komm, mer wëlle keng Verbrennung am Gebai hunn. Komm, mer halen op domadder.“ An du ass da gesicht gi, wat kënne mer maachen? A virun annerhalwem Joer e Fantasiepräis dran ze maachen, wann ee net wees, wat ee mécht, war och vläicht net richtig. Dat wier och schwéier ze erkläre gewiescht, wann een net wees, wat ee mécht an dann awer e grouse Budget drasetzt. Do hu mer dat eben nogeholl.

An och eben d'Iwwerleeung, wat mer do maachen, dass mer do wierklech op e Wee kommen, dass mir ökologesch sinn. D'Saach, wat d'Geothermie ugeet, dat zitt sech nach e bësschen dohin. Natierlech, idealerweis wier et d'Geothermie gewiescht. Dann hätte mer eis Rou gehat, mee dat hu mer leider net. An iwwer den Iwwerleeungsprozess, wat een do ka maachen, si mer op deen heite Punkt komm, well mer do Punkten dran hu, wéi Reewaasseropbereedung, Reewaasserstockung, dass mer e groussen Tank do hunn. Do hu mer eis d'Iwwerleeung geholl, dass mer doriwwer och kënne d'Heizes maachen, wou mer dann d'Waasser ophëtzen an aus dem Waasser erëm d'Heizung befeieren.

Sou Saache, wéi dann och de Fonds Logement higaangen ass a gesot huet, am Ufank sollte mer eng kleng Dalle dran hunn aus Makadam. Dann hu mer eis duerchgesat, dass mer eng Bëtonsdalle dra kréie, wou een och besser dra schaffe kann. A well mer schonn eng

Bëtonsdalle haten, hu mer gefrot fir eng Betonkernaktivierung ze kréien, wou mer dann d'Réier dra gemaach hunn – wat och e Käschtépunkt ass – fir kënne Heizkierper opzehänken. Et ass méi einfach, fir déi Hal ze hëtze mat deem, wat mer do hunn. An dann, en cours de route – mat der Entwécklung sinn do Saache komm, déi mer eis dann ugëeegent hunn an dovunner profitéiert hu fir dat dann och esou ze maachen. Da war nach déi Saach mat der PV-Anlag um Daach. Mir hunn dat op e puer Saache gekuckt, fir do eng PV-Anlag drop ze maachen, mee leider kréie mer et net hin, statesch, den Daach esou ze behale wéi en elo ass, an eng PV-Anlag drop ze maachen. Mir géife scho gären, mee et geet net. Bon, ech hat och gekuckt fir transluzid Panneauen dran ze maachen, dat heescht fir de Blech erof ze huelen an Isolierpanneauen, wou mer och kënne en Effekt domadder maachen, wou Luucht duerchkomm wier, mee och dat ass ze schwéier. Mir kréien dat net hin. Ausser mir géifen elo den Daach komplett nei maachen, wat net gewollt ass, och vum Sites et Monuments, déi déi Struktur wëlle behalen, kënne mer dat net maachen. Leider net.

Mir hätte gären eng PV-Anlag op de ganzen Dag gemaach. Et war och eng Demande vum Buergermeeschter leschte Kéier: „Kënne mer dat net maachen?“ Neen, leider geet dat net. Mir géifen dat scho gäre maachen. Wat jo nach dobäi komm ass jo, mir maachen dat Gebai och nach accessibel fir behënnert Leit. Dofir ass am Hall Wagonnage, am Hall selwer e Lift bäigesat ginn. Doduerch ass dann och d'Struktur vun där Trap ëmgebaut ginn. Dat ass alles mat Käschte verbonnen, mee elo kënnt awer e Mann an engem Rollstull, eng behënnert Persoun, kënnt elo op all Stack an deem Gebai, wat eis awer wichteg war, dass mer dat hkréien. Dat waren déi Froen. Hunn ech eppes vergiess?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUERGERMEESCHTER): Neen, ech mengen net. Dat war komplett. Merci fir déi Äntwerten. Jo, Madamm Heinen?

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech wollt awer nach eng Kéier nofroen, well do steet awer Panneaux photovoltaïques an deem Tableau. An da kommen awer keng, oder? An dann och mat där Dalle? Dat ass jo dann och esou eng Dalle active, wéi an dem Lokomotiv Atelier? Dovu steet awer elo näischt an deem Tableau. Dofir ginn ech net esou richtig eens, wat dann elo do kënnt.

IVICA REPUSIC (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Also d'Dalle active, déi ass éischer an der Technik dran. Do war de Präis vun der Technik, deen ass och an d'Luucht gaang vun 225.000 op 400.000. Ech muss den Ziedel hei erëmfannen. Dat ass dodran. An déi Photovoltaikspanneauen, déi hu mer um Vestiairesberäich. Deen Daach ass méi stabil. Do kënne mer se drop maachen. Mee mir hätten am léifsten de ganze groussen Daach gehat, do hätte mer richtig kënne produzieren. Hei si mer elo bei 30kW Peak wou mer bleiwen op dem klengen Daach. Do kréie mer et awer hin. Déi Struktur ass gutt genuch.

MARTINE BODRY-KOHN (LSAP): Merci Här Buergermeeschter. Ech hunn nach just eng ganz kleng Fro. Also mir och als LSAP, mir fannen de Projet, wéi mer en elo hei virleien hunn och vill besser wéi den initiale Projet. An och dat wat mer elo hei explizéiert kritt hunn ass och immens komplex, a mer gesinn och mat wéi vill Enthusiasmus do geschafft gëtt, a mir freeën eis och schonn op d'Resultat. Ech hu just eng ganz kleng Fro. Dat ass, ob scho gewosst ass, wéini Enn vum Chantier ass? Dat heescht, wéini dat ganz ofgeschloss ka ginn a fir de Public kann opmaachen? Well dat ass bestëmmt och eppes, wat d'Leit dobaussen och interesséiert. Merci.

IVICA REPUSIC (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Also de 14. Mee ass Inauguratioun, deen Deel wou d'Leit kënnen eragoen. Mee en ass nach net ganz fäerdeg. Wéi gesot, et ass e partizipative Chantier. Den Décoratif wäert nach e bësschen dra schaffen, mee de Gros ass awer fäerdeg. Et si Klenggekeeten, wéi zum Beispill och déi Toilette bausse, wou och net virgesi war. Déi maache mer och nach fäerdeg. Déi kucke mer fir de Juni fäerdeg ze hunn. Et si nach Saache, wou geschafft gëtt, mee et ass awer accessibel. Et ass och sécher fir kënnen ran ze goen.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Wann ech dat elo sou e bëssche nogelauschtert hunn, ech mengen dann op meng Fro, firwat dee Surplus, dee mir virgesinn hate just 450.000 Euro uitgemaach huet, also dat wat mir am Budget, an eise Previsioun vum dësem Joer hatten. A firwat deen dann elo sou héich ginn ass. Gehe ich dann recht in der Annahme, dass dat ass, datt de Fonds de Logement eis am Fong bësselche gelinkt huet, wann ee sou ka soen, dass déi dat mat der Renovation Fondamentale, déi si sollte maachen e bësselche méi easy peasy gemaach hunn an dass et dofir op eis zeréckgefall ass? Wann ech elo héieren, wéi Dir gesot huet: si wollten do e bësselchen den Daach e bëssche botzen an hei an do... An ass déi Konventioun, déi mir mam Fonds gemaach hu fir hir Aarbechten, déi si am Fong sollte maachen, ass déi dann awer agehale ginn? An dofir ass déi berechtigt Fro vun der Madamm Erpelding och: Wéi ass et mat der Participatioun vum Fong vun deene Saache, déi mir elo maache, wou awer an der Konventioun kloer an däitlech steet, dass dat am Fong hir Aarbecht ass?

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Also den Här Repusic kann dorobber agoe, mee de Fonds du Logement huet hei jo eng ganz Rei Fraisen iwweholl, Aarbechten iwweholl, iwwe déi mer hei elo guer net geschwat hunn, déi och en décke Montant ausmaachen. Mee mir ginn hei an der Ausaarbechtung vum Daach méi wäit wéi dat, wat si gemeet hunn. An dat wat si gemeet hunn ass sécherlech finanziell manner, mee ass awer konform. Et ass ebe just, dass mir technesch gesinn, e Schratt méi wäit ginn. Mee den Här Repusic kann drop agoen. Et ass net, dass si hei hiren Deel net agehal hunn. Dat dierf een hei am Raum zwar net stoe loosse. Neen, dofir, neen Hiert Engagement ass agehal, a si hunn och eng ganz Rei aner Chargen iwweholl an deem Ganzen. Absolut.

IVICA REPUSIC (SERVICE ARCHITECTURE ET DOMAINES): Neen, dat ass richteg. Déi hu jo hiren Deel ge-

maach. A wierklech an der Zesummenaarbecht mat hinnen hu mir dann decidéiert... „Wat ënnerstëtze mer? Komm, mir maachen den Daach elo frësch.“ Mir hätten och kënnen soen: „Komm mer maachen en a 5 Joer frësch.“ Dann hätt e vläicht an dräi Joer éischt Lächer gehat an dann hätte mer eis zesumme gesat an da wiere mer nach eng Kéier rëmkomm: „Hei mir mussen den Daach elo awer maachen.“ Déi 450.000 Euro am Wanter, déi hunn ech nach dobäi gesat, wéi ech gemengt hunn, dat do kéint ech nach gebrauche fir den éischten Deel nach ze maachen. Well beim éischten Deel hunn ech scho gesinn, et gëtt knapp. Leeë mer nach eppes drop, dass de schaffe kanns. Jo, an dann hu mer nach e bëssche weider gekuckt. Et sinn nach Saache bäikomm, ok, da komm, da maache mer e Package draus an da gi mer dann nach e bëssche méi héich. Et ass just dat. Et war eng Saach wou ech gesot hunn: „Ok, ech mengen, et geet net duer, bis Mee hu mer net genuch Suen. Ech muss eppes dobäi maache fir dass mer eppes gemaach kréien.“ An elo si mer wierklech weidergang, fir dat dote méi wäit ze féieren.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Vlächicht just eng kleng Remark. Ebe grad fir sou Onverständnisser a keng falsch Gerüchter opkommen ze loosse, wier et awer vlächicht flott, wann et sou Konventioun gëtt, dass ee vlächicht heiansdo géif informéiert ginn: Wat ass festgehale, wat gemaach gëtt a wat ass gemaach ginn. Dass een einfach Bescheid wees, elo an dësem Fall mat dem Fonds de Logement oder soss aner Saachen, wier dat awer flott. Wann ee vlächicht net all Detail hätt, awer esou en Gros wéisst, wat gemaach ginn ass a wat agehale ginn ass a sou. Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Et ass kee Problem, dass mer dem Gemengerot d'Noriichte, déi Positiounen oder déi Aarbechten, déi de Fonds de Logement am Vestiaire/Waggonnage gemeet huet, dass mer lech dat einfach per Mail zoukomme loosse, wat hir Reparatiounen waren, déi si gemeet hunn. Also absolut kee Problem. Den Här Repusic hëlt dat mat, an da loosse mer lech dat iwwe eise Gemengesekretär, de Patrick Bausch, zoukommen. Ech mengen, dann hätte mer op all Fro geäntwert. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwe ginn. Ass de Gemengerot mam Devis remanié averstanen? **Dat ass unanime.**

An da sidd Der natierlech och mam Crédit supplémentaire averstanen? **Och dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci. An da soen ech och dem Här Repusic merci fir seng Präsenz a seng Erklärungen.

3.14. Extraordinär Subsiden

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): An da géif ech proposéieren, dass mer weider ginn. An zwar op d'Subsiden. Do hu mer Subsidies extraordinaires. 65 Euro fir d'Fondation Lëtzebuenger Blannevereenegung. 300 Euro fir SOS Détresse. An 2500 Euro fir den Cent Buttek als Participatioun fir d'Frais de fonctionnement – dat hu mer jo all Joers.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Ech hunn eng Fro zum Subsid vum Cent Buttek. Dann een dat net anescht reegelen, dass dat also automatesch iergendwéi geet?

Well mir si jo do an deem Cent Buttek mat dran, dass do net ëmmer muss déi Demande gemaach ginn. Ech hat geduecht, dat wier vläicht anescht gereegelt, wéi dass dat iwwer e Subsid geet. Also, ech sinn elo net géint de Subsid. Ech stëmmen e mat. Et ass einfach, ech fannen et komesch, dass déi dat extra mussen ufroe bei eis, well ech géif et normal fannen, well eis Leit gi jo do an den Cent Buttek, dass dat iergendwéi aneschtens, dass dat automatesch geet.

THESSY ERPELDING (DÉI LENK): Voilà. Dat war och e bëssche meng Fro. Natierlech si mer dofir. Mee ech wollt ebe just froen, ob et am Kader vum Cent Buttek iergendeen Accord gëtt, e mëndlechen oder schrëftlechen Accord mat der Gemeng Beetebuerg oder wéi do de Modell einfach ass. Voilà just zum Oflaf, ouni et natierlech a Fro ze stellen. Merci.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP - SCHÄFFEN): Jo, folgendes: si hu sech an hirer Demande vläicht e bëssche schlecht ausgedréckt. Mee fir unzufänken: mir als Diddeleger Gemeng hu mat der Gemeng Beetebuerg zesammen eng Konventioun, also e Bail à loyer, wou mir, respektiv Beetebuerg, all Kéiers d'Halschecht vun de Gesamtfraisen iwwerhuelen. Dat heescht, de Loyer ass am ganze 36.000 Euro pro Joer an d'Gemeng Diddeleger an d'Gemeng Beetebuerg iwwerhuele 1500 Euro pro Mount fir dee Loyer dann do ze bezuelen. Dat hei ass eng Demande, déi ass net Usus. Dat ass eng aussergewöhnlech Demande. Ech hunn och nogefrot, firwat déi Demande sou opkomm ass. Si schreiwen et wier fir de Fonctionnement vum Buttek. Mee dat geet konkret dodrëm: si musse sech dëst Joer zwee nei Killautoen uschaffen.

An de Montant vun 2500 ass e bëssche méi héich wéi déi üblech Subsiden, déi mer ginn, well och d'Ausgaben fir déi zwee Autoe, déi belafe sech op plus/minus 50.000 Euro. Well mer da mengen, dass mer mat 300 oder 500 Euro e bëssche mickreg iwwer d'Bün kommen, dofir hu mer deenen 2500 Euro – dat ass eng eemoleg Ausgab. A si froen am Fong ni e Subsid Extraordinaire oder en anere Subsid. Dat hei ass ebe just, well se gesot hunn, dass se déi zwee Autoe brauchen. An dat iwwersteigt dann awer e bëssen hire Budget, wa se déi Ausgaben, déi dann och fir si aussergewöhnlech sinn, maache mussen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci fir déi doten Erklärungen. Da géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn. Wien ass mat deene Subsiden averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech och do villmools merci.



4. DÉNOMINATION VUN ENGER NEIER PLAZ UM SITE NEISCHMELZ

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da gi mer op de nächste Punkt iwwer. Dat ass eng Denominatioun vun enger neier Plaz op NeisSchmelz. Mir hu virdu jo schonn Diskussiounen gefouert iwwer de Lokomotiv Atelier an och iwwer de Vestiaire/Wagonnage an dann och hei eng Propos, eng nei Plaz op NeisSchmelz ze benennen. Ech mengen, et ass déi éischte Kéier, wou mer eng Plaz op deem dote Site benennen. Dir gesitt och prinzipiell d'Benennung vun der Plaz, hu mer e bëssche probéiert ze encercléieren, dass dat eng Plaz soll sinn, déi och bestoe bleift an och am Kader vun der Entwécklung vu NeisSchmelz deementspreechend net géif änneren, och am Kader vun der Entwécklung vun den Aarbechten, déi do och stattfannen. Well jo och déi transitoiresch Aktivitéiten, déi mer do hunn, och iergendwann eng Kéier verschwannen oder op enger anerer Plaz sinn. A sou war et hei wichteg och eng Plaz engersäits ze delimitéieren an och d'Sécherheet ze hunn, dass een deementspreechend op där doter Plaz näischt annere kann. An et ass jo och de Fait, vu dass déi Plaz jo och Gebaier beinhalt, déi och um Inventaire supplémentaire sinn, déi de Moment jo och – respektiv zwee vun deenen - renovéiert ginn.

Wéi ass et dozou komm, dass mer déi dote Plaz wëlle benennen an och am Fong den éischten Espace public, Plaz, Strooss hei zu Lëtzebuerg ass, déi de Numm soll kënnen kréie vum Thierry Van Werveke. Et ass esou, dass – an dat hutt Der an Ärem Courier leien – d'Fondatioun Thierry Van Werveke mat Sëtz hei zu Diddeleng e Courier gemeet huet un de Schäfferot fir ze froen, ob d'Méiglechkeet géif bestoen, am Kader vum PAP A Bëlleg eng Strooss nom Thierry Van Werveke ze benennen. Ech mengen, dat ass e Courier, dee mer Februar kritt hunn. Mir wëssen, dass den Thierry Van Werveke laang Liene mat Diddeleng hat, an och eng ganz Rei Filmer hei och gedréit huet an och hei net nëmmen als Acteur, mee och als Museker opgetrueden ass.

A well mer am Fong engersäits och der Fondatioun matgedeelt hunn, dass mer schonn am Kader vum PAP A Bëlleg – an et war schonn eng Kéier eng Diskussioun hei am Gemengerot fir wëllen an déi Richtung ze goen – dass mer och deem dote Quartier, deen elo réischt entsteet, dementspreechend och wäerte Fraennimm zugutt kommen, de ganze Stroosseraum, respektiv den Espace public an dass dat eng gewëssen Zäit awer wä-

ert brauchen. An dass et awer méi flott wier, à court terme eng Strooss, wéi gesot, eng Plaz, nom Thierry Van Werveke ze benennen. An mir sinn hei fënneg ginn am Quartier NeisSchmelz, well mer jo och hei zwee Gebaier hunn, déi och direkt bespillt wäerte ginn: deen ee gastronomesch, deen aneren awer och kulturell. Also se hu, mengen ech, awer och d'Identitéit tëschent engem kulturschaffende Mënsch, deen den Thierry Van Werveke war, mengen ech, och do e flotte Kader och deementspreechend weist an och d'Fondatioun mat där doter Propos och averstane war, well mer eis réckverséichert hunn, ob dat och eng Pist ass op déi ee kann och agoen. An et ass jo e verstuerwene Acteur, deen wéi 2009 vun eis gaangen ass – virun och net allze laanger Zäit. 2018 war jo och am Pomhouse eng gréisser Ausstellung vum CNA en honneur vum Thierry Van Werveke, deen jo och net nëmmen eng national, mee och eng europäesch Carrière huet, deen och eng ganz Rei Präisser kritt huet.

Déi Ausstellung 2018 am CNA huet engem jo och Ablécker ginn huet iwwer dat facetteräicht Liewen, dat hie gefouert huet als Acteur, als Museker, wéi gesot, hei zu Lëtzebuerg awer och am Ausland an och déi verschidde Präisser, déi e kritt huet. Ech mengen, dass dat heite wierklech eng flott Plaz ass, déi säi Numm kann droen, déi eng flott Identitéit souwuel deene Gebaier gëtt, déi elo do sinn, eng flott Identitéit gëtt och dem Quartier NeisSchmelz an, mengen ech, och an der lwwerleeung, dass deen dote Quartier jo och eng kulturell Bestëmmung kritt iwwer de Centre National des Collections publiques, kann een och vläicht méi wäit denken a sech soen: kann ee net d'office eng Kéier den Exercice maachen a sech iwwerleeën, ob ee net nach aner Nimm dem Quartier NeisSchmelz kann attribuieren vu kulturschaffende Leit, verstuerwene.

Mir hu jo Stroossen hei an Diddeleng, oder Plazen, déi lëtzebuenger kulturschaffende Leit schonn attribuieren sinn. Mee dat do kann ee sécherlech weiderspanne wat d'NeisSchmelz ugeet. Do muss ee sech vläicht eng Kéier zesummesetzen a sech Gedanken doriwwer maachen. Mee ech mengen, et kéint een hei e ganz ganz flotten Optakt maachen an den éischten Espace Public hei a Lëtzebuerg, dee Numm kann droen, Place Thierry Van Werveke. An och, dass dat eng flott Éier ass fir de verstuerwene Acteur selwer a fir dat Wierken, dat kreativ Wierken, dat hien och hat.

Nieft der Fondatioun Thierry Van Werveke, déi och gréng Luucht gëtt fir deen heite Wee anzeschloen, ass de Fonds du Logement och ganz positiv gestëmmt, dass een déi heite Richtung och ka goen. Sou mengen ech, dass och déi dote Plaz an och déi dote Gebaier dann och eng fest Adress kënnen kréien. An ech mengen, dass et fir dat, wat den Thierry Van Werveke effektiv geleescht huet, och vun der Stad Diddeleng, e flotte Message ka sinn, wann effektiv déi dote Plaz, déi mer hei definiert hunn, och deementspreechend säin Numm kann droen. Voilà, dat e bësschen d'lwwerleeungen, déi mer hei getätegt hunn fir dann och déi dote Plaz op NeisSchmelz Place Thierry Van Werveke ze nennen. D'Diskussioun ass op.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Also dat hei passt, dat ass wéi d'Fauscht op d'A. Dat war dat éischt, wat ech geduecht hunn, wéi ech dat hei gelies hunn. Den Thierry Van Werveke, wéi gesot, de Kulturambassadeur vun Diddeleng, vu Lëtzebuerg an en international geschätzte Schauspiller, deen international souguer heiansdo méi geschätzt war a säi Kënne war méi bekannt oft am Ausland, wéi vläicht am eegenen, wéi dat ëmmer sou ass – der Prophet im eigenen Lande. Mee wat ech och geduecht hunn, kuckt: eng vun de leschte Kéieren, wou den Thierry Van Werveke ëffentlech opgetratt war, dat war d'Presentatioun vu sengem Film – de Film iwwe säi Liewen vum Andy Bausch hei am CNA – an do hate mer eng Rezeptioun ënnen am Keller an dat war, ech mengen, ee vun de leschten ëffentlechen Optrëtter.

A wann den Thierry lo wéisst, dass mer elo eng Plaz op puer honnert Meter hannendru géifen no him benennen, da wär e richteg frou a stolz. An och déi Ausstellung 2018, déi war einfach genial gemaach. An, wéi gesot, et passt wéi d'Fauscht op A. Virun allem och, et ass jo net nëmmen e kulturelle Mënsch gewiescht, e musikalische Mënsch, mee et war virun allem och en immens konvivial Mënsch. An déi Plaz, déi mir hei benennen, dat ass eng Plaz, déi gëtt konvivial, déi gëtt animéiert vun der Konscht, déi gëtt animéiert vun engem Bistrot, vun enger Brauerei, vu Kultur. Also, ech mengen, wéi gesot, wéi d'Fauscht op A. Mir fannen dat do genial a mir sinn absolut averstan.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo, ech weess, mir schléissen eis do ganz un, och wat den Här Buergermeeschter gesot huet an dat war och mäin éischte Gedanken: dat passt wierklech tiptop dohinner. Also, eis Zoustëmmung och.

BOB CLAUDE (LSAP): Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäfferot- a Gemengerot. D'Benennung vun enger Plaz hei zu Diddeleng geet dës Kéier op Demande un de Schäfferot vun enger Associatioun, an deem Fall enger Fondatioun zeréck. Vu datt an de kommende Joeren eng Rei Stroossen a Plaze gebaut ginn an doduerch et zu sëllege Benennunge kënnt, wier et interessant, fir datt dann de Schäfferot och d'Bierger mat an d'Wiel abezitt. Esou wäit, esou gutt. Haut geet et drëm, fir vum Thierry Van Werveke ze schwätzen. Den Thierry war a senger Acteur- a Musekercarrière vun Ufank un enk mat Diddeleng verbonnen. Hien huet hei 1986 Musekgrupp NAZZ NAZZ an d'Liewe geruff. Vill Leit hunn deemools net schlecht gestaunt wéi e puer Joer méi spéit NAZZ NAZZ op der Kierchentrap e Concert gespillt huet.

Seng Verbindung zu eiser Stad huet hien 1989 mam Andy Bausch am Film mat deem Zongebriechertitel – an do steet en, da brauch ech en net ze soen («A Wopbaloobop a Lopbamboum») – ënnerstrach. Spéitstens vun do u war hien e Begrëff fir vill Diddelenger. Szenen am Schmelzer Quartier, virun an am Briller Tuerm-sall, um Stade Jos Nosbaum, sou wéi an der opener Schwämm si bis haut an eiser Erënnerung bliwwen. Duerno huet den Thierry eng remarkabel Carrière am In- an Ausland gemaach. Och wann hien a senge Filmrollen oft de béise Jong gespillt huet, war hien am private Liewen

dach e ganz patente a feine Kärel. Well den Thierry sech mat enger Diddelenger Spillschoulsjoffer bestued huet, hat ech d'Chance hie berufflech um Telefon oder beim Schoufest am Quartier Italien méi no kennen ze léieren.

Fir seng Memoire ze éieren gëtt eng Plaz elo um Site NeiSchmelz no him benannt. D'LSAP Fraktioun begreisst dese Choix vum Schäfferot. Déi Plaz mat deene verschiddene Gebaier ronderëm wäert sech fir artistesch Projeten an Aktivitéiten eegnen. Den DKollektiv am Gebai Vestiaire/Wagonnage, déi nei Danzschoul, den neie Restaurant mat Mikro-Brasserie am Hall des Locomotives an déi restauréiert Lokomotiv ADU Nr. 6 wäerte gutt dohinner passen. Dat ass jiddefalls eng würdeg Plaz fir d'Erënnerung un den Thierry van Werveke ze veréiwegen.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo, ech mengen, ech muss einfach zu Éiere vum Thierry iergendeppes soen. Et ass awer schonn esou vill gesot ginn an ech kann natierlech och nëmmen allem zoustëmmen a jo... Ech mengen, jiddereen huet dat selwescht geduecht: déi Plaz ass einfach super, a mat Sécherheet géif hien sech do vill méi wuel fillen, wéi iegrendwou an enger Strooss an engem Wunnquartier. Ech mengen, mir sinn eis all ens. Merci

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci Här Buergermeeschter. Et gëtt jo vum Thierry esou eng bekannt schwaarz-wäiss, e bëssche méi graff Foto, déi keng immens héich Resolutioun huet. An elo froen ech mech, wier et da net vläicht méiglech, déi Foto op där Plaz do am Groussen an de Buedem anzeleossen? Sou kéint ee mat de Plättercher mat verschiddenen Téin dat Bild vum Thierry Van Werveke, wat engem ëmmer virhänkt, an de Buedem amaachen. An eng aner Propos: wa mer nach en Numm fir eng aner Strooss op NeiSchmelz sichen, da kënne mer jo „Johnny Chicago“ huelen.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Soulaang d'NeiSchmelz net Kleng-Chicago gëtt ass et gutt. Dat doten ass eng Propos, déi ee kann ophuelen. Et kann ee sech jo och iwweeleeën, et huet ee jo och Gebaier, déi jo och ersiichtlech bespillt ginn, wéi de Vestiaire/Wagonnage, wéi eisen neie Restaurant mat der Brauerei. Ech mengen, do muss ee sech jo generell vläicht och iwweeleeën, kann een op déi dote Plaz och net einfach mol generell Photoe maachen. D'Allusioun op d'Schmelz, awer och d'Allusioun op den Thierry Van Werveke. Et muss ee jo net dat doten op de Buedem maachen. Mir kënnen dat och anescht ersiichtlech opbereeden. Et kann ee vläicht mat der Fondatioun schwätzen. Vläch hu si och nach Iddien, wéi een déi Plaz bespille kann. Ech mengen, dat soll ee partnerschaftlech ugoen, wéi déi Plaz och eng Identitéit kritt nieft dem Numm, awer och uspillen, och visuell, wou een och da souwuel d'ARBED, wéi awer och den Acteur kann erëmfannen.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Um Buedem géif een et op Géoportail gesinn.



DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Ceci dit, mat der grousser Zoustëmmeung fir d'Denominatioun vun dëser Plaz a mat der ganz grousser Hoffnung, dass d'NeiSchmelz net Kleng-Chicago gëtt, géif ech proposéieren, dass mer zum Vott iwwerginn.

Wien ass mat dëser Denominatioun averstanen?
Dat ass unanime. Da soen ech lech villmoools Merci.

5. AVIS ZUM AVANT-PROJET VUM RÉGLEMENT GRAND-DUCAL DEEN D'ZON « DÄREBËSCH – WAAL – HELLÉNGERBËSCH » UM TERRITOIRE VUN DER GEMENG DIDDELENG ZUR SCHUTZZON VUN NATIONALEM INTERESSI DEKLARÉIERT ALS NATURSCHUTZGEBITT A CORRIDOR ÉCOLOGIQUE

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Voilà, da géife mer iwwergoen op den Avis vum Avant-Projet vum Règlement Grand-Ducal an da géif ech hei dem René Manderscheid d'Wuert ginn.

RENÉ MANDERSCHIED (LSAP): De Buegermeeschter huet schonn alles gesot: deen Avant-Projet huet eist Gréngt Haus analyséiert an och gekuckt. Et ass de Patrick Hoss an d'Lis Cloos, déi sech déi Méi gemeet hunn. An ech sinn och frou, dass d'Lis Cloos de Mueren sech Zäit geholl huet, fir am Gemengerot eis dee Projet ze presentéieren. An ech géif dann dem Lis Cloos d'Wuert ginn. Merci.

LIS CLOOS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Gudde Moien. Ech wäert lech an de nächste Minutte kuerz den Avant-Projet vum Règlement Grand-Ducal virstellen, an deem en neit zesummenhängend Naturschutzgebitt an e Corridor écologique vun den Zonen Därebësch, Waal, Helléngerbësch geschaf gëtt, presentéieren. Dës Zone befanne sech op den Territoirë vun de Gemengen Diddeleng, Beetebuerg a Réiser. De legislative Kader fir dësen Avis, deen de Gemengerot soll huelen, ass den Artikel 40 vum Naturschutzgesetz vum 18. Juli 2018. Hei op dësem Slide gesitt Der den Oflaf. Den Dossier ass bei eis de 7. Februar erakomm. Fir dass mer d'Delaisen aus dem

Punkt 3 anhalen kënnen, hu mir d'Publicatioun vum 1. Mäerz bis den 31. Mäerz gemaach. Während dëser Enquête publique si keng Observatiounen oder Reklamatiounen erakomm. An nom Oflaf vun der Enquête publique bestinn dann 30 Deeg Zäit, fir den Avis auszeschaffen, dee vum Gemengerot stëmme ze loossen an un de Ministère zeréck ze schécken. Dat heescht, mam Vott vum haut wier deen Delais dann och agehal.

D'Presentatioun wäert elo op däitsch weidergoen, well den Ausweisungsdossier, deen de Bureau Ecotop ausgeschafft huet, och op däitsch ass. Dofir switche mer dann elo d'Sprooch vun der Presentatioun. An deem Ausweisungsdossier geet et drëms, de Projet ze presentéieren, a si ginn do op 4 verschidde Punkten an. Den éischte Punkt ass d'Beschriewung vum geplangten Naturschutzgebitt. Den zweete Punkt ass d'faunistesch an d'floristesch Bedeitung. Dann, den drëtten Punkt, do geet et ëm d'Beanträchtegen an deem geplangten Naturschutzgebitt. An am véierte Punkt ginn d'Moossname beschriwwen, déi virgesi sinn an deem Gebitt.

Da gi mer eng Kéier kuerz duerch déi 4 Punkten, also wierklech just ganz iwwerflächlech. An der Beschriewung vum Gebitt geet et engersäits drëms, wou läit dat Gebitt? Wéi grouss ass et? Wéi gesäit d'Topographie aus? Wéi gesäit d'Hydrologie aus, d'Geologie, d'Buedemzesummesetzung? Wéi ass dat Gebitt historesch genotzt ginn? Wéi gesinn d'Propriétéitsverhältnisser aus? Wéi ass et mat der Juegd? A wéi gesäit déi aktuell Flächenotzung aus? A wou si Biotoper schonn ausgewisen? Déi faunistesch a floristesch Bedeitung, do gëtt ebe gekuckt, wat fir eng Déiere kommen an de verschidde Gebitter, an deene Zone vir? Wéi gesäit d'Planzewelt aus? An och eben, et gëtt e bëssche méi genau drop gekuckt, wat fir eng Biotoper schonn existéieren.

Dann d'Beanträchtegen vum Naturschutzgebitt. Do geet et engersäits ze kucken, also dat ass engersäits de Verkéier an d'Infrastruktur. Ech mengen, ech wäert elo op den nächste Sliden d'Kaart eng Kéier weisen, da gëtt dat alles méi kloer, mee d'A3 geet wierklech riicht do duerch. Dat heescht, de Verkéier ass eng grouss Beanträchtegen fir dat Naturschutzgebitt. Da gëtt och gekuckt, wéi gesäit et bei de Stëllgewässer aus, bei de Fließgewässer. D'intensiv Landwirtschaft ass och e Volet, deen eng Beanträchtegen duerstellt an eben och wéi et bei de Bëscher ausgesäit. Bei de Moossnamen, do geet et am Fong dorëms, wéi d'Gestioun vum zukünftege Gebitt ausgesäit. An do ass et esou, dass déi Managementpläng vun deenen zwee bessteeënde Natura 2000 Gebitter zesummegeleucht ginn. Dat ass engersäits d'Natura 2000 Gebitt vum Waal an d'Natura 2000 Gebitt vum Ginzebierg. Déi ginn zesummegeleucht an ergänzt do wou et noutwenneg ass. Hei ass dann eng Iwwersiicht vun deem Gebitt.

Dir gesitt hei roud. Dat ass d'Grenz vun deem nei geschafenen Naturschutzgebitt. Dat heescht, dat geet hei ëstlech vun der A3, erstreckt dat sech vu Réiser iwwer dee klengen Deel vun Beetebuerg, erof iwwer de Massif Forestier du Waal an dann hei bis erof op d'Grenz vu Frankräich. Dann, fir déi Verbindung och ze schafe vun deem Corridor écologique, gëtt hei eng Wëldbréck gebaut. Ech hoffen dir gesitt se – et ass relativ kleng

gemolt. Mee se ass südlech vun der aler Douane. An da geet et eriwwer westlech vun der A3 an den Därebësch. Dat ass da schonn d'Gebitt vum Natura 2000 Zone Ginzebiërg. Déi besteeënd Natura 2000 Gebitt sinn an deem schrafféierten duergestalt. Dat heescht hei engersäits de Massif Forestier Waal an hei op dëser Säit de Ginzebiërg. Hei ass och de neie Verdeeler, den neien Échangeur agezeechent.

Vun der Gréisst hier ass et eng Fläch vun 222 Hektar a 70% vun deem Gebitt läit um Territoire vun Diddeleng. Wat een nach heizou ka soen, gemäß der Ëmweltverwaltung ass dat Gebitt, wat ech hei mat der Maus weisen, Fiichtkandel, wier dat ee neie potentielle Site fir eng Bauschuttdeponie. Hei op dëser Kaart gesitt Der den nördlechen Deel vum Gebitt, an do gesäit een am Fong wéi d'Fläche genotzt ginn, wou Bëscher sinn, wou Wise sinn, Mourcen a sou weider. Dat ass einfach fir duerzesstellen, wéi déi Fläch ausgesäit. Dann hei nach eng Kéier genau dat selwescht fir de südlechen Deel. Op dësem Slide gesäit een dann déi gefäerdet an/oder geschützte Planzenarten, déi am Gebitt virzefanne sinn. Et sinn am ganze 17 verschidden Aarten, déi hei sinn.

Dann, op dësem Slide gesäit een déi selwecht Analys fir d'Déieren, déi hei virzefanne sinn. Dir gesitt hei, dass d'Wëllkaz eben och an deem Beräich doheem ass. A wat een och gesäit ass, dass an dësem Beräich, wat u sech elo net zu deem potentiellen Naturschutzgebitt gehéiert, den Neie Waal, do ass awer och de Wäissstorch an de Wespenbussard gesiicht ginn. Mir hunn dat bemierkt, well ebe mir an eisem Avis vun haut, dee mer preparéiert hunn, och zeréckdenken un deem Avis, deem 2012 ausgeschafft ginn ass fir deen, wou den Neie Waal e Site war fir eng Bauschuttdeponie, wou mer awer opgrond vun der Analys, déi de Bureau BioMonitor ausgeschafft huet, gesot hunn – do hu mer jo en Avis Négatif ofginn. An an dësem Avis géife mer eben d'Ministesch invitieren ze préifen, ob een net deen Deel vum Neie Waal och an dee Corridor écologique abezéie kéint. Eis Conclusioun ass, dass dat ee Projet ass, deen eben den Austausch vun de verschiddenen Aarte férdert an dofir géife mir e positiven Avis ofginn. Ech soen lech Merci a falls nach Froe sinn, sinn ech nach do.

JEAN-PAUL GANGLER (CSV): Merci. Ech hätt zwou Froen. Déi éischt ass mol: mir hunn elo op deem Schema do gesinn, déi Kréngel, déi do no riets ausgeschafft ass, voilà, dee Rondel do, do hues de elo gesot, dat ass fir dee neien Échangeur: Dee neien Échangeur kënnt awer méi wäit erop. Do war jo awer och eng Kéier sou e Park & Ride an der Diskussioun, nieft der Autobunn. Ass et net vläicht fir dee virgesinn? Dat ass net ganz kloer. Well do wou déi Kréngel ass, dat ass am Fong de Wee, deen eriwwer an de Waal geet, iwwert d'Bréck – wou de fréieren Tunnel war. Par contre, wann herno deen Échangeur hanne bei der Industriezon ausgebaut gëtt, fir dass d'Autoen direkt kënne Richtung Frankräich fueren, oder dass se, wann se aus Frankräich kommen, direkt kënne Richtung Zoufftger Strooss fueren, dat läit jo méi wäit erop. Dat sinn also zwou verschidde Saachen. An déi aner Saach, wou ech mech froen: ass dann no eiser Aktioun deemools 2012 wéinst der Bauschuttdeponie ni deen Neie Waal op iergendeng Manéier geschützt ginn? Ech mengen, et ass zwar festgehale

ginn, dass do ni eng Bauschuttdeponie hikënt, mee ech wees net, ob mer déi grouss Garantien hunn. Wann elo awer erëm eng Kéier een op déi Iddi kéim, do wëllen eng Bauschuttdeponie ze maachen, dann hu mer schon erëm, ausser deenen Argumenter, wou mer schon demools ugefuert hunn, keng nei Handhab, fir dat ze verhënneren. Den Neie Waal u sech ass jo a guer kenger Form geschützt, obschonn do jo awer och schützenswäert Biotope sinn an Déierenarten a Planzenarten. Dat war meng Fro just. Merci.

MONIQUE HEINEN (DÉI GRÉNG): Jo merci fir d'Wuert a Merci och fir d'Presentatioun an och déi Dokumenter, déi mer all kruten. Also mäi gréngt Häerz, dat jubelt bei dësem Vott. Zënter laange Joere plädieren d'Naturschützer fir den Därebësch als Réserve naturelle auszuweisen, an hei ass jo elo weider Etapp. Ech selwer hat d'Chance de leschte Samschdegmoien un enger Visite guidée mat Natur an Ëmwelt am Därebësch deelzuehelen. Mir war knapps fort, dunn ass eng Léierchen an der Wiss nieft eis opgefllunn. Op däitsch ass dat eng „Feldlerche“. An d'Begeeschterung bei de Naturschützer war risegrouss, well dëse Vull ass extrem rar ginn zu Lëtzebuërg. An ech zielen lech elo net op, wéi eng Déieren a Planze mer nach gesinn hunn an dësem Sternmieren-Eichenhain-Buche-Bësch. Dat kënnt Der jo an den Dokumenter alles liesen, firwat dëst Gebitt esou wäertvoll a schützenswäert ass, wéi eng Aarten hei liewen. Et sinn der op jidde Fall ganz vill. De ganzen Areal vun der neier Reserv ass extrem villfältig. Dat ass jo elo net nëmmen den Därebësch. Dat geet jo och bis an de Waal, an den Helléngerbësch. Et ass Bësch. Et sinn awer och Wisen. Et ass oppe Landschaft, déi och ganz wichteg ginn ass fir gefäerdet Aarten ze schützen. Et handelt sech och ëm Gewässer, zum Beispill den Tilleweier ass mat dran an nach aner Weieren.

An déi nei Reserv erfëllt zwou Funktiounen: also d'Erhale vun der Biodiversitéit ass e wichtige Grond an ënneren anerem ass dann och e Corridor ze schafe fir d'Wëld, dat heescht eng Verbindung. Déi geet dann eben souguer vun der Haart, Ginzebiërg, Bloklapp, Därebësch eriwwer an de Waal an de Bësch och vu Zoufftgen. Dëse Passage gëtt jo vun der Autobunn zerschnidden. Am Moment gëtt et eng Bréck fir bei de Waal an et gëtt awer och – dat wëssen elo net esou vill Leit – en Tunnel ënnert der Autobunn. Déi leschte Kéier, wou ech do war, do war do awer Drot. Ech wees net ob do iwwerhaupt Wëld passéiere kann. Mee dofir soll jo elo eng Wëldbréck gebaut ginn. Den Drock op d'Natur an dësem Deel vun Diddeleng ass grouss. Mir hunn d'Autobunn, mir hunn och eng Zuchstreck, vill Industrie ganz no bäi an da gesäit ee jo och op de Pläng: do war jo dann och emol eng Kéier geplangt, eng Bauschuttdeponie ze bauen. Dat war jo du vum Dësch. Dann de Plang mat där neier Autobunnsofpaart.

Ech mengen schonn, dass déi do gebaut gëtt, wou se gemoolt ass, well dat war, wéi de Multimodal komm ass. Dunn ass deemools gesot ginn, et kéim nach eng Ofpaart fir Richtung Frankräich, well déi gëtt et jo net. Am Télécran war e Plang, wéi den Ausbau vun der Autobunn elo virugeet. Dat gëtt jo a Phasen... An dat mengen ech awer schonn, dass déi do gebaut gëtt. Ech hunn och e Plang vun engem Park & Ride gesinn. Dat war elo am

Kader vu wou den Här Bausch elo geschwë kënnt, vum Plan National de Mobilité, do ass effektiv och op där doter Plaz e Park & Ride, esou e klengen Ikon agezeechent. Bon, ob dat elo alles kënnt, kënne mer jo elo net hei soen. Mee sou Pläng bestinn awer. Also et ginn emol sou Pläng, wou een dat kann drop liesen. Dofir fanne mir och gutt, datt an eiser Deliberatioun eng Opfuerderung un d'Ministesch drasteet fir och deen Neie Waal mat an d'Reserv opzehuelen.

Zwou Froe nach. Déi eng ass betreffend d'Landwirtschaft. Eng vun de Moosname besteet dodran, d'Bauern z'iwwerzeegen op de Wee ze goe vun extensiver Bewirtschaftung mat eventuell Biodiversitéitsvertrëg. Do hu mer eis gefrot, wie mécht dann déi Vertrëg? Leeft dat iwver SICONA oder iwver d'Naturverwaltung? Jo an déi aner Fro war d'Wëldebréck. Well am Text stoung, se kéim nördlech vun der Deponie, mee dat ass jo awer dann net richtig, well se ass jo awer da südlech vun der Douane. Dat ka jo dann net stëmmen. Ginn et zwou Wëldebrécken? Déi aner ass awer net agezeechent. Dat heescht, do kënnt nach eng? Do kënnt nach eng? Tip-top. Dann awer nach ofschléissend eng Erklärung zum Wuert "Där", wou dat hirkënnt, well dat sinn ech och e Samschdeg gewuer ginn an ech hunn dat interessant fonnt. Ech wollt lech dat elo einfach hei weiderginn. Also dat kënnt vum däitschen "Dörre". Dat war am Bësch eng Feierplaz, sou am Buedem, wou am Fong eng Aart Grill war. Do ass de Fluess gedreschent ginn, fir dass ee kann, wann dat dann drësche war, dass een déi Fasere méi einfach erof kéint zéien. Also do kënnt dat Wuert "Där" hier, well fréier ass eben och – muss dann och hei Fluss ugebaut gi sinn. Voilà, dat zu der Petite histoire. Also mir stëmmen dat natierlech alles mat. Merci.

ROMAIN ZUANG (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen. Merci fir d'éischt mol dem Lis Cloos fir seng Erklärungen. Sënn an Zweck vun dësem Avant-Projet ass et, d'Natura 2000 Zonen zesammen ze bréngen. Mir hunn aktuell dräi där Zonen op eise Territoire: eng Kéier d'Haart, eng Kéier de Ginzebierg an de Waal. Ugrenzend un Diddeleng Ginzebierg um Blok-lapp, wou d'Eisebunnsliin via Frankräich aktuell d'Grenz vun dëser Zon mécht, soll dës Réserve naturelle elo verbonne gi mat där geplangtener Zon Därebësch – Waal – Helléngerbësch. De gréissten Deel vun dëser Zon vun 222,3 Hektar läit op Diddelenger Territoire mat 170,5 Hektar, gefollegt vu Réiser mat 37,5 Hektar a Beetebuerg mat just 14,3 Hektar. Den Haaptgrond vun der Ausweisung vum geplangte Naturschutzgebitt ass et, e bebauungsfräie Corridor fir den Austausch vun den Aarten an d'Erhaltung vun der Biodiversitéit ze schafen. Dofir mussen zwou Wëldebrécken, eng Kéier eng iwver d'A3 am Beräich vum Därebësch als Verbindung mam Waal an den ugrenzende Bësch aus Frankräich an déi aner Bréck iwver d'A13, südwestlech vun Helléng, sou dass e risege Corridor bis an d'Bësch vu Beetebuerg, Crautem a Fréiseng entsteet, wou ënner anerem den Austausch tëscht de Populatiounen vun der europawäit gefäerdeter Wëldekaz erméiglecht soll ginn.

Et ass och schonn eng Bestandsopnam vun der Fauna a Flora vum geplangte Naturschutz gemeet gi fir d'Wichtigkeet vun dësem Projet ze begrënnen. Wat d'Vigel ubelaangt, si 14 vun 20 Aarten, déi an der EU Vulle-

schutzrichtliin, respektiv op der roudler Lëscht vun de Brutvigel vu Lëtzebuerg stinn, beobacht ginn. Bei de Fliedermais si 6 Aarten a bei den Amphibien 6 vu 14 einheimesch Aarte nogewise ginn. Wat d'Flora am geplangte Naturschutzgebitt ugeet, sou komme 26 Planzenaarte vir, déi entweder op der roudler Lëscht vun de Planze sinn, déi gefäerdet sinn, respektiv gesetzlech geschützt sinn. Et ass och e Relevé vu Biotopen an Habitaten am Därebësch an am Waal ze fannen. Wann d'Zon Därebësch – Waal – Helléngerbësch zur Schutzzon vun nationalem Interessi gëtt, mussen d'Proprietären an d'Exploitanten, déi an dëser Zon leien an eng Aktivitéit ausüben, eng Lëscht vun 21 Recommendatiounen a Verbote respektéieren. Eise Service Protection et Environnement huet an hirer Note un de Schäfferot en Avis favorable zu dësem Avant-Projet Grand-Ducal recommendéiert. Mir ralliéieren eis dësem Avis an ënnerstëtzen och d'Propos, fir e Stéck vum Neie Waal mat an de Projet ze huelen. Ech soen lech Merci.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Jo Merci fir d'Wuert. Merci och fir d'Presentatioun. An natierlech fanne mer Naturschutzgebitt gutt a weider sou Gebitt ausweisen. Mee an dësem Fall vun enger Réserve Naturelle ze schwätzen ass awer e bësselche pompös, virun allem wat d'Déierewelt ugeet. Et ass do vill ze vill Kaméidi mat den Autobunnen. Et geet laanscht d'A3, et geet laanscht d'A13, wou immens vill Camion fueren an dat gëtt sécher net besser mam Ausbau vun der Autobunn A3 op zwee mol dräi Spueren. Well: méi Strooss generéiert méi Verkéier a méi Autoen. Et soll eng Spur gi fir Bussen an Autoe, wou méi Leit dra sëtzen. Mee doduerch, dass dann eben eng Spuer bäikënnt, gëtt jo dann awer Plaz gemaach fir all déi aner Autoen. Also ass sécher duerno nach méi Verkéier an also nach méi Kaméidi. Déi Lénk waren a sinn déi eenzeg Partei, déi géint dësen Ausbau ass. Et gëtt gesot, an deem Gebitt do wiere ganz vill Déieren. Ech gleewen dat dann och. Ënner anerem dann och vill Wëldekazen. Trotzdem ass et bal net ze gleewen, well et eben einfach keng roueg Plaz ass.

Et ass praktesch iwerall am Norden, am Westen an am Süden de Norden an de Westen an de Süden ass Autobunn. Et ginn zwou Wëldebrécke gebaut. Dat ass och begrëssenwäert. Et wäert ee sech awer froen, wéivill Déieren sech trauen, do driwwer ze goen, mee bon. Wann et der nëmmen e puer sinn, da si se alt sécher riwwer komm, mee wéint dem Kaméidi wäerten et der net esou vill sinn. Da stellt sech d'Fro, wéi dat Gebitt laanscht d'Autobunn ausgewise ginn ass. Déi Zonen, wou de Bësch ofgeholzt gëtt fir déi drëtt Spur ze baue vun der Autobunn, déi ass bestëmmt virdrun aus dem Naturschutzgebitt einfach erausgeholl ginn. Et wäert warscheinlech sou sinn, wéi sou oft. Wéi zum Beispill zu Suessem, wou fir d'éischt Pläng fir ofzehlze gemaach ginn an duerno dann eréischt en Naturschutzgebitt aus dem Rescht. Näischtdestotrotz ass et natierlech gutt, Naturschutzzonen ausweisen a mir sinn dann och dofir. Merci.

LIS CLOOS (SERVICE ÉCOLOGIQUE): Jo, also zu Échangeur, ech kenne just deen heite Plang, mee do steet eben "Geplante Anschlussstelle Düdelingen Zentrum", sou dass ech effektiv op Grondlag vun deenen Dokumenter,

déi mir virleien, dovunner ausginn, dass deen dann awer heihinner wäert kommen. Et ass effektiv awer och ee Park & Ride geplangt, souwäit ech wees. Ech kann awer elo leider net direkt soe, wou dee genau hikënnt, mee dee muss dann hei och an déi Géigend hikommen. Souwäit ech wees, ass den Neie Waal säit 2012 nach net geschützt. Dofir eben och déi Propos, en elo eventuell mat an dat heite Gebitt opzehuelen. Dann déi Fro mat der Landwirtschaft: effektiv, déi Landwirtschaft, déi an deem Gebitt hei besteet, déi ass intensiv. Et si just 6%, mengen ech, déi am Moment extensiv bedriwwe ginn. Dat ass elo hei eben op där aler Deponie. A wien elo déi Verträg ausschafft, do muss ech mech och informéieren. Dat deet mer Leed, ech kann dat elo net op der Plaz beäntweren, ob dat de SICONA ass, oder... Dat kann ech noreechen. Ech mengen, dat wieren d'Froen all gewiescht, oder war nach eppes, wat ech elo net notéiert hunn?

ROMAIN ZUANG (LSAP): Ech wollt nach eng Remark maachen zu deem Échangeur. Deen ass extra verluecht ginn, well do eng Baach leeft. Dat gesitt Dir, dee bloe Stréch do. An et war deemools gesot ginn, fir dee net ze zerstéieren, ass den zweeten Deel vum Échangeur – et ass jo am Fong en zweeten Deel: d'Opfaart fir op d'Autobunn besteet jo seit Enn de 70er Joeren an déi ënnescht aus Richtung Frankraich kommend gëtt jo just, dass mer direkt op Diddeleng Centre rausfueren kënnen an net méi iwver d'Ausfaart Diddeng-Biereng brauchen ze fueren..

Mee se ass verluecht ginn eben just duerch déi Baach. Da wollt ech just nach ee Wuert zu der Wëldebréck soen. Dat ass net déi éischt Wëldebréck, déi gebaut gëtt an ech kann lech assuréieren, Madamm Erpelding, dass déi Wëldebrécken immens vill vun Déieren ugeholl gëtt. Déi huet jo och éischtens mol héich Wänn, huet en décke natierleche Belag. Komescherweis huet de Kaméidi keng Inzidenz op d'Déieren. D'Wëldebréck an d'Réi, kann ech lech just soen, déi leie ganz oft laanscht d'Autobunn. Also dat ass kee Grond. D'Wëldebréck liewe mam Kaméidi op.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Merci nach eng Kéier fir déi dote Präzisiounen. Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer dat heiten ofstëmmen. Wien ass mam Avis, sou wéi en haut hei presentéiert an diskutéiert gouf, averstanen, en Avis, dee favorabel ass? **Dat ass unanime.** Da soen ech och dem Gemengrot villmools Merci. An och dem Lis Cloos Merci fir seng Präsenz an och fir déi néideg Erklärungen.



6. PERSONAL - SCHAFFUNG VUN ENGEM VOLLZÄIT-POSTE FIR E GEMENGEBEAMTEN AM GROUPE DE TRAITEMENT BI, ADMINISTRATIF (ECOLE RÉGIONALE DE MUSIQUE)

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Da géife mer iwwergoen op de Punkt vum Personal. D'regional Museksschoul kritt en neie Posten. Claudia.


CLAUDIA DALL'AGNOL (LSAP - SCHÄFFIN): Jo Merci fir d'Wuert. Dir wësst vläicht, dass d'Doris Müller, eis ganz dynamesch Sekretärin an der Museksschoul op de leschten Dezember a seng wuelverdénngte Pensioun wëllt goen. Et huet awer virdrun nach Congé ranzehuelen. Dat heescht, datt et u sech ab 15. Juli dëst Joer net méi eis zu Déngschte steet. Dat ass d'Enn vum Schouljoer, also. D'Doris war eng Carrière C a schafft 40 Stonnen. Mir wëllen awer elo en neie Poste kreéieren an der Carrière B1 ab dem 1. Juli, vu datt och an der Museksschoul – an ech mengen, dat kënnt der lech virstellen, well dat ass iwwerall sou – d'Dossieren ëmmer méi komplex ginn. Dem Doris säi Posten, dee géif natierlech ofgeschafft ginn, deen Dag wou et och a Pensioun geet – dat heescht op den 01.01. Als Info zu deenen anere Persounen, déi nach do schaffen: dat ass den Här Naegelen, ass eng Carrière C an dee schafft 40 Stonnen an d'Natascha Albanese, dat ass och eng Carrière C1 an dat schafft hallefdaags, also 20 Stonnen.

Den Direkter hat e ganzen Dossier och hannendru geluecht mat den Tâchen – de Patrick weist en och nach eng Kéier grad um Écran – mat all den Tâche, wat do ze maachen ass. An ech mengen, Dir wësst och, datt mer gläich erëm nach eng Kéier müssen déi provisoersch Schoulorganisatioun stëmme, wéi dat all Joers de Fall ass. Och do wäert natierlech och de Bob erëm dobäi si fir wann do méi allgemeng Froen zu der Museksschoul am grouse Ganzen, respektiv zu de Chiffren, déi Der da wäert um Dësch leien hunn, si vun Ärer Säit. Elo géif ech lech bieten, dee Posten ze stëmmen, fir datt mer eben en Ersatz kréien an enger Carrière driwwer fir eist Doris.

THESSY ERPELDING (DÉI LÉNK): Merci. Jo mir fannen et gutt, dass hei schon erëm eng Kéier, wéi et elo a leschter Zäit méi oft gemaach ginn ass, dru geduecht gëtt, e Posten ze kreéieren an dann och ze besetzen, éier een anere geet an dann eréischt laang iwwerleet fir de Posten auszeschreiwen. Esou entsteet kee grousst Lach. Wéi den Zoufall et wëllt, dat ass Zoufall, mee ech mengen, et ass e gudden Zäitpunkt fir d'Museksschoul, fir dass déi nei Persoun an der Vakanz ufänkt, wa keng Schüler do sinn an eben direkt en neit Schouljoer vu vir u mat ageschafft gëtt a dat och mat erlieft. An dass aus engem Poste Carrière C1 e B1 gëtt, dat ass ze rechtfertegen, absolut. D'Ufuerderunge ginn ëmmer méi grouss an d'Dossieren méi komplizéiert. Ech wollt just eng kleng Remark maachen: et war souwisou komesch an eigentlech net logesch, dass an der Museksschoul 2014 e Poste B1 duerch en C1 ersat ginn ass an ech si frou, dass dat elo redresséiert gëtt. Merci.

MICHÈLE KAYSER-WENGLER (CSV): Jo, merci Här Buergermeeschter. Jo, mir begrëssen dat och, dass effektiv der zouhuelender Aarbecht a méi Komplexitéit vun den Aarbechte Rechnung gedroe gëtt, dass elo e Poste B1 geschaf gëtt. A mir begrëssen – wat mir och ëmmer ënnersträichen – awer och, dass da net zweegleiseg gefuer gëtt, dass duerno awer och den C1 dann ofgeschaf gëtt, wann déi aner Persoun dann a Pensioun gaangen ass. Voilà, Merci.

DAN BIANCALANA (LSAP – BUEGERMEESCHTER): Gutt, da géif ech proposéieren, dass mer zur Ofstëmmung kommen. Wien ass mat der Kreatioun vun dësem B1-Posten averstanen? **Dat ass unanime.** Da soen ech lech villmools merci.



Klimabonus


Le nouveau programme d'aides étatiques Klimabonus **encourage la rénovation énergétique et la construction durable** de logements, promeut les systèmes de chauffage favorisant les **énergies renouvelables**, incite les investissements dans le **photovoltaïque** et favorise la **mobilité douce** et l'achat de **véhicules électriques** ainsi que l'installation des **bornes de charge**.

Renseignez-vous et :

- remplacez votre vieille chaudière à énergie fossile par une alternative plus écologique ;
- produisez une électricité propre grâce à vos panneaux solaires et alimentez votre voiture électrique ;
- pensez à contacter votre commune et votre fournisseur d'énergie pour connaître les aides complémentaires.

Plus d'infos sur [klimabonus.lu](https://www.klimabonus.lu)

Conseil neutre et gratuit : [klima-agence.lu](https://www.klima-agence.lu) • 8002 11 90



Klimabonus

Das neue staatliche Förderprogramm Klimabonus fördert die **energetische Renovierung und den nachhaltigen Wohnungsbau**, fördert Heizsysteme auf Basis **erneuerbarer Energien**, schafft Anreize für Investitionen in **Photovoltaik** und fördert **sanfte Mobilität** und den Kauf von **Elektrofahrzeugen** sowie die Installation von **Ladestationen**.

Informieren Sie sich und:

- ersetzen Sie Ihren alten, mit fossilen Brennstoffen betriebenen Heizkessel durch eine umweltfreundlichere Alternative;
- produzieren Sie sauberen Strom mit Ihren Photovoltaikmodulen und betreiben Sie Ihr Elektroauto;
- denken Sie daran, Ihre Gemeinde und Ihren Energieversorger zu kontaktieren, um sich über zusätzliche Fördermittel zu informieren.

Weitere Informationen finden Sie auf [klimabonus.lu](https://www.klimabonus.lu)

Neutrale und kostenlose Beratung: [klima-agence.lu](https://www.klima-agence.lu) • 8002 11 90